

	71^e séance	Présidence
	Jeudi 12 juillet 2001	M. Jean Spautz , Président M. Niki Bettendorf , Vice-Président

Ordre du jour

1. Projet de loi 4783 portant approbation du Traité de Nice, signé le 26 février 2001, modifiant le Traité sur l'Union européenne, les Traités instituant les Communautés européennes et certains Actes connexes (*Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motions - Résolution*)

2. Discours de M. Jean Spautz, Président de la Chambre des Députés

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; MM. Henri Grethen et François Biltgen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

1. Projet de loi 4783 portant approbation du Traité de Nice, signé le 26 février 2001, modifiant le Traité sur l'Union européenne, les Traités instituant les Communautés européennes et certains Actes connexes

M. le Président.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Kommunikatiounen ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Den Här Huss freet d'Wuert.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu mer bei dësem Débat iwwert den Traité de Nice elo direkt d'Wuert gefrot laut dem Artikel 36, Punkt 4 vun eisem Chamberreglement wou steet, datt ee kéint beim Vote herno d'Prioritéit froe fir eng Motioun oder fir eng Résolution. Duerfir sinn ech hei op d'Pult komm fir dat ze maachen, well mer hei elo eng Motioun déposieren an dës Motioun ass fir eis immens wichteg, well vun der Behandlung vun dëser Motioun a vum Vote dervun herno ofhängeg ass, ob déi Gréng deen Traité de Nice kënnen stëmmen oder net.

Beim Dépôt vun dëser Motioun wëll ech lech kuerz hei erklären, wourëm et geet. Ech wëll also just hei déi Motioun virstellen, duerno kann dann d'Diskussion iwwert den Traité ufänken. Mä wann herno d'Diskussion eriwuer ass, wa jiddfer Riedner geschwat huet, dann hätte mir gären, dass dës Motioun hei Prioritéit kritt, eier mir zum Vote iwwert d'Gesetz selwer, also den Traité de Nice kommen. Ech invoquéieren hei also den Artikel 36, Punkt 4 vun eisem Chamberreglement an ech wëll lech kuerz soen, firwat dass mir déi Démarche gewielt hunn a

firwat et fir eis wichteg ass ze wëssen, wéi d'Chamber iwwert den Inhalt vun dëser Motioun denkt. Wat steet an dëser Motioun dran? An dëser Motioun stinn eng Rei vu Considéranté wou mir ganz kuerz op den Inhalt vum Traité de Nice aginn. Awer den Inhalt vum Traité de Nice ass am Fong net esou eisen Objet, et geet eis villméi ëm d'Form, wéi déi Traitée verabschiedet ginn.

Mir kennen aus der Vergaangenheet - ob dat elo den Traité d'Amsterdam war oder just virun e puer Méint den Traité de Nice -, déi intergouvernemental Form dovun an déi Aart a Weis, wéi dat gemaach ginn ass, wéi do an Nuetsitzungen alt wéi op engem arabischen Basar bis mueres fréi gefeilscht ginn ass, wou da Resultater zustane kommen, ouni datt Transparenz do ass an ouni datt do nach matgeschwat gëtt vun de Parlamenter. Dat ass eng Form, déi an eisen Aen net méi acceptabel ass, wou mir mengen - an dat ass jo och esou gesi gi vun de Regierungschefe selwer zu Nice -, datt an Zukunft eng aner Form misst gewielt ginn, méi eng demokratesch a méi eng transparent, wat esouguer vun hinne selwer herno an den Annexen och gesot ginn ass.

D'Europaparlament huet och an enger Resolution drop higewisen, datt et vun elo u misst Schluss domat sinn, datt hannert de Kulissen nach just Gefeilschs wier tëschen den Nationalstaaten, jiddferee mat sengen nationalen Egoismen, an datt ee wierklech misst eng aner Form fannen, an zwar déi, fir an d'Richtung vun engem Konvent ze goen. Engem Konvent, deen natierlech d'national Parlamenter, d'Europaparlament, d'Vertrieder vum Conseil a vun der Kommissioun matenee verbanne géif. Déi sollen driwwer diskutieren, fir eng méi demokratesch an transparent Form ze kréien, wien iwwerhaupt zu enger Décisioun am Kader vun engem Traité ka bäidroen.

Dat ass eng Fro, déi an deem Sënn och aktuell ass, well d'Europaparlament all national Parlamenter opgefuerdert huet, si solle wann ech gelift beim Vote iwwert den Traité de Nice decidéieren, a Richtung ze goe vun engem Konvent, enger Konventioun an där do Form, fir datt et méi demokratesch soll sinn. Am Memorandum vum Benelux gëtt och dovunner geschwat, datt e Forum soll gemaach ginn an engem ähnleche Sënn, wou och d'ONGe mat implizéiert solle ginn, a mir si finalmente der Meenung, datt et immens wichteg ass, datt endlech d'national Parlamenter vill méi staark an den Décisiounsprozess implizéiert ginn bei esou Traitéen.

Aus all deene Considéranzen do hu mir bei der Motioun, déi mir hei presentéieren, eng Rei Fuerderungen un d'Regierung ze riichten, wou éischters dra steet, datt mer der Meenung sinn, datt e Konvent soll gegrenzt ginn nom Modell vun der Charte des Droits fondamentaux, wou also d'Kommissioun, de Conseil, d'national Parlamenter an d'Europaparlament solle vertruede sinn, a mir fuerderen och an där Motioun datt de Fonctionnement vun deem Konvent soll geregelt ginn. Dat heescht datt et esou soll sinn, datt net nëmmen d'Majoritéitsparteien mä och d'Oppositioun, an net eng eenzeg Oppositiouspartei mä all Oppositiousparteien, pluralistesche sollen doranner kënnen vertruede sinn, net nëmmen hei am Land, mä och an deenen anere Länner.

Mir soen och, datt d'ONGe regelméisseg musse konsultéiert an agebonne ginn an de Prozess. An engem véierte Punkt - dat ass dee leschte Punkt vun där Motioun - soe mer, datt mir gären hätten, datt endlech - wa mir dovunner schwätze fir um europäesche Plang et méi dozou ze bréngen, datt d'Bierger an d'ONGen an Zivilgesetzter méi implizéiert wieren - dat, wat do am Reformsprozess ugeschwat gëtt, och hei zu Lëtzebuerg misst gemaach ginn. Dat heescht, da misst direkt hei am Land - sou wéi mir beispillsweis driwwer diskutéieren, wéi d'Décisiounen an Europa geholl ginn um Niveau vun deene verschiddene Conseils des Ministres, ob dat elo d'Finanz-, d'Agrar- oder d'Ëmweltministere sinn - d'Lëtzeburger Chamber vill méi staark an d'Preparatioun vun der Lëtzeburger Positioun implizéiert ginn, wéi dat bis haut de Fall war, éier eis Ministeren dann an d'europäesche Conseile verhandele ginn. An dat si véier Punkte wou mir mengen, datt déi Reform, déi an Europa soll gemaach ginn, och um nationale Plang misst gemaach ginn.

Et ass déi Motioun, Här President, déi ech lech domat hei wëll iwwerreechen, fir en demokrateschen a pluralisteschen Konvent fir deen nächsten Traité auszuhandelen. Ech wëll dobäi och soen, datt mer eis Décisioun zum Traité wäerten ofhängeg maache vum Vote vun där Motioun, dee mir gäre virum Vote vum Traité hätten.

Motion 1

La Chambre des Députés

- *considérant que les Etats membres ont souligné dans la déclaration 23 annexée au traité de Nice la nécessité d'améliorer et d'assurer en permanence la légitimité démocratique et la transparence de l'Union et de ses institutions, afin de les rapprocher des citoyens des Etats membres;*

- *considérant la résolution du Parlement européen sur le traité de Nice qui invite les parlements nationaux, lorsqu'ils se prononceront sur le traité de Nice, d'exprimer leur ferme engagement en faveur de la convocation d'une Convention;*

- *considérant que la mise en uvre du Traité de Nice ne sera possible que si la Déclaration de Laeken ouvre des perspectives pour une révision des mécanismes de décision de l'UE qui la rendent à la fois plus efficace et plus démocratique;*

- *considérant que le dernier Mémoire Benelux propose que la responsabilité de préparer le travail d'une CIG doit reposer sur un forum composé de représentants des parlements nationaux, du Parlement européen, de la Commission européenne et des gouvernements nationaux;*

- *considérant que la Chambre des Députés doit exercer un pouvoir de contrôle sur le gouvernement;*

- *considérant que le gouvernement attache dans ses discours officiels une grande importance à une information exhaustive et une consultation réelle de la Chambre des Députés;*

invite le Gouvernement

- *à mettre en place analogiquement à la Convention responsable de la rédaction de la Charte européenne des droits fondamentaux un organe composé de représentants du Parlement européen, de la Commission, de parlementaires nationaux et de gouvernements nationaux;*

- *à s'engager pour un caractère représentatif du mode de fonctionnement interne de cette Convention afin de permettre une représentation équitable de toutes les forces politiques des pays membres et des pays adhérents;*

- *à assurer que la Convention assure une information et une consultation régulières des organisations non-gouvernementales (ONG) par le biais d'une structure à définir en concertation étroite avec les ONG;*

- *à impliquer la Chambre des Députés dans la préparation et l'évaluation des positions du Gouvernement lors des conseils ministériels européens futurs et à assurer que cette implication se caractérise par un vrai débat contradictoire préalable et ne se contente pas d'avaliser des décisions prises par le gouvernement.*

(s.) Jean Huss, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Renée Wagener.

Une voix.- Dat gëtt jo awer alles am Rapport vum Här Fayot a vum Här Calmes gesot.

Une autre voix.- Dat steet jo am Rapport, Här Huss. Dir musst de Rapport liesen!

M. le Président.- Déi Motioun gëtt elo mol ausgedeelt an da komme mer herno drop zréck.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Mir hätte gären d'Prioritéit fir déi Motioun do par rapport zum Gesetz.

M. le Président.- Dee Punkt ass fir de Moment ofgeschloss; mir kommen herno op d'Motioun zréck.

Mir fänken elo mat der Diskussioun vum Projet de loi 4783 iwwert den Traité vun Nice un. D'Riedezäit ass nom Modell 3 festgeluegt. Béide Rapporteurs stinn 30 Minutten zur Verfügung. Et si bis elo agedroen: déi Häre Wiseler, Fayot, Helminger, Henckes, Huss a Bisdorff. D'Wuert huet elo den éischte vu béide Rapporteurs, den honorablen Här Emile Calmes.

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense

M. Emile Calmes (DP), co-rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech sinn da frou d'Wuert ze kréien, fir de Rapport därfe virstellen.

No Dänemark, deem Land, dat beim Traité vu Maastricht eréischt am zweeten Ulaaf dësem zougestëmmt huet, a Frankräich als Gaaschtland vun dëser Regierungskonferenz ass Lëtzebuerg elo dat zweet Land, dat den Traité vun Nice wäert ratifizéieren. Virop stellt sech awer natierlech d'Fro, ob et iwwerhaupt derwäert ass deen Traité dann elo hei ze stëmmen an ëmzesetzen, well mer jo alleguer wëssen, dass Irland an engem Referendum Neen zu dësem Traité gesot huet.

Et muss een allerdéngs awer och d'Konditiounen kennen, wéi de Referendum an Irland ofgehalen ginn ass, nämlech esou, dass nëmmen 30 % vun de Leit sech un deem Referendum bedeelegt hunn. 70 % waren also net stëmmen. Vun deem Drëttel, déi stëmmen waren, huet sech ongeféier méi wéi d'Halbschent géint den Traité vun Nice ausgesprach. Et ass also emol ganz sécher, dass an Irland ongeféier 16 % vun de Leit géint den Traité vun Nice sinn, an engem Land, dat awer traditionell mat enger 2/3-Majoritéit sech fir d'europäesch Verträge ausgesprach huet, net zulescht doduerch, well et just d'Europäesch Unioun war, déi dësem Land awer e groussen Deel vun deem Wuelstand bruecht huet, deen et haut huet.

Dofir sinn ech der Meenung, dass déi iresch Regierung, och vläicht niewent aneren, déi awer kee Referendum hu missen ofhalen, d'Situatioun bei sech selwer ënnerschat oder op d'mannst falsch ageschat huet, a sech awer och hirer Saach esou sécher war an dofir, mengen ech, net genuch déi positiv Säite vum Traité vun Nice ervirgestrach huet an d'Feld den Opponenten an de Kriticker a sech kampflos iwwerlooss huet.

Ech sinn der Meenung, dass déi iresch Regierung dëst soll nohuelen, fir dass dem Traité och an Irland kann zougestëmmt ginn an dann och kann a Kraaft trieden. Ech sinn nämlech der Meenung, dass deen Traité hei et verdéngt huet a Kraaft ze trieden.

Oft gëtt gesot, den Traité vun Nice wier nëmmen eng weider Etappe vum europäeschen Integrationsprozess. Et gëtt och dacks gesot, den Traité vun Nice wier kee Meilesteen an der europäescher Geschicht.

Wann een awer mat dësem Traité d'Reünifikatioun vun eisem Kontinent no méi wéi 50 Joer Trennung erméiglecht an och schlussendlech an d'Praxis ëmsetzt, dann ass dat fir mech op d'mannst en historisches Moment. Dofir huet de Vertrag vun Nice op mech op d'mannst esouvill positiv historisches Wäert wéi d'Konferenz vu Yalta, déi 1945 ofgehalen ginn ass, wou just déi Länner aus Mëtteleuropa, deene mir mat dësem Vertrag eis Dieren opmaachen, deemools ënnert d'Tutelle vun der Sowjetunioun gesat gi sinn an Europa opgedeelt ginn ass a West- an Osteuropa. Mam Traité vun Nice geet et u sech drëm dësen historisches Feeler ze korrigéieren. Dofir wëll ech emol drop zréckkomme wat d'Entwécklung sinn, d'Entwécklungen an Erënnerung ruffen, déi zum Vertrag vun Nice gefouert hunn.

Well et der Unioun net gelonge war zu Amsterdam, en vue vun där Erweiterung, déi sollt kommen, sech institutionell unzepassen, huet dat zu Nice nach eng Kéier missen nogeholl ginn, esou wéi dat och an engem Zousazprotokoll zum Traité de Nice stong, de Protokoll iwwert d'Institutionen an der Perspektiv vun der Erweiterung vun der Unioun.

An deem Protokoll stong, dass beim éischten Elargissement d'Kommissioun nëmmen duerch een nationale Représentant dierft vertruede sinn. Et stong och dran, dass eng nei Gewichtung vun de Stëmmen am Conseil misst kommen, dass virun deem Délai, wann d'Unioun 20 Memberen huet, eng zousätzlech Regierungskonferenz misst stattfannen. En plus war eng Deklaratioun ugehaangen un den Traité vun Nice vun de Belsch, de Fransosen an den Italiener, déi gefrot haten, dass méi Domäner mat qualifizierter Majoritéit sollen ofgestëmmt ginn, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Zu Köln ass d'Mandat vun der Regierungskonferenz du kloe definéiert ginn an et ass gesot ginn, et misst festgeluegt gi wat fir eng Taille a wat fir eng Kompositioun d'Kommissioun misst kréien. Et misst och eng nei Gewichtung vun de Stëmmen am Conseil festgeluegt ginn an d'Domäner, déi mat qualifizierter Majoritéit géifen ofgestëmmt ginn, missten ausgeweit ginn.

Et war och dunn de Conseil vun Helsinki am Dezember 1999, deen et erlaabt huet sech aneren Themen unzehuelen, wéi zum Beispill deene vum europäesche Parlament, der Cour des Comptes, dem

Comité économique et social an och den europäesche Juridiktiounen.

Am Conseil zu Feira am Juni 2000 ass dunn den Ordre du jour definitiv festgesat ginn an op d'verstärkt Zesummenaarbecht, d'„coopération renforcée“, ausgedehnt ginn.

D'Chamber huet sech un dësen Diskussiounen bedeelegt. Am Dezember 1999 war hei an der Chamber, am Kader vum Sommet vun Helsinki, eng Aktualitéitsdebatt. Doropshin ass decidéiert ginn eng Orientéierungsdebatt hei an der Chamber ofzehalen, fir eis Positiounen, en vue vun der Regierungskonferenz vun Nice, festzehalen. Dat ass den November 2000 geschitt.

Déi Diskussiounen hei ginn eis dann d'Geleeënheet dat, wat mir deemools gemengt haten, ze vergläiche mat deem wat festgehale ginn ass. Wann een dat emol vergläicht, da fënnt een eraus, datt eis Verrieder bei där Regierungskonferenz hir Saach méi wéi gutt gemaach hunn am Intérêt vun Europa, awer och am Intérêt vun eisem Land.

Wat sinn elo meng Sujeten.

Ech soll lech hei éischtens schwätzen iwwert d'Kommissioun, zweetens iwwert de Conseil, iwwert d'qualifizéiert Majoritéit, d'Coopération renforcée a schlussendlech iwwert d'Aussen- an d'Sécherheitspolitik.

1. Bis den 1. Januar 2005 ännert näischt. Duerno wäert dann all Land ee Verrieder an där Kommissioun hunn. Dat wëllt dann och soen, datt déi grouss Länner ee Représentant do verléieren. Dëst gëllt bis d'Kommissioun 27 Leit huet an eréischt da gëtt eng aner Zuel vu Membere vun der Kommissioun festgesat, méiglecherweis eng Zuel, déi ënnert deem läit, wat se dann ass.

Et ass awer elo scho festgehal ginn, datt déi Kommissioun no engem Rotatiounsprinzip soll funktionéieren, deen dann och déi geographesch an demographesch Gegebenheete soll respektéieren.

Vill Länner hu gemengt eng Kommissioun mat 27, oder scho mat 20, kënn net funktionéieren. Déi zoustänneg Kommissioun vun den Affaires étrangères war deemools anerer Meenung. Mir hu gemengt, wa vun Ufank un all Land duerch e Commissaire vertruede wier, da géif dat op d'mannst den Décisiounen esou vill Akzeptanz a Legitimitéit ginn, wéi wann dat net de Fall wier.

2. Eng zweet Erneuerung um Niveau vun der Kommissioun ass déi vum Rôle vum President, dee verstärkt ginn ass. De President kann an Zukunft Portefeuillé verdeelen. E ka seng eege Kommissioun remaniéieren. E ka Vizepresidenten nennen an e kann och Kommissäre froe fir ze demissionéieren, dëst natierlech mam Accord vun der Kommissioun. Dat war u sech och eis Meenung.

Mir begreissen et och, dass de President an d'Membere vun der Kommissioun an Zukunft mat qualifizierter Majoritéit kënne genannt ginn. De Corollaire vun de Bestëmmungen an der Kommissioun war natierlech eng Émgewichtung vun de Stëmmen um Niveau vum Conseil. Dat war ee vun den éischte Kompromësser. Déi grouss Länner wollten dat esou hunn, well si bereet waren op ee Commissaire ze verzichten. Dës Bestëmmunge triede gläichzäiteg a mat deene vun der Kommissioun, dat heescht bis den 1. Januar 2005 bleift alles beim alen. Déi grouss Länner behalen hir 10 Stëmmen, dat klengste Land huet der zwou. Dat ware mir bis dohinner. Vum 1. Januar 2005 u kréien déi grouss Länner 29 Stëmmen an dat klengste Land huet dann dräi Stëmmen zegutt, mä bis dohinner ass Lëtzebuerg dann net méi dat klengste Land, dann ass Malta dat klengste Land, an dofir hu mir dann och véier stëmmen zegutt.

Dat hei festzeleeë war absolut net einfach, well zum Beispill d'Fransousen um Niveau vum Conseil, nodeem déi Däitsch am Europaparlament méi Sëtz hate wéi si, si op kee Fall dermat d'accord waren, fir manner Stëmmen um Niveau vum Conseil ze hunn. D'Spue-nier zum Beispill wollten och zu deene grouss Länner gezielt ginn an hunn dofir misse 27 Stëmmen kréien. D'Belsch, déi wollten op kee Fall manner Stëmmen wéi d'Hollänner hunn, a waren och nëmmen dermat d'accord dat ze acceptéieren, wann déi zukünfteg Réunioun vum europäesche Rot zu Bréissel ofgehale géife ginn.

Et muss een allerdings hei derbäi betounen, dass Lëtzebuerg, d'Belsch an Holland zesummen esou vill Stëmmen hu wéi e grousst Land. Mir hätten also all Intérêt eis mat eisen Noperen am Kader vun der Benelux zesummenzedinn, fir eis Intérëten do ze verteidegen.

Dat hei war ee Kompromëss, wou en fin de compte jiddferree konnt zefridde sinn. E Kompromëss ass eben esou, dass keen därer verléieren. An engem Kompromëss gëtt et a sech nëmme Gewënner, an an deem Sënn konnt jo dann och all Land als Gewënner heemgoen.

Méi schwéier huet d'Tatsaach gemaach, dass eng duebel Majoritéit huet misse fonnt ginn. Et war och net einfach de Seuil vun der qualifizierter Majoritéit festzeleeën. Et huet nämlech op déi verschidde Scénarioe missen opgepasst ginn. Esou wor et net méiglech, dass déi Grouss eleng déi Kleng hätte kënnen iwwert den Dësch zéien. Et konnt jo awer och net sinn, dass déi Kleng nëmmen déi Grouss hätte kënnen iwwert den Dësch zéien. Esou ass dat zustane komm, wat erauskomm ass, an dofir gëllt ab dem Joer 2005 eng qualifizéiert Majoritéit, déi op 169 Stëmmen festgeluegt ginn ass vun 237 méigleche Stëmmen, dëst bei 15 Länner, dat entsprécht in etwa enger Majoritéit vun 71,3 %. Dat entsprécht awer och

enger Minorité de blocage vun 69 Stëmmen. Au fur et à mesure, wéi d'Länner dann an d'EU bäikommen, évoluéiert déi Majoritéit vun 71,3 op 73,4 %, a wann d'Unïoun da 27 Staten huet, da läit déi qualifizéiert Majoritéit bei 73,9 %. D'Minorité de blocage läit da bei 91 Stëmmen. Déi Majoritéit kënnt och nëmmen zustanen, wann dat enger Majoritéit vun 8 Staten entsprécht, esou wäit mer zu 15 sinn. Et entsprécht enger Majoritéit vun 13 Staten, wa mer zu 27 sinn. Dëst gëllt, wann et sech ëm Entscheedungen handelt, déi opgrond vun enger Proposition vun der Kommission gemaach ginn. An allen anere Fäll mussen 169 Stëmmen - bei 15 Länner ëmmer - erreecht ginn an d'Konditioun muss erfëllt sinn, dass 2/3 vun de Länner dermat d'accord sinn.

Zousätzlech zu deem hei gesellt sech dann nach eng drëtt Konditioun. D'Fransousen nennen déi „clause de vérification démographique“, dat heescht, all Land huet d'Recht kritt, wann eng qualifizéiert Majoritéit zustane komm ass, ze froen, dass gekuckt gëtt, ob dës Majoritéit och enger Populatioun vun 62 % entsprécht. Ass dat net de Fall, dann ass déi Décisioun net ugeholl. Ech mengen, dat kann d'Legitimitéit vun de communautairen Décisionen nëmmen ënnersträichen. D'Duebelmajoritéit entsprécht och der duebeler Natur vun der Europäescher Unïoun. Op där enger Säit eng Unïoun vu Leit an op där anerer Säit bis ewell och eng Unïoun vu Staten. Wéi gesot, dat hei war ee Kompromëss, mä souwéissou ass an der Vergaangeneheet all Décisioun opgrond vun engem Kompromëss geholl ginn. Ech sinn der Meenung, dass och ee Kompromëss, dee spët an der Nuecht geholl ginn ass oder souguer mueres fréi, nach ëmmer ee wäertvolle Kompromëss ass.

3. Deen drëtte Punkt, iwwert deen ech lech wollt schwätzen, ass deen iwwert d'Ausdehnung vun neie Beräicher op d'qualifizéiert Majoritéit. Hei handelt et sech ëm 25 Beräicher, déi aus der Eestëmmegkeet erauskommen, dat heescht, wou dann net méi Unanimitéit brauch ze bestoen. Dës Fäll sinn alleguer vu Fall zu Fall diskutéiert ginn, an all dat, wat derbäi erauskomm ass, ass dann och erëm een eenzege Kompromëss, well ee ganze Koup vun deene Beräicher an der Zäit versat sinn. Ganz oft falen d'Décisionen och net ënnert d'qualifizéiert Majoritéit, well ganz oft ass nach eng eestëmmeg Décisioun virdru gesat, ier se kënne mat qualifizierter Majoritéit entscheet ginn. Ech zielen lech nëmmen eng Partie do eraus op, well et géif ze wäit féieren, fir se alleguer hei opzezielen: Zum Beispill d'Nominatioun vum President a vun de Membere vun der Kommissioun, awer net eleng déi, och déi aner Memberen an deenen aneren europäesche Gremien, esou de Comité économique et social, de Comité des Régions, déi kënne och mat qualifizierter Majoritéit genannt ginn, awer virum allem de Generalsekretär, den Haut Représentant vun der gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik.

An der Politique commerciale ass och d'qualifizéiert Majoritéit ausgedehnt ginn op de Commerce des services. Allerdings gehéieren déi Dëngschtleeschungen, déi kultureller, audiovisueller, edukativer a gesondheetlecher Natur sinn, net derzou. Do bleift d'Unanimitéit bestoen, an dat gëllt och fir eng ganz Partie Beräicher an der Sozialpolitik, wou eng Partie ka mat qualifizierter Majoritéit ofgestëmmt ginn, déi meescht awer net, an hei handelt et sech ëm d'Sécurité sociale an ëm d'Protection sociale.

An der Regionalpolitik an an der Cohésionspolitik huet och ee Kompromëss missen hierhalen, well Spuenien jo bekanntlech gefaart huet, wann aner Länner derbäi komm sinn, net méi an deem Ausmooss aus deene Fonge kënne ze profitéieren, an dofir ass gesot ginn, dass eréischt ab 2007 dësen Domän an d'qualifizéiert Majoritéit erakënnt, nodeem dann awer och d'Perspektive fir de Fongsplang vun 2007 op 2013 festgesat gi sinn.

An der Visa-, Asyl- an Immigratiounspolitik sinn och verschidden Domäner eriwwer an d'qualifizéiert Majoritéit komm, gewëss an der Zäit versat an ënnert enger Partie Virkonditiounen.

D'Bestëmmungen, déi sech mam Euro ofginn, sinn natierlech alleguer eriwwer an d'qualifizéiert Majoritéit komm. Wat nei ass, dat ass, dass eng gemeinsam Aktioun oder Positioun am Kader vun der europäescher Aussen- a Sécherheetspolitik och an Zukunft ka mat qualifizierter Majoritéit ausgeschafft ginn.

Eis Kommissioun hat sech am Débat d'orientation derzou ausgesprach, dass zum Beispill déi direkt an déi indirekt Fiskalitéit soll am Beräich vun der Unanimitéit bleiwen. Dat ass och geschitt. Net eleng well Lëtzebuerg dat gewollt huet, mä och déi aner Länner. Gréisstendeels bleift d'Sëtzfro der Unanimitéit ënnerleeën.

Ech géif dann op de véierte Punkt kommen, deen ech hei wëll behandelen, dee vun der Coopération renforcée. Um Conseil zu Feira ass den Ordre du jour ëm verstärkt Zesummenaarbecht ausgeweit ginn. D'Coopération renforcée ass nach net mam Traité vun Amsterdam agefouert ginn, mä vun Amsterdam bis elo ass net eemol Gebrauch gemaach gi vun der verstärkter Zesummenaarbecht. Et ass emol net eng Proposition vun engem Land un d'Kommissioun gaangen, an dofir ass gemengt ginn, déi Bestëmmunge wieren ze schaarf an hätte keng Chance duerchzekommen. Dofir si se geännert ginn.

Ech géif just drun erënneren, dass d'Union économique et monétaire, dat heescht d'Afëierung vum Euro, keng Coopération renforcée war, an den Accord de Schengen och net. Dat ass et bis elo nach net ginn.

Eng vun den Haaptneierunge bei der Coopération renforcée ass, dass an Zukunft aacht Länner mussen dermat d'accord sinn, fir eng verstärkt Zesummen-

aarbecht ze maachen. Dat bedeit, dass an engem Europa vu 15 et d'Halschent ass, an an engem Europa vu 27 ass dat jo awer nëmmen een Drëttel.

D'Coopération renforcée muss fir d'Länner alleguer op sinn. Si muss den Acquis communautaire respektéieren. Allerdings ginn hir Akten an Décisiounen net zum Acquis communautaire gezielt an et muss sech dann och erginn, ier et zu enger Coopération renforcée kënnt, dass dat net um communautairen Niveau méiglech ze maachen ass, dat heescht, déi kënnen nëmmen agefouert ginn en dernier ressort, wat allerdings eng manner streng Bestëmmung ass, wéi dat virdrun de Fall war.

Wéi gesäit dat elo an deene verschiddene Pilieren aus? Am Pilier I, dem Pilier communautaire, ass den Droit de veto ofgeschaaft an ersat ginn duerch den Droit de tout Etat de demander un simple débat. Dat nennt een den Droit d'évocation.

Am Pilier communautaire kann d'Parlament och all Kéiers een Avis ginn, wann et sech ëm Domänen handelt, déi an d'Codécisioun erafalen.

D'Coopération ass am Pilier II, dee vun der gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik fir d'éischt agefouert ginn ass, fir zum Beispill eng gemeinsam Aktioun oder Positioun festzehalen. Hei gëllt allerdings virun den Droit de veto, virun allem och wéinst de militäreschen an de Verteidigungsfroen. Eng Coopération renforcée an deem Domän muss och d'Prinzipien, d'Objektiver, d'Orientatiounen an d'Kohärenz vun der gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik an hir Décisiounen, déi an deem Kader geholl ginn, selbstverständlech respektéieren.

Am drëtten Pilier, dem Pilier vun der Coopération policière et judiciaire ass de prozeduralen Deel mat deem vum Pilier I harmoniséiert ginn. Hei gëtt et dann och eng Proposition un d'Kommissioun, déi déi dann dem Conseil muss virschoen. Den Droit de veto ass och hei ofgeschaaft an ersat ginn duerch den Droit d'évocation.

Wann d'Coopération renforcée bis ewell net gebraucht ginn ass, an och vläicht net esou wichteg war, esou si mer awer der Meenung, dass an engem Europa vu 27 Länner der Coopération renforcée muss eng grouss Wichtigkeet bäigemooss ginn, fir d'europäesch Integratioun méi séier kënne virunzedreiwen a verschiddenen Domänen, wéi dat bis ewell de Fall war.

Nach ee lescht Wuert iwwert déi gemeinsam Aussen- a Sécherheetspolitik, wou d'Majorité qualifiée agefouert gëtt an och d'Coopération renforcée méiglech ass.

Et kann een a sech nëmme bedauern, dass mer hei net méi séier virukommen an hoffen, dass et engesdaags och vläicht derzou kënnt, dass d'Kommissioun an deem Domän zum Beispill den Droit d'initiative

kritt. Et muss een allerdings derbäi Suerg droen, dass och d'Verteidigungspolitik, de Contrôle démocratique garantéiert ass.

A wann ech bei der gemeinsamer europäescher Verteidigungspolitik sinn, da wëll ech soen, dass den Artikel 25 zréckbehält, dass de Comité politique et de sécurité, de COPS, ënnert der Autoritéit vum Conseil de politesche Contrôle an d'strategesch Direktioun vun den Opérations de gestion de crises, respektiv Petersmissiounen, kann iwwerhuelen. Duerch dësen Artikel si verschidden Dispositiounen am Artikel 17 iwwerfléssig ginn, notament déi, déi Referenz op d'UEO maachen.

No all Krich soe mer ëmmer erëm: Ni méi ee Krich! Dass eng Partie Leit an duerno eng Partie Länner sech nom zweete Weltkrich dat zu Häerz geholl hunn an esou eng europäesch Unioun konnt entstoen, dat huet eis erlaabt an deene leschte 50 Joer an aller Fräiheet a Fridde kënnen ze liewen.

Aner Leit, déi net zu eis gehéieren, zum Beispill déi aus Ex-Jugoslawien, haten dës Chance net. Déi, déi allerdings mengen, de Fridde, dat wier een Acquis, dee wiere mer elo scho sécher, déi iere sech. Um Fridde muss ëmmer erëm geschafft ginn.

Dëse Vertrag dréit ganz sécher derzou bäi, fir dem Fridde an der Stabilitéit eng kontinental Dimensioun ze ginn. Hien ass ee weidere Schrëtt an eise gemeinsame Bestriewen, deem nach vill Schrëtt wäerten an dierfte folgen, an dofir wëllt ech, ier ech mengem Kolleeg Rapporteur Fayot d'Wuert gi fir déi aner Punkten ze verschaffen, mat engem Zitat vum Amin Maalouf ofschléissen: „Seuls se félicitent d'être arrivés, ceux qui se savent incapables d'aller plus loin“.

An deem Sënn géif ech lech invitéieren dësem Traité zoustëmmen an lech merci soe fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den zweete Rapporteur, den honorablen Här Ben Fayot. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot (LSAP), co-rapporteur.- Här President, ech wollt d'Chamber informéieren, dass ech de Mëtteg zwou Riede wollt halen. Déi éischt selbstverständlech als Co-rapporteur, wou ech mat där néideger Reserv déi Deeler vum Rapport virdroen, déi mer zougedroe gi waren, an déi zweet als mandatierte Spriecher vu menger Partei. Ech halen natierlech d'Reienfolg an, déi virgesinn ass vun onsem Reglement. Ech wollt also fir d'éischt meng Ried als Co-rapporteur halen.

Här President, d'Deelung vun Europa, 56 Joer no Krichsenn, muss iwwerwonnen ginn. Den Antrëtt an d'Europäesch Unioun ass fir d'Länner vun Osteuropa déi eenzeg Perspektiv, fir hir politesch Stabilitéit an hir wirtschaftlech Entwécklung ze garantéieren.

Et gëtt och haut nach um europäesche Kontinent Mënschen, déi sech aus Ursaachen haassen an dofir een deen anere verfolgegen. D'Länner vun der Europäescher Unioun hunn dëst duerch hiirt 50-järegt Zesummeschaffen iwwerwonnen. Ethneschen, reliéisen, politeschen Haass um Balkan mécht aus där Regioun e geféierlecht Pulverfaass, dat ganz Europa a senger Stabilitéit an a sengem Fridde bedréit.

Elong eng Wäertegemeinschaft wéi d'Europäesch Unioun, déi de Bewäis erbruecht huet, dass een deen Haass duerch konkret Zesummeschaffen an duerch de strikte Respekt vun de Grondwäerter vun enger fräier demokratescher Gesellschaft iwwerwanne kann, ass capabel Stabilitéit a Fridden ze garantéieren. Mir müssen dofir un eise gemeinsamen Interessé schaffen a probéieren ons net exklusiv op national Interessé ze beruffen.

Här President, den Traité vun Nice, dee mer haut ratifiéiere wëllen, ass e Schrëtt um Wee fir Europa ze eenegen. Insgesamt ass den Traité vun Nice e gutt Verhandlungsergebnis fir Lëtzebuerg. Et kann ee festhalen, datt Lëtzebuerg et fäerdegbruecht huet seng Aflossméiglechkeeten an den Institutiounen vun der Europäescher Unioun ze erhalen, ob dat am Conseil, an der Kommissioun, am Parlament oder an den aneren Institutiounen ass.

Sécher läit an der Erweiterungs- an och an der Verdéiungsdynamik eng Gefor fir dës Aflossméiglechkeete vu Lëtzebuerg, wéi och iwwerengs vun anere klengen a mëttlere Länner.

Am Conseil zum Beispill gi mer vun zwou op véier Stëmme erop, also duebel esou vill wéi bis elo, mä déi grouss Länner gi vun 10 op 29 erop, also dräimol esou vill. Dëst war sécher de Präis fir aner Zougeständnisse vun de gréisere Länner, zum Beispill bei der Zuel vun den Deputéierten oder bei der Zesummesetzung vun der Kommissioun.

Mä d'Europäesch Unioun ass jo kee Veräin vun Engelcher. Et gëtt handfest Muechtinteressen, besonnesch vun de grouss Länner, a wat natierlech d'Europäesch Unioun méi staark a méi en internationale Machtfaktor gëtt, de Geescht vum Partenariat tëscht klengen a grouss Länner riskéiert ofzehuelen. An dat muss een dann de grouss Partner ëmmer erëm an Erënnerung ruffen. Dass nämlech dee Partenariat dat ass, wat den Erfolleg vun der Europäescher Unioun mécht. Datt kleng a mëttelgrouss Länner hir Zukunft zesumme mat grouss gestalte kënnen a müssen.

Kritiker vum Vertrag vun Nice behaupten op Grond vun den zukünftege Majoritéitsverhältnisse am Conseil oder duerch d'Eropsetze vun der Zuel vun den Deputéierten am Europaparlament, dass all Länner, ausser de fënnef gréissten, ënner e Seuil d'insignifiance géife falen. Dat heescht, dass se de facto an Zukunft näischt méi ze soen hätten.

Ech kann déi Aschätzung net deelen. Ech menge schonn, dass onsen Afloss net vu renger Zuelenarithmetik ofhänkt, mä ganz oft vun Asaz, Intelligenz a Verhandlungsgeschéck.

Dëst ass zum Beispill ganz besonnesch wouer am Europaparlament. Lëtzebuerg behält dora sechs Deputéiert. Dëst war de Wonsch vun dësem Haus, fir dass all politesch Familljen eng Chance hätte fir derbäi ze sinn.

Entgéint dem Vertrag vun Amsterdam, deen als Héchstzuel 700 virgesinn hat, gëtt dës Zuel am Traité vun Nice op 732 eropgesat. Bekanntlech huet d'Europaparlament elo 626 Memberen. Wann d'Europäesch Unioun emol 27 Länner ëmfaasst, da behalen déi heiteg 15 Länner der zesummen nach 535. Déi 12 zukünftege nei Memberstaaten deele sech dann déi zousätzlech 197 nei Sëtzer.

De politeschen Accord ënnert de Länner vun der Europäescher Unioun ass, dass d'Zuel vu 732 op den 1.1.2004 Wierklechkeet soll ginn, fir deenen neie Länner, déi dann ageetratt sinn, d'Méiglechkeet ze ginn un den Europaparlamentswale vu Juni 2004 deelzehuelen. Et ass awer virausgegesinn, dass déi definitiv Konfiguratioun vum Europaparlament sech bis 2009 wann net bis 2014 ka waarde loosse.

Wéi gesot, dat touchéiert Lëtzebuerg elo direkt wéineg, mä et stelle sech trotzdeem zwou wichteg Froen fir Lëtzebuerg.

Engersäits ass et d'Fro vum Stelleväert vun deene sechs Lëtzebuerger an engem Parlament vu 732. Sechs vu 626 ass méi wéi sechs vu 732. Och hei musse méi Aflossméiglechkeete wéi soss iwwerall gedeelt ginn an hei gëllt et an Zukunft méi wéi jee, dass Lëtzebuerg sechs aktiv an influent Memberen an dat Parlament, wat ëmmer méi Bedeitung kritt, schéckt.

Anerersäits ass et d'Fro, déi gestallt ginn ass, ob dat Europaparlament net ze grouss gëtt an iwwerhaapt nach géierbar ass. Meng Erfahrung ass, dass d'Professionalitéit vun deem Parlament haut esou grouss ass, datt dat kee Problem duerstellt. Och hei hänkt vill vun der Qualitéit an dem Asaz vun den Deputéierten of, déi all Land dohinner schéckt.

D'Pouvoir vum Europaparlament ginn och an dësem Traité, wéi schonns virdrun an deene vu Maastricht a vun Amsterdam, weider erop. Zwar gëtt et nach ëmmer net déi allgemeng Regel vun der „double légitimité démocratique“ bei der europäescher Gesetzgebung, dat heescht, d'Matbestëmmung vum Parlament do wou de Rot mat qualifizierter Majoritéit léigféiert, mä d'Matbestëmmung vum Parlament gëtt trotzdeem op sechs weider nei Gebidder ausgedehnt.

D'Europaparlament kritt, wéi déi national Regierungen, d'Recht, fir virum Geriichtshaff d'Rechtméissegkeet vun europäeschen Akte kontrolléieren ze

loossen. Ech erënneren drun, dass den Här Goerens an engem Bericht un de Premierminister 1995 dës och fir déi national Parlamenter gefrot hat fir d'Gewicht vun den nationale Parlamenter insgesamt ze stäerken, mä dat war anscheinend keen Thema an der Regierungskonferenz.

Mat ville Verrieder vun nationale Parlamenter bedauere mir, dass iwwert den Afloss an d'Situatioun vun den nationale Parlamenter an der europäescher Politik wéineg bis iwwerhaupt net am Vertrag vun Nice Rieds geet.

Här President, am Zesammenhank mam Europaparlament sinn zwou wichteg nei Dispositiounen ze ënnersträichen. Déi eng betrëfft de Statut vun den Deputéierten an deen aneren d'Finanzéiere vun den europäesche Parteien.

Wat de Statut vun den europäeschen Deputéierten ugeet ass gewosst, dass seit der éischter Direktwal vun 1979 versicht gëtt do eng Eenegung ze fannen. Bis elo gi jo d'Europadeputéiert an all Land no dem Statut vun den nationalen Deputéierte behandelt. Dat bréngt mat sech, dass op därselwechter Bänk am Europaparlament Leit mat ganz verschiddene Paien a Sozialversécherungen a Besteuerunge sëtzen. Dofir gëtt de Vertrag elo am Artikel 190 d'Base juridique, fir dass d'Parlament de Statut vu sengen Deputéierte selwer ka festleeën an de Conseil dat da mat Majoritéit unhuele kann. Just d'Besteuerung ënnerläit der Eestëmmegkeet am Conseil, dat och well eng Partie Länner, besonnesch déi skandinavesch, keng europäesch Besteuerung vun den Europadeputéierte wëllen. Et wier ze wënschen, dass dës Fro am Interesse vum Europaparlament selwer schnell geléist gëtt.

Bekanntlech gëtt et schonns säit dem Vertrag vu Maastricht en Artikel 138A, deen d'Wichtigkeet vun den europäesche Parteien fir d'politescht Liewen an Europa ënnerstrach huet. En fait goufen a ginn déi europäesch Parteien vun den eenzelne Fraktiounen am Europaparlament gedroen a finanzéiert. Dat ass net kloer an net transparent. Dofir d'Beméien, d'Finanze vun den europäesche Parteien iwwert den europäesche Budget an enger eegener Budgetlinn festzeleeën.

De Vertrag schaaft dofir am Artikel 191 eng Base juridique. D'Aarbechte si schonn amgaang an d'Parlament huet schonn en Avis dozou ginn, mä de Conseil ass anscheinend bis elo nach net ganz vill weiderkomm. Et wier ze wënschen, dass och dës wichteg Fro fir d'politescht Liewen an Europa, fir den Espace politique européen gekläert géif ginn.

Här President, ähnlech wéi am Parlament, hu mer souwuel ons sechs Verrieder am Comité économique et social wéi och am Comité des Régions behalen.

Wat de Comité économique et social ugeet, ass eigentlech déi eenzeg Neierung déi, dass den Ausdrock „société civile organisée“ erschéngt. Dat

heescht, dass niewent de Patronats- a Salariatsverrieder och nach Verrieder vun ONGen oder aneren Organisatiounen vun de Länner kënnte genannt ginn.

Bis elo war jo am Comité économique et social d'Verriedung vu Lëtzebuerg tëschent Patronat a Gewerkschaften opgedeelt. Wéi dës Verriedung schlussendlech ausgesäit hänkt vum Wëlle vu jiddfer Land of.

Am Comité des Régions mussen an Zukunft all Verrieder en elektoraalt Mandat hunn, a fir Lëtzebuerg heescht dat, dass déi sechs alleguer entweder Buergermeeschter, Schäffen oder Gemengerot musse sinn. Un den Attributiounen vun deenen zwee konsultativen Organer ännert sech näischt.

Här President, eng interessant Neierung am Vertrag vun Nice ass den neien Artikel 7 iwwert de Respekt vun de Grondrechter an de Länner vun der Europäescher Unioun.

Mir si mam Traité vun Nice um Wee fir an e grousst Europa. Ech hunn do e bëssen an deene leschte Joren Erfahrung gesammelt an der parlamentarescher Versammlung vum Europarat. Den Europarat ass jo haut dat grousst Europa vun 43 Länner. Eng Partie vun deene rezente Memberstate vun deem Europarat hunn heiansdo grouss Problemer mam Respekt vun de Mënscherechter a vun de Mënscherechtskonventionen.

Mme Lydie Err (LSAP). - Déi al och, Här Fayot!

M. Ben Fayot (LSAP), co-rapporteur. - Ganz richtig, heiansdo déi al och. Jidderee weess, fir just nëmmen dat flagrantst Beispill ze nennen, wéi labber an Tschetschenien Russland d'Mënscherechter praktizéiert.

Anerersäits ass jo an Éisträich eng extremriets, frieme-feindlech, antisemitesch Partei an d'Regierung komm an du war d'Opreegung grouss an Éisträich selwer an och an deenen anere 14 Länner vun der Europäescher Unioun. Et goufen doropshin déi bilateral Bezéiungen tëschent deene 14 an Éisträich agefruer, mä jiddereen huet deemools gemierkt, dass éischters esou Situatiounen an anere Länner och kënnte virkommen an zweetens kloer Regeln néideg wäeren, fir domat um Plang vun der Europäescher Unioun eens ze ginn.

Amplaz allgemenge platonesche Behauptungen iwwert den néidege Respekt vun de Grondwäerter, op déi d'Europäesch Unioun opgebaut ass, gëtt dësen Artikel eng Prozedur. Si gesäit genee vir, wéi d'Europäesch Unioun virzegoen huet, wann an engem Land d'Grondwäerter net méi respektéiert ginn.

Dës ass eng wichteg Errungenschaft. D'Europäesch Unioun muss mat äusserster Opmierksamkeet drop uechten, dass d'Grondrechter iwwerall respektéiert ginn. Et dierf do kee Kompromiss mat Regierungen oder politesche Kräfte ginn, déi um Pouvoir sinn an déi d'Grondrechter net respektéieren.

An deem Zesammenhank kann ee bedauern, dass d'Charta vun de Grondrechter nëmmen als Deklaratioun an net als verbindlecht Instrument ugeholl gouf. D'Lëtzebuerger Regierung hat sech dofir agesat, dass d'Charta an den Artikel 6 opgeholl sollt ginn, niewent der Mënscherechtskonventioun, mä dëst gouf vun enger Partie Länner net acceptéiert.

De Problem bleift also bestoen. En ass duebel. Engersäits hu mer och als Lëtzebuerger Chamber de Wonsch ausgedréckt, dass d'Europäesch Unioun als sollech der Mënscherechtskonventioun bäitriede soll. Anerersäits, wann d'Charta eng Kéier rechtskräfteg gëtt, wat mer wëllen, dann ass et wichteg datt d'Verhältnis tëschent Charta a Mënscherechtskonventioun kloergestallt gëtt. Dat hëlleft fir d'Verhältnis tëschent der Lëtzebuerger an der Stroossbuerger Cour ze klären, woubei dann déi éischt eventuell als eng éischt Instanz an déi zweet als eng Aart Cour d'appel kënnt fonctionnéieren. Vill Iwwerleeunge sinn amgaang doriwwer ugestallt ze ginn.

Här President, am Beräich vun der Justiz, am drëtten Piler, gëtt de Koordinatiounsmechanismus Eurojust an de Vertrag an den Artikelen 29 bis 31 ageschriwwen. Mir fannen, dass dat e wichteg Schrëtt um Wee ass, fir mat Europol an Eurojust géint grenzüwwergräifend Kriminalitéit a fir déi ënner Sécherheet an Europa ze kämpfen.

D'Reform vun der europäescher Cour de Justice gëtt allgemeng als dee groussen Erfolleg vun dem Traité vun Nice bewäert. Si war néideg, fir dës Institutioun voll funktiounsfäeg ze erhalen.

Fir d'éischt kann een ervirhiewen, dass am Vertrag erkläert gëtt, dass all Land ee Richter an der Cour wéi och am Tribunal de première instance huet. Mir begreifen dës Dispositioun, déi mat der Erweiterung deenen Institutiounen méi Richter gëtt an déi och dozou bäidréit, datt déi zwee Gerichter duerch hir Zesummesetzung eng direkt Kenntnis vun allen nationalen Rechtssystemer hunn. Wat d'Reforme selwer ugeet, esou gëtt d'Cour fir d'éischt emol vun enger Partie direkte Recoursen entlaascht, déi den Tribunal de première instance iwwerdroe kritt, wéi zum Beispill all déi Recoursen, déi mat der europäescher Fonction publique ze dinn hunn. Och kann den Tribunal de première instance eng Partie Questions préjudicielles a bestëmmte Gebidder iwwerdroe kréien.

Schliesslech, Här President, enthält de Vertrag nach eng Deklaratioun 22 iwwert d'Plaz wou europäesch Sommeté stattfanne sollen. Vun 2002 u soll ee Sommet pro Présidence zu Bréissel stattfannen. Wann d'Europäesch Unioun 18 Memberen huet sollen all Sommeten zu Bréissel stattfannen.

Dëst ass e Schrëtt hin zu ëmmer méi Bréisseler Zentralisatioun. Ech perséinlech bedauern dat, well et Europa ëmmer méi wäit ewech vun de Bierger bréngt.

Här President, mam Statsrot ass och d'Kommissioun der Meenung, dass den Traité vun Nice Lëtzebuerg eigentlech net wéi deet, mä dass awer den Traité kee vum Stull rässt. De Statsrot seet, dass keng fundamental Reform bis zu Enn gefouert ginn ass. Mat anere Wieder, et ass vill Geflécks dran. Dat war och vläicht vun dem Usaz hier net ganz méiglech, well et jo eigentlech drëm gaangen ass fir Reliquater vun Amsterdam opzeschaffen. Dobäi si komm d'Coopération renforcée an déi Reforme vum Système juridique.

Anerersäits wäert déi Erweiterung op 27 Memberen d'Europäesch Unioun net nëmme vergrësseren, mä och verännern. D'Diskussioun iwwert d'Zukunft vun Europa fänkt eréischt un. Dëst gëtt jo och an der Deklaratioun 23 festgehalten. An deem Zesammenhank huet d'Chamber den 21. Mäerz 2001 eestëmmeg eng Resolutioun ugeholl, an där se gesot huet, wéi dat an dësem Haus ze geschéien huet. Mir sinn amgaang dat an der Kommissioun ze preparéieren a mir hoffen, datt mer d'Mataarbecht vun allen Deputéierten dobäi fannen. D'Zil ass, mat de Bierger iwwer Europa an d'Gespréich ze kommen. Dëst Zil kënne mer nëmmen erreechen, wa fir d'Politik insgesamt d'Europapolitik endlech dee Stellenwert kritt, dee se muss hunn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Claude Wiseler agedroen. Den Här Wiseler huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Wiseler (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Eis Verfassung gesäit vir, datt d'Parlament muss all international Verträge, déi d'Regierung fir d'Land ënnerschreift, ratifizéieren. Mir hunn zu Lëtzebuerg net d'Gewunnecht d'Vollek mat der Ratifikatioun vun esou Verträge ze befaassen. Aner Länner maachen dat awer esou, an déi populär Ratifikatioun vun europäesche Verträge huet an der Vergaangenheet alt schonn oft zu ganz erstaunleche Resultater gefouert, esou zum Beispill wéi d'Dänen zweemol e Referendum organiséiert hunn, fir den Traité vu Maastricht eréischt bei enger Neioplage vum Vote bei hire Bierger duerchzekeréien. Esou och a Frankräich, wou deelsewechten Traité mat knapp iwwer 50 % ugeholl gouf, ëmmerhi scho beim éischten Versuch, an esou virun allem an Irland, wou virun e puer Woche quasi 55 % vun der Participanten um Referendum iwwert den Traité vun Nice dëse Vertrag verworf hunn, wat a sech erstaunlech ass an engem Land, wou d'Europabegeescherung normalerweis relativ grouss ass.

Den Traité vun Nice ass e Vertragswierk iwwert dat vill méi diskutéiert ginn ass wéi seng reell inhaltlech politesch Brisanz et eigentlech hätt missen aussoen. Dat läit u ville Facteuren.

Ech wëllt grad op dësen Aspekt méi agoen, wéi d'Rapporteuren Emile Calmes a Ben Fayot dat gemaach hunn. Si sinn an hire gudden Schrëftlechen a mëndleche Rapporen haaptsächlech op den Inhalt vum Vertrag agaangen, oder eben op den Inhalt vum eise Ratifikatiounsgesetz. Ech drécken hinnen och de Merci vun eiser Fraktioun aus, fir déi Aarbecht, déi se als Rapportere geleescht hunn an engem Themenberäich, deen u sech fir Politiker, déi net ronderëm de Verhandlungsdësch soutzen, net ëmmer einfach ass a senger Gesamtheit matzekerien.

Als Riedner wollt ech awer eng lichter Approche hei huelen, fir iwwert den Traité vun Nice ze schwätzen. Et geet mer u sech manner ëm deen inhaltlechen Detail wéi ëm déi europäesch Perspektiven no sengem Akraafttrieden.

D'Kollege Calmes a Fayot hu vun de „left-overs“ vun Amsterdam eigentlech alles gesot wat ze soen ass, an dat fënnt souwuel d'Approbatoun vu mir wéi vu menger Fraktioun.

Och wann ech op d'Kompositioun vun der Kommissioun, der Stëmmeverdeelung am Ministerrot an der Extensioun vum Vote mat qualifizierter Majoritéit nach wëll zrëckkommen, esou leie mer op dëser Plaz och déi Elementer vun Nice a vun der post-Nice-Debat um Häerz, déi eben net am Traité stinn, an d'Grënn vun de Resultater vun där Regierungskonferenz, déi zu Nice op en Enn gong.

A mat villem, wat mer un den Nicer Resultater als positiv begrëssen, stinn nämlech eng ganz Rei seriö Froen. Ech denken, dass een sech dës Froen als richtigen Europäer éierlech stelle soll, well et d'Méiglechkeet ass d'Weichstellung, déi an deene leschte Jore geholl ginn ass, nach eng Kéier ze iwwerpräifen an ze froen, ob déi erziilt Resultater och deenen initialen Zilsetzunge géingen entsprechen.

Den Traité vun Nice ass net onbedéngt eng enorm qualitativ Verbesserung vun der europäescher Vertragslandschaft. Doriwwer sinn a ware sech déi meescht Acteuren an Observateuren vun deem Prozess, deen zur Ënnerschrëft vun dësem Dokument gefouert huet, sécherlech eens. En huet déi sougenannte „left-overs“ vun Amsterdam behandelt an en huet d'Unioun erweiderungsfäeg gemaach, wat awer sécherlech schonn net näischt ass.

Zu Nice gouf no véier Deeg an no véier laangen Nuechten, fir déi, déi dobäi waren - an ech denken, datt et déi längste Verhandlungsdauer fir en europäesche Sommet iwwerhaupt an der Geschicht ass -, e Vertragwierk ënnerschriwwen, dat am wesentlechen awer institutioneller Natur ass. Déi Regierungskonferenz, déi den Traité virbereet huet, hat e limitéiert Mandat an et kann eigentlech net verwonneren, datt ënnert deenen Ëmstänn e Wierk gebuer ass, dat vläicht hannert deem engen oder anere senger Erwaardung zrëckbleift.

Mä den Traité vun Nice wäert wahrscheinlech eng Kéier als Erweiderungskompromëss an déi politesch Geschicht vun Europa agoen a genee esou, denken ech, war en och geméint.

D'Rapporteuren hunn et scho gesot: Den Traité vun Nice ass zu Lëtzebuerg eigentlech gutt ukomm, net mat grousser Begeescherung, awer mat enger gewëssener Zefriddenheet iwwert dat erreichte Verhandlungsergebnis fir eist Land. Effektiv ass et esou, datt déi Nicer Kompromisser - dat reimt jo esou schéin - grad fir Lëtzebuerg nach e méi positive Bäigeschmaach hunn, wéi ee sech dat mat Momenter, wéi een d'Diskussioun virun deem Traité gehéiert huet, hätt kënnen virstellen.

Mir goufen am Fong innerhalb vun deenen Diskussiounen als Land, als Lëtzebuerg valoriséiert, wat an der Diskussioun virun net ëmmer esou ze erwaarde war. Ech denken, dass dat sécher och d'Resultat ass vun éischters enger gudder Virbereedung, déi d'Regierung gemaach huet, un där mir awer och hei an der Chamber participéiert hunn an déi och am Kader vum Benelux zu engem Deel stattfonnt huet, an zweetens och Dank enger gudder Verhandlung, déi haaptsächlech ënnert dem Impuls vum Statsminister gefouert ginn ass.

D'„left-overs“ vun Amsterdam hate souzesoen zu zwee Drëttel mat institutionellen Amenagementen ze dinn, bei deene vill gutt Europäer an och vläicht e puer manner gutt Europäer sech mat hirer Zouneigung vum Grëndungsstat Lëtzebuerg mierklech zrëckgehalen hunn. Esou gouf vu ville Säiten ugefouert, datt e Land wéi eist, op Grond vu senger Gréisst oder senger Klengt, wéi mer et och ëmmer wëllen, a vu senger Awunnerzuel am Fong keen immuabelt Recht drop hätt an allen Institutiounen vertrauen ze bleiwen an op allen Niveaue vun europäescher Décisiounsaarbecht matzewierken. Dës Aussoe géint iwwer vu Lëtzebuerg sinn awer, an Dank sécherlech och engem gudden Verhandlungsgeschech, rhetoresch Exercice bliwwen.

Och mam Traité vun Nice bleift Lëtzebuerg als Grëndungsstat vun der Europäescher Gemeinschaft e wesentlechen Acteur vun der europäescher Politik. Wéi dat sech konkret artikuliert hunn d'Rapportere schonn duergeluegt. Mir behalen e Commissaire. Mir sinn am Ministerrot net marginaliséiert ginn, speziell wann een dat am Verbond mat eise Benelux-Partner kuckt, well déi gesamt Benelux-Stëmme genau esouvill ausmaache wéi de Vote vun engem vun deene Groussen, a mir hunn och nach ëmmer sechs Europadeputéiert.

Deen anere grouse „left-over“ vun Amsterdam, d'Extensioun vum Vote mat qualifizierter Majoritéit am Ministerrot, huet Lëtzebuerg positiv beréiert, well mer do sécher Demandeur waren.

An enger ganzer Partie Beräicher, déi op der Dagesuerdnung vun der Extensioun vum majoritéaire Vote stongen, ass deen dann och beschloss ginn. Dat gëllt zum Beispill wat d'Nominatiounen ugeet, wou de President, e Commissaire, oder Hauts Représentanten oder och nach de Generalsekretär vum Conseil iwwert de Vote à majorité qualifié bestëmmt ginn. Dat gëllt och fir Commerce vun de Servicer, mat Exceptioun vu Kultur, Educatioun, Audiovisuel, Santé a Formation professionnelle. Zu engem Deel also esou wéi mir et an der Preparatioun vum Nice-Débat hei an der Chamber virgeschloen haten, dass déi Exceptiounen sollte geschéien. Et ass also zumindest an deem Deel, denken ech, en grande ligne och d'Positioun vun dëser Chamber.

Dat gëllt sécher och fir en Deel vun der Soziapolitik. An dann ass deen Deel vu Visa, Asyl a vun Immigration wou d'Situatioun e weëneg méi komplizéiert gouf, wou mat Majorité qualifiée all déi Moossname gestëmmt ginn, déi d'Coopération judiciaire an eng Rei vu Matière civiles concernéiert, mat Ausnahm vun de Familljerechter.

Deen aneren Deel ass, dass d'Definitioun vun de Regeln iwwert d'Asylpolitik an d'Refugiéspolitik muss à l'unanimité festgeluegt ginn, och wann duerno déi eenzel Mesuren, déi d'Applikatioun dovunner sinn, kënne mat der Majorité qualifiée geholl ginn. Dat ass sécher e Schrëtt, mä et ass awer e Schrëtt, deen an eisen Aen net genügend ass an deen e weëneg enttäuschend ass an deem ganzen Traité, well ech mengen, dass et haaptsächlech op esou Sujete wéi Asylpolitik oder wéi Réfugiéen ass, wou einfach Europa erwaart gëtt a wou zu engem groussen Deel e Méi vun Europa gefrot gëtt. Mä mer wäerte jo och nach, wa mer déi Ëmfro, déi mer amgang sinn auszeschaffen a wou zumindest eng Rei Froen an deem Sënn drastinn, gesinn, wéi d'Leit iwwert deen do Sujet denken. Ech hunn op jidde Fall d'Gefill, dass et op esou Sujeten ass wou Europa wichteg ass a wou Europa och vun de Leit dobaussen erwaart a gefrot gëtt.

Dann hunn zu Nice och déi sougenannte verstärkte Coopérationen eng Konsekration fonnt. Si ginn elo an allen dräi Piliere - an dat ass e bemierkenswäerte Fortschrëtt - agefouert. Am aktuellen Zoustand vun der Unioun sinn d'Coopérations renforcées net nëmmen e gëeegent, mä dat eenzegt Mëttel fir verschidde Memberstaaten ze erlaben um Wee vun enger méi pousséierter Integratioun virunzeschreiden.

Well net méi jidderee mat allem averstanen ass, wat géing eng verdéift politesch Integratioun bedeiten, gëtt duerch d'Coopération renforcée eng Dier opgestouss, déi bis elo duerch de Bestand vum Veto zou war.

Wa 14 Memberstate sech iwwer eng gemeinsam Politik oder eng Aktioun eens waren an ee vehement dogéint war, da war den Dossier vum Dësch.

Doduerch, dass elo meeschtens mat qualifizierter Majoritéit iwwer eng verstärkten Zesummenaarbecht tëschent op d'mannst acht Membere beschloss gëtt, verschwënnt déi fréier Blockade vu politeschen Initiativen, déi net d'Unanimité gemaach hunn. An doduerch, dass elo mindestens acht Membere e bestëmmte politesch Pad kënne beschreiden a sech konkret op dës Manéier erausstellt, ob eng nei Politik oder eenzel nei Moossname fruchtbar sinn, gëtt sech e sougenannten „effet d'entraînement“ erwaart op déi Memberstaaten, déi beim Ufank vun esou enger Démarche net wëllen, aus welchem Grond och ëmmer, dobäi sinn.

Alles an allem erwaart ee sech vun enger verstärkter Zesummenaarbecht eng Dynamiséierung vun europäeschen Integrationsprozess duerch den Effekt vu prakteschen, politeschen Prototypen, déi eng wünschenswäert Gesamtentwicklung solle prouwen a virexercéieren, ier all Memberstate sech un deen Zuch drun hängen.

Mä Froe wéi déi hei kann een natierlech och op eng Rei aner Aart a Weise stellen. De Saint-Exupéry, deen ee vu menge Lieblingsauteuren ass, huet eng Kéier gesot: „La vérité a de multiples facettes“. Dat ass sécherlech och wouer an der Politik. Och hei huet d'Wourecht verschidde Facetten an et soll een heiansdo probéieren net nëmmen eng vun deene Facetten ze kucken, mä dee Steen och ëmzedréinen, fir eng Rei vun deenen anere Säiten, déi en huet, ze gesinn.

Et kann ee sech froen, firwat mer eréischt zu Nice endlech op d'Coopération renforcée an allen dräi Piliere vun der Unioun komm sinn.

Et kann ee sech och froen, wéi a wou se elo am dréngendsten noutwendeg sinn, fir e bestëmmtend Europa virunzebréngen, zum Beispill en aussepolitisch staarkt Europa.

Et kann ee sech awer och froen, wat et grondsätzlech bedeit, dass mer am Kader vun engem eenheetleche Vertragsgefüge mat engem eenheetlechen institutionellen System iwwerhaupt verstärkt Kooperatiounen brauchen, déi zukünfteg dann zu acht, just ee méi wéi d'Halschent vun de Membere, kënne beschloss ginn.

Den eigentleche Grond vun der Noutwendegkeet vu verstärkter Zesummenaarbecht ass jo deen, dass et all zesummen net ëmmer einfach ass dat politesch Europa weiderzedreiwten. Et muss ee mat deem System oppassen, dass d'Eenheetlechkeet vum Vertrags- an Institutionssystem net zevill strapazéiert oder och nach a Fro gestallt gëtt.

D'Coopérations renforcées si sécherlech am aktuellen Zoustand vun der Unioun a bei der heiteger Lag vun deene verschidde nationalen Interesse deen eenzege Wee fir e puer Entschlossener spierbar weiderzekommen. Dat verbonne mat der Hoffnung,

datt funktionéierend, verstärkend Zesummenarbechten vun anere Memberstate kënnen dozou motivéiere sech dësen unzeschleissen, ass sécherlech och eng positiv Perspektiv.

Eng Coopération renforcée, déi zu aacht ufänkt, huet awer e laangt Stéck Wee viru sech, bis se zu 20 stattfënnt. Mir mussen also alles drusetzen, fir dëse Mechanismus, deen am Vertrag vun Nice richtegerweis institutionaliséiert gëtt, zu engem „facteur d'inspiration“ vu gesamteuropäescher Politik ze maachen. Alles anescht bréngt fir den Integrationsprozess zousätzlech Fragmentationsrisiko mat sech. Alles anescht géif en definitiivt Europa à la carte bedeiten. Dee Begrëff ass awer contraire zu engem laangfristegen Europaverständnis, esou wéi mer et an deene leschte Joren ausgedréckt hunn, sou datt mer eis musse bewusst sinn, datt hei niewent Chance fir eng Dynamiséierung vum Eenigungsprozess och kënne Risiko leien, mä vläicht a sécher esouguer noutwendeg Risiko fir Europa weiderzedreiwen.

Här President, den Traité vun Nice gëtt beschriwwen als dee Vertrag, mat deem d'Erweiterung vun der Europäescher Unioun erméiglecht gëtt. Wahrscheinlech ass dat wouer, och wa sech scho viru senger Ënnerschrëft näischt der Opnam vun neie Memberen entgéintgestallt huet.

Mat de Beschlëss vun Nice hu mer awer elo en institutionelle Kader kritt, deen de graduellen Iwwergang an eng Unioun mat 27 Memberen am Detail reglementéiert.

Just e puer Wuert an deem Kader zur Kommissioun an dem Ministerrot.

D'Kommissioun gëtt bis op weideres op 27 Membere plafonnéiert an zwar esou, datt all Memberstat, bis et der 27 sinn, e Commissaire stellt. Fir Lëtzebuerg ass dat gutt, well mer op déi Manéier eise Vertrieeder an der Kommissioun behalen.

Beim Erreeche vun der Memberszuel vu 27 soll d'Kommissioun nei Kompositiounsregele kréien, an zwar esou, datt se méi kleng gëtt. Och wann et dëse Moment nach schwéier schéngt sech eng Unioun mat 27 Membere virzustellen, esou ass eng Erweiterung vun der Unioun op substantiell méi wéi 27 awer duerchaus méiglech.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Vill ass iwwert d'Erhéijung vun der Zuel vun der Kommissiounsmembere geschwat an heiansdo och polemiséiert ginn. An enger Logik, déi sech authentesch europäesch geprägt wëllt, ass gesot ginn, datt et soll virstellbar sinn no deene beschte Kandidaten ze sichen, déi am Intérêt vun allen Europäer am Collège vun der Kommissioun handeln.

Weiderhin ass argumentéiert ginn, datt d'Artikelen iwwer Membere vun der Kommissioun an de Verträge bekanntlech kloer an däitlech soen, datt d'Commis-

sairen ausschliesslech am europäeschen Interesse ze agéieren hunn a kengerlee Injunktioneen aus hire respektiven Heemechtslänner daerfen acceptéieren. Dat ass och sécher richtig, mä dat ass awer nëmmen déi eng Säit vun deem Modell.

Op där anerer Säit wësse mer jo och, datt d'Kommissioun d'Häerzstéck vun der Europäescher Unioun ass, datt se de Motor vun der Integratioun ass, datt se de Gardien vun den Traitéen ass an datt se a sech Initiativmonopol huet, wou Décisiounen a Propositionen ausgeschafft ginn an dofir et wichteg ass, datt och all Sensibilitäten, net nëmme politesch Sensibilitäten, mä aus alle Länner vun Europa vertrauede sinn, net fir Injunktioneen aus de Länner ze kréien, mä einfach fir d'Komplettheet vun de Sensibilitäten an der Kommissioun ze verrieden. An dofir ass et wichteg, datt einfach jiddfer Land e Commissaire huet an datt déi Sensibilitäten an der Kommissioun present sinn, well dat ass ee Mëttel, dat am Fong d'Vertraue vun de Bierger un eng vun deene wichtegsten Institutione vun der Europäescher Unioun soll a muss stäerken.

De Statsminister huet, souguer denken ech mat därselwechter Gedankefeierung, virun enger Rei Wochen oder Méint d'Iddi vun der Wal vun de Commissairen a jiddfer Land virgeschloen, selbstverständlech an der Iddi, denken ech, datt mer och déi Institution musse méi biergerno bréngen an datt mer Europa musse méi faassbar a méi no dem Bierger gestalten, wat och d'Legitimitéit vun der Kommissioun an d'Akzeptanz am Demokratiegefill vun de Bierger kënnt a misst verstärken.

Ech wëll nach eng Kéier widderhuelen, datt d'Kommissioun fir eis d'politescht Zentralstéck vun der Europäescher Unioun muss sinn an dofir si mer och zefridde mam Traité, well en d'Roll vum President vun der Kommissioun verstärkt huet. De President soll an Zukunft d'Portefeuillé vun deenen eenzelne Commissairen ausdeelen. D'Commissairen exercéieren hir Fonctioun och ënnert der Autoritéit vum President. De President kann d'Vizepresidenten nominéieren an e kann och, mat der Approbatioun vum Collège, de Commissairen hir Demissioun froen.

Säi Pouvoir ass also vergréissert ginn, mä et sinn awer och eng Rei noutwendeg Barrieren oder Garde-fouen agesat ginn, fir dat uerdentlech a korrekt ze encadréieren.

Eigentlech ass jo de Conseil am Urspronk d'Verriedung vun de Memberstaten als solch gewiescht. Zu Nice gouf allerdéngs beschloss, datt am Conseil fir d'Zukunft eng grouss Dosis vun Demographie an d'Stëmmgewichtung bäigeschott géing ginn. Haut leien d'Stëmmzuelen am Ministerrot an enger Forschett vun 2 bis 10, vum klengste bis op dee gréisste Memberstat. Am Conseil vum Joer 2005 wäert déi Forschett dann eng Spannwaart vun 3 bis 29 hunn.

2000 hat dee Gréisste fënnefmol méi Stëmme wéi dee Klengsten, fënnef Joer méi spët wäert dat bal zéngmol esouvill sinn.

Mir wëssen, datt d'Europäesch Unioun awer kee Veräin ass, wou grondsätzlech déi Grouss géint déi Kleng stëmmen, an och ëmgedréit. Et gëtt an der 50-järegger Geschicht vun der europäescher Integratioun kee Beispill fir eng Blockallianz vu Groussen a vu Klengen.

D'Interesselag am Conseil ass eng méi reng Affär, déi een net kann duerch e Grouss-Kleng-Raster pressen. Dowéinst ass déi nei Gewiichtung, agefouert als Kompensatiounsmoosnam fir déi relativ manner grouss zukünfteg Presenz vun deene gréisste Memberstaten an der Kommissioun, och näischt enorm Problematesches an der Praxis. An der Theorie awer muss een oppassen - an do sinn ech erëm bei enger Rei prinzipielle Froen -, datt dës Institutioun hirer ursprüngelecher Zilsetzung entsprécht.

Am Conseil sinn d'Länner nom Gläichheetsprinzip vertraueden. Datt lichter Gewiichtunge vun de Stëmmen och an enger Statschamber méiglech sinn, beleet all federal Verfassung an dat ass och fir eis kee Problem an dëser Etapp an esou wéi et elo ausgesäit.

Ech denken, datt d'duebel Majoritéit, déi mer als Chamber gefrot hate wéi mer déi Debatt vun Nice virbereet hunn, schonn am Sënn deem entsprécht wat d'Europäesch Unioun ass. Dat heescht, Leit, déi zesummen eng Gemeinschaft bilden, mä sécherlech awer op där anerer Säit och Staten, déi zesumme schaffen.

Nach eng Remarque zu deenen neie Prozeduren. Sécherlech sinn et Prozeduren, déi dat Ganzt net wäerte vereinfachen. No Nice gëtt et net méi einfach, mä ech denken awer, datt et en akzeptable Kompromëss ass, deen eis erlaabt op eng uerdentlech Aart a Weis matenee weiderzeschaffen.

Här President, dat war dat wat ech wollt zum Vertrag selwer soen. Wéi gesot, d'Rapporturen hunn eis deem säin Inhalt schonn am Detail auserneegeluegt an ech wëll hei net zevill Widderhuelungsrhetorik bedreiwen.

Ech géing lech elo wëllen iwwert de post-Nice-Prozess e puer Wuert soen. Do geet et ëm d'Abannung vun den Europäer an déi zukünfteg politesch Gestaltungsarbeit, ëm hiirt Vertrauen an Europa an ëm hire Glawen dorun, also ëm näischt manner wéi déi dauerhaft Legitimitéit a Legitimatioun vun der Europäescher Unioun. Dëst Vertrauen, huet een d'Impressioun, war am Ausland am Kader vun der Entstehungsgeschicht vum Vertrag vun Nice geschwächt ginn. Kompromësser, national Egoismen an den Androck Europapolitik géif nëmmen hannert dem Réck vun de Bierger geschéien hunn heiansdo eng Stëmmung op verschidde Plaze geschaaft, déi zwar net um prinzipiellen Niveau europafeindlech oder

europaskeptesch ass, mä déi awer spierbar Onbehage géint verschidde Prozeduren an Eegearten vun der aktueller Europapolitik reflektéiert.

Mir müssen, wann net nëmmen d'Erweiterung vun der Unioun, mä och hir politesch Stärkung soll fort-schreiden, d'Vertrauen an d'Ennerstëtzung vun den Europäer zréckgewannen. Dofir muss Europa méi novollzéibar, méi spierbar a méi gräifbar fir d'Leit ginn.

De post-Nice-Prozess berout zu engem gudden Deel op enger verstärkter Kommunikatioun mat de Bierger iwwer Europa. Dat soll dem Wëlle vun der schwedescher an der belscher Présidence no och op e puer Niveaue geschéien an eng participativ Dynamik soll geschaaft ginn, déi sech op d'Resultater vun der nächster Regierungskonferenz, déi 2004 wäert op en Enn goen, auswierke soll.

Fir d'éischt emol sollen déi national Parlamenter an hir Memberen eng verstärkt Roll am europäeschen Eenegungsprozess zougewise kréien. Et freet sech just wéi dat soll vir sech goen. Iwwert de Prinzip kann ee sech jo ganz séier eens sinn. Kee Mënsch kontestéiert, datt déi national Parlamenter duerchaus hir Plaz an der europäescher Politikgestaltung hunn, mä et muss een natierlech oppasse wéi a wat een do mécht.

D'Schafung vun neien, uniounsinterne parlamentaresche Versammlungen, wéi dat zum Beispill verschid-dentlech virgeschloe ginn ass, ass net eng Saach déi dee ganzen Institutiounschaos vereinfacht a méi duerchsichteg a première vue mécht.

Ech mengen, mir sollten elo an haut eis haaptsächlech drëm beméien innerhalb vun den nationale Parlamenter e gréissert Europabewosstsënn ze schafen an och bannen dës Parlamenter dozou ze kommen Europa net nëmmen an aussepolitische Kommissiounen, mä an der gesamter parlamentarescher Aarbecht méi konsequent ze thematiséieren.

Et sinn déi national Parlamenter, déi duech hir Kontrollpouvoiren der Exekutiv géintwärt jo eigentlech schonn Aflossméiglechkeeten op d'Geschehnisse vum europäesche Ministerrot hunn. Si notzen et just ganz verschidde manéieren aus.

An da gëtt et eng Partie konkret Tachen, déi national Parlamenter sech kënnen op d'Lee huelen. Ech erënnere den deem Kontext un d'Debatt ronderëm d'europäesch Verfassungsiwwerleeungen, an déi sech beispillsweis dat italescht an dat däitscht Parlament duerch d'Schafung vun entsprecheender Spezialkommissiounen schonn ageschalt hunn.

Ech mengen, datt mer sécher an dëser Chamber musse Weeër a Moyer fannen, fir kënnen gewappnet an dës Diskussioun eranzegoen. Ech denken och, datt do sécherlech vill an der Commission des Affaires étrangères et européennes an der leschter Zäit op deem Wee geschaaft ginn ass, datt mer och mat der

gudder Zesummenaarbecht vun der Regierung vill Informatiounen kritt hunn, datt mer och op deem Sujet sécher weiderkonn sinn.

Mä et ass elo och no dëser Debatt drun, fir nach eng Etapp weider an eisen Iwwerleeungen ze goen. Mir haten am Kader vun deem leschten Débat d'orientation alleguer zesummen eng Motioun gestëmmt, wou dra stong: „La Chambre des Députés décide de charger sa Commission des Affaires étrangères et européennes d'élaborer un rapport sur les questions posées par la déclaration annexée au Traité de Nice, y compris la question d'une constitution européenne“.

Ech denken, datt elo d'Zäit komm ass, datt mer déi Iwwerleeungen - well et si laang a komplizéiert Iwwerleeungen, déi do musse gemaach ginn - an d'Weeër leeden, fir eis och zu engem Deel an de post-Nice-Prozess anzeschreiwen.

De Benelux-Memorandum huet jo och virgesinn, datt am Kader vun deem post-Nice-Prozess - an dat begrësse mer jo ausdrécklech am Här Fayot an am Här Calmes hire Rapporen -, soll e Forum nom deelweise Modell vun der Konventioun, wéi bei der Charte des Droits fondamentaux, zesummegevat ginn, fir och an Zukunft dee post-Nice-Prozess virzebereeden a fir am Kader vun der CIG weiderzeschaffen.

Ech denken, datt dat och richtig ass, datt mir eis just als Chamber mussen organiséieren, fir au fur et à mesure vun de Méint ëmmer au courant vun den Affären ze sinn an och kënnen eise Pefferkär esou bäizeleeën, datt mer eis Zäit geholl hunn, fir dat uerdentlech a korrekt virzebereeden.

Niewent de Parlamenter geet et awer och ëm d'Leit selwer. Eng europäesch Demokratie bedéngt eng direkt Relatioun vun den Europäer mat hiren Institutionen a Politiker. Op deem Terrain gëtt et ganz vill Iwwermëttlungs- an Iwwerzeegungsarbecht an Zukunft ze leeschten.

Dat ass näischt Neies, mä et gëtt ëmmer an ëmmer méi dréngend, an dat net just weinst dem iresche Referendum. Ech denken awer, dass een esou Problemer wéi déi, déi een duerch Irland notament gestallt krut, net ka léisen, andeem ee sech iwwert d'Vollek ewechsetzt, mä andeem een nach ëmmer an nach ëmmer méi erklärt an explizéiert. D'Léisung vum europäesche Kommunikatiounsproblem kann net dra bestoen, d'Kommunikatioun ofzeschaffen. D'Léisung ka just a méi Kommunikatioun leien, mä och déi eleng geet net duer. Dialog an Informatioun sinn eng Saach, Décisiounen sinn eng aner Saach.

An engem Stat musse sech déi politesch Acteuren all puer Joer dem Wieler stellen. Dat ass an Europa am Fong och esou, mä et passéiert a ville verschiddenen Zäiten an op ville verschiddene Plazen. Doduerch ass et esou, dass de Bierger der europäescher Demokratie oft entfernt ass a sech net ëmmer bewosst ass, dass dat, wat een - an dat hu mer jo de Moien an der

Debatt iwwert d'Agriculture gesinn - dat ganz entfernt Bréissel nennt, och eng demokratesch Institution ass. Et sëtzt nun einfach keen net gewielte Member am europäesche Parlament. Et sëtzt och keen net gewielte Statsmann am europäesche Conseil, mä d'Perceptioun dovun ass fir d'Leit net ëmmer einfach.

Mir mussen eis d'Fro stellen, wéi mer méi Elementer vun europäescher Demokratie an d'Unionspolitik erakréien. E geleeëntleche Referendum an deem oder deem anere Land, zu där enger oder anerer Zäit, bréngt eis net ëmmer esou wäit, fir an alle Länner e Feeling vun demokrateschem Virgank opkommen ze loosse. Mir mussen eis awer drëm beméien, genee dee Feeling ze schaffen.

Ech wëll op dëser Plaz net méi prezis Virschléi a Saachen europäesch Direkt Demokratie maachen, well dat wier wäit iwwert den Débat vum Vertrag vun Nice ewech an d'Meenunge leie bekanntermoossen och do wäit auserneen. Vlächst kréie mer iwwert d'Consultatioun vun de Lëtzebuerger, déi d'Chamber zesumme mam Ausseministère wäert duerchféieren, interessant Unhaltspunkter driwwer, wéi d'Leit sech déi immédiate europäesch Demokratie virstellen. De Statsminister huet schon driwwer nogeduecht, beispillsweis fir bei der Bestëmmung vun de Commissairen op Walen zréckzegräifen.

Loosse mer elo d'Landschaft vun de Propositionen hei nach e bësse wuesse loosse, an dann huele mer eis där Thematik un, well ech denken, dass et eng extrem wichteg Thematik ass. Mir versiche weider, fir d'Europäer staark genuch un dat politescht Europa ze bannen, fir dass mer deene groussen Erausforderung vun der europäescher Politik kënnen mam Vertraue vun de Bierger an hirem Support entgéintrieden.

Dat waren, Här President, meng Iwwerleeungen zum a ronderëm den Traité vun Nice. Den Traité selwer ass vlächst keen historescht Meeschterwierk, mä e bréngt Europa erëm e Stéck weider. En ass eng noutwendeg Etapp um Wee an d'Zukunft, e verstärkt d'Fondatioun vum politeschen Europa an en erméiglecht no prezise Virgaben de Prozess vun der Osterweiterung vun der Unioun.

Meng Fraktioun stëmmt dofir deem Vertrag zou an ech soen lech merci fir Är Gedold.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Ben Fayot.

M. Ben Fayot (LSAP), co-rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt an deem, wat ech elo virbréngen, e puer kritesch Bemierkungen zu dem post-Nice-Prozess virbréngen, souwuel wat d'Form wéi och de Fong ugeet.

Eng éischt Bemierkung: Ech si mat deenen d'accord, déi soen, dass et méi wichteg ass, iwwert de Fong ze schwätze wéi iwwert d'Institutionen, well de Fong,

dat ass jo de politesche Projet, dee mer an Europa verfollegen. De Fong dat ass d'Primat vun der Politik virum institutionellen Engineering an dofir schéngt et mer wichteg ze sinn, dass dee Fong och aus deem entspréngt, wat Europa haut ass.

Den heitegen Zoustand vun Europa weist ons, wouriwwer d'politesch Ausenanneretzung gréissten-deels muss goen.

Eng éischt Serie vu Problemer entsteet aus dem Europa ouni Grenzen mat sengem Akzent op déi liberal Maartwirtschaft, déi sech duerchgesat huet. Dat ass d'Fro nom soziale Modell an där Maartwirtschaft, no dem Stellewäert vum öffentlechen Déngscht, no öffentlech rechtliche Regulatiounen, zum Beispill wat d'Nahrungsmittelsécherheet ugeet.

Déi extrem Liberaliséierung huet, ouni effikass grenziwwergräifend Kontrollen um Gebitt vun den Nahrungsmittelen, ville Leit déck Profitter bruecht mä och vill Malbouffe, Krankheeten an Dérapagen op deem Gebitt. Mir haten elo éinescht eng Protestmanifestatioun dobausse géint déi grenziwwergräifend Déierentransporter, déi d'Leit jo schrecklech opreegen. Dofir ass et fir ons Sozialiste ganz klor, dass de fräie Maart an Zukunft vill méi sozial an ekologesch encadréiert muss ginn a Kontrollen um nationalen an europäesche Plang mussen anenanageräifen. Och do muss eng nohalteg Entwécklung onst Haaptobjektiv sinn.

Eng zweet Serie vu Problemer entsteet aus der Währungsunioun, besonnesch wat ons gemeinsam Wirtschafts- a Finanzpolitik vun de Länner vun der Union monétaire ugeet, wéi och d'Mëttele fir an där Union monétaire Politik ze maachen, wéi zum Beispill Mëttele fir géint Chocs asymétriques an deem engen oder anere Land unzegoen. Do mengen ech och, dass Europa sech eng Wirtschaftspolitik soll zouleeën, fir Mëttelen an der Hand ze hunn.

Eng drëtt Serie vu Problemer entsteet aus der Tatsaach, dass Europa amgaang ass eng politesch Muecht ze ginn, an als solch seng politesch Verantwortung muss huelen an dofir ass déi gemeinsam Sécherheets- a Verdeelegungspolitik wichteg.

Eng véiert Serie entsteet aus dem Wuelstand selwer an deem Europa mat sengem praktizéierte Liberalismus: no bannen Exklusioun, Aarbechtslosegkeet, Aarmutt, Opbrieche vun traditionelle Bindungen a grenziwwerschreidender Kriminalitéit, no baussen Immigratioun an Asyl.

Wann ech déi véier Zorte Problemer gesinn, da geet et also net drëm, fir elo nei Prioritéiten ze erfannen, mä et geet drëm, fir op déi Prioritéiten anzegoen, déi sech aus der politescher Kritik vum heitegen Europa fir d'Bierger erginn. Et ass also eng Ausenanneretzung mat Problemer, déi mer hunn an déi mer mussen meeschteren, esou wéi mir dat och um nationale Plang maachen. Ech mengen, dëst ass enorm wichteg fir d'Akzeptanz vun der Europäescher Unioun, déi

schonn e puermol ugeschwat ginn ass, wéi och d'Verstäerkung vun der politescher Integratioun. Dofir muss et selbstverständlech och méiglech sinn, fir dass Europa nei Politikfelder kann ugoen, dass de Vertrag selwer d'Méiglechkeet behält, iwwerall do wou eng Politik néideg ass, déi Politik och kënnen unzegoen. Ech halen näischt vun enger zevill strikter Kompetenzopdeeling tëschent nationalen an europäeschen Institutionen. Europa muss eng intern Dynamik behalen, fir eben déi Problemer, déi sech um europäesche Plang ausdehnen, ze meeschteren.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Wat d'Institutionen ugeet, wëll ech hei am Fong geholl mech net weider ausloossen, ech wëll awer eng Bemierkung maachen - an dat ass meng zweet Bemierkung - iwwert d'Manéier, wéi mer an der EU Politik maachen.

Um nationale Plang ass jo d'politescht Liewe ganz lieweg. D'Leit diskutéieren ënnert sech, an de Parteien, an de Gewerkschaften, an der Press. Et ginn öffentlech Diskussiounen an de Medien, Manifestatiounen, Drock a Géigendrock. A fir dass d'Déciounen ugeholl gi vun de Leit dobaussen, mussen se légitiméiert sinn. Dat heescht, dass se vun de gewielte Verrieder acceptéiert ginn a virun am Espace public diskutéiert gi sinn.

An Europa mierkt en normale Bierger eigentlech dovun näischt. Et gëtt wuel eng Schicht vu Leit: Politiker, Diplomaten, Technokraten, Wirtschaftskapitänen, Professoren, déi sech fir europäesch Politik interesséieren, mä d'Leit dobaussen eigentlech net.

Ech wëll zwar net iwwerbewäerten, wat den Eurobarometer ons seet: dat bestäet awer, wat déi viregt Eurobarometere och scho gesot hunn, wat d'Haltung vun den Awunner vu Lëtzebuerg zu Europa ubelaangt.

Nom Eurobarometer vum Fréjor 2001 fillen 81,3 % vun de Lëtzebuerger sech net an d'politesch Diskussioun iwwert d'Erweiterung implizéiert. 48,4 % wäeren net interesséiert iwwert d'Zukunft ze diskutéieren. 63,5 % wëllen net un öffentlechen Diskussiounen deelhuelen.

Et gëtt weider Ängschten, déi een och nach kënnt opzielen iwwert d'Erweiterung zum Beispill, iwwert d'international Kriminalitéit, den internationalen Drogenhandel, an esou weider.

Mir mussen also mat de Leit doriwwer diskutéieren an hinne Léisunge proposéieren, an dat op den europäeschen Niveau bréngen, well soss gëtt Europa ëmmer manner acceptéiert. Ech wëll dat illustréieren mat engem rezente Beispill, dat vun der Europasteier, déi onse Finanzminister jo an d'Gespräch bruecht huet.

Wéi geet dat? Do geet deen een oder anere Premierminister an Europa eng Ried halen. Onse Premierminister huet jo och esou eng Ried viru kuerzem zu

Bréissel gehalen, och zu Wien. Dat ass alles ganz interessant a ganz gutt, mä dat staunend Lëtzebuerger Publikum doheem, inklusiv déi ganz politesch Klass, hëlt post festum zur Kenntnis, wat do am Numm vu Lëtzebuerg gesot a proposéiert gëtt. Ni virdru war an enger Chamberkommissioun hei Heem eppes vun der Europasteier verlaude gelooss ginn. Ech weess emol net, ob am Regierungsrot doriwwer Rieds war. Datselwecht Beispill kënnt ee vun anere Propositione soen.

Elo gëtt an den Zeitunge gesot, Lëtzebuerg wär mat der Belsch an der Bundesrepublik fir eng Europasteier. Souguer am leschte ECOFIN e Méindeg gouf déi Steuer schonn diskutéiert.

Esou verstinn ech, dass d'Lëtzebuerger d'Europapolitik net wëllen an net kënne verstoen. Iwwert hir Käpp an iwwert d'Käpp vun hire gewielte Verrieder gëtt d'Europapolitik gestallt ouni eng Réckkoppelung op déi national Meinungsbildung.

Dat, Här President, wäerten d'Bierger ons soen, wa mer elo getrei der Deklaratioun 23 mat hinnen iwwer Europa wëllen diskutéieren an ons do eng Campagne zurechtleen. Si wäerten ons soen: Wat hätt Dir gären? Loosst ons a Rou, maacht Är Europapolitik eleng, Dir frot ons jo och soss net.

Dofir wëll ech klor an däitlech soen: Wa mer elo bis Dezember 2001 eng Campagne de sensibilisation mat dem Ministère des Affaires étrangères an als Chamber iwwer Europa maache wëllen, dann ass dat net d'Geleeënheet, fir e puer Prospekter auszedeelen, och net fir e Questionnaire ausfüllen ze loossen, mä da muss et d'Obligatioun fir all Politiker aus Chamber a Regierung sinn, hir europapolitisch Meinungen a Choixen an Zukunft wéi Nationalpolitik mat de Bierger ze diskutéieren, an da mussen mir, menger Ansicht no, aner Säiten opschloen an der Manéier wéi mir Europapolitik maachen.

(Interruption)

Zum Beispill Saache wéi eng Europasteier och emol hei zu Lëtzebuerg mat de Leit diskutéieren. Och an enger Chamberkommissioun.

M. Paul Helminger (DP). - Wann de Statsminister eng öffentlech Ried géng halen, da kënnten d'Leit drop reagéieren.

M. Ben Fayot (LSAP), co-rapporteur. - ...wann eng Positioun am Numm vu Lëtzebuerg an de Conseil geholl gëtt...

(Interruption)

Déi ass dach am ECOFIN geholl ginn.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Neen, am ECOFIN ass sech mat där Fro beschäftegt ginn, andeem däitlech gemaach ginn ass, dass doriwwer zu Lëtzebuerg nach eng Debatt stattfënnt. D'Iddi ass geäussert ginn an

enger Ried, déi sech selwer als Causerie iwwer Europa am perséinlechen Numm tituliert.

M. Ben Fayot (LSAP), co-rapporteur. - Här Statsminister, ech hunn an deenen aschlägege Berichter, déi ech vun dem leschten ECOFIN gelies hunn, klor kënne erkennen, dass Lëtzebuerg mat der Belsch an eventuell mat der Bundesrepublik, Lëtzebuerg, net een X oder en Y, mä Lëtzebuerg sech fir eng Europasteier asetzt.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Neen, mir hunn eis fir eng Debatt iwwert eng Europasteier ausgeschwat.

M. Ben Fayot (LSAP), co-rapporteur. - Bon, da maache mer eng Debatt.

Här President, ech wollt nach eng drëtt Bemierkung iwwert d'Erweiterung u sech maachen. Ech hat virun e puer Méint och gefrot, dass d'Regierung sech sollt bemeien, d'Lëtzebuerger fir dëst Thema ze sensibiliséieren. Ech hat eng Fro dozou un d'Mme Ausseminister gestallt. Si hat dat och versprach. D'Sondage weisen ons, wéi wichteg dass dat ass.

Ech wär frou, wa mer eng intensiv Diskussioun géifen zu Lëtzebuerg lancéieren. Mir hu ganz interessant Leit aus deenen Erweiterungslänner, déi bei ons kommen, mä et wär wichteg, dass mer déi Diskussioun och um politesche Plang géife féieren, well déi Fro vun der Erweiterung schaaft vill Inquiétudes ënnert de Leit. Fir déi Inquiétudes opzehiewen, mussen mer mat de Leit diskutéieren.

Véiert Bemierkung: E wesentlechen Acteur an der Demokratiséierung vun der EU ass d'nationaalt Parlament. A verschiddene Länner ass d'nationaalt Parlament staark agebonnen an den europäesche Prozess. Bei ons eigentlech net. Ech mengen schonn, dass d'Chamber do vill ze vill nokuckt. Si ass net aktiv genuch. Si huet sech bis elo och net d'Mëttele ginn, fir deen europäesche Prozess ze begleeten. Mir hunn en halwen Attaché, fir sech mat Europapolitik ofzeginn. Wuel gëtt d'Chamber informéiert, mä si gëtt net an de Prozess agebonnen. Ech mengen, dat muss sech änneren.

Wa mer wëllen, dass d'Europapolitik d'Leit dobaussen interesséiert, da muss se ons selwer heibanne fir d'éischt interesséieren. Dofir muss och d'Chamber sech an d'Europapolitik eraknéien, an - et ass scho vum Här Wiseler gesot ginn - och all ons Kommissiounen, déi concernéiert sinn, mussen sech doran engagéieren. Dëst erkläert och, Här President, firwat dass ech géint e Senat oder géint eng zweet Chamber an Europa sinn. Et huet nämlech kee Sënn, fir e puer Alibideputéierten op d'Rees ze schécken, fir dass déi aner doheem sech nach manner mat Europa befaassen kënnen.

Fënneft Bemierkung: Ech begrëssen ausdrécklech d'Haltung vun onser Regierung am leschte Benelux-

Memorandum, dee mer och an onsem Rapport zitéiert hunn, fir e Forum, eng Konventioun, e Konvent, egal wéi et heescht, mat Vertrieder vun nationale Parlamenter, vum Europaparlament, vun de Regierungen a vun der Kommissioun mat der Preparatioun vun der Regierungskonferenz vun 2004 ze befaassen.

Ech begréissen dat, well klorgestallt ginn ass, dass mer fir e Forum si mat klor ëmressene Komponenten. Ech halen näischt vun engem wäit oppene Forum, wéi et een Abléck Rieds war, dass do och d'Société civile mat erakéim. Ech menge schonn, dass et wichteg ass, fir mat der Société civile intensiv a Kontakt ze bleiwen, wann dee Forum fonctionnéiert. Mir kënnen dat iwwer Auditiounen, iwwer Kontakter maachen, mä et ass wichteg, dass esou e Forum net eng pléthoresch Alibiasssemblée gëtt, awer wierklech en Organ gëtt, wat schafft, wat ënnerteneen diskutéiert.

Ech ënnersträichen nach eng Kéier, dass et wichteg ass, dass d'Regierungsvertrieder och eng Composante vun deem Forum sinn, well de Regierungsvertrieder ass jo d'Reckkoppelung op déi national Regierungen, déi ons soen, wat méiglech ass a wat net, wéi dat bei der Charta vun de Grondrechter jo och de Fall war. Wa mer dee Regierungsvertrieder net do gehat hätten, da wär déi Charta net zu deem acceptable Kompromiss komm, deen herno vun de Regierungen alleguer konnt ugeholl ginn.

Ech menge schonn, dass wann déi Konventioun oder dee Forum zu engem Resultat kënnt, dass dat Resultat dann och déi Regierungskonferenz vun 2004 matbestëmmt, dass eng Regierungskonferenz sech dann net kann einfach driwwer ewechsetzen a maachen, wéi wann dat net stattfonnt hätt. Déi Aarbecht ass wesentlech fir d'Abesetzung vun den nationale Parlamenter.

Sechst Bemierkung: Här President, ech sinn a ginn ëmmer méi e fervente Verfechter vun enger europäescher Verfassung. Dora mussen d'Grondrechter vun de Bierger festgeluegt ginn. Dora muss d'Trennung vun de Pouvoire klorgestallt ginn, och als wesentlech Viraussetzung fir d'Demokratie an Europa. Domat muss och e Bierger virum europäesche Gerichtshaff kloe kënnen. Eng Verfassung ass e Schutz vum europäesche Bierger an zugläich, mengen ech, e Gardefou fir déi eenzel Institutiounen a fir d'Bürokratie.

Dat waren déi puer Remarken, déi ech wollt zu dem post-Nice-Prozess hei maachen. D'Sozialisten hunn den europäeschen Eenegunsprozess vun Ufank u matgedroen. Si gesinn och haut nach doran en Anker fir en onofhängegt Lëtzebuerg. Déi Europäesch Unioun gëtt ons vill Avantagen. Si mécht ons Grenzen op. Si gëtt ons Sécherheet. Si erlaabt ons, Problemer vun haut a vu muer zesumme mat onsen europäesche Partner ze léisen, an dofir muss et d'Uleies vun ons alleguer sinn, fir des Europäesch Unioun esou demokratesch wéi méiglech ze maachen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Paul Helminger.

M. Paul Helminger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer un éischter Stell deenen zwee Co-rapporteurs, dem Här Emile Calmes an dem Här Ben Fayot, fir hiren excellente mëndlechen a schrëftleche Rapport merci ze soen a gläichzäiteg den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ze bestätegen.

Wéi den Här Fayot am Numm vun der sozialistescher Partei nach eng Kéier d'Wuert ergraff huet, hat ech bal gemengt, ech misst dozou e puer Remarque maachen, besonnesch nodeem en ugekënnegt hat, dass en als Sozialist, nodeem en als Co-rapporteur am Fong fir den Traité vun Nice plädéiert hat, awer misst e ganze Koup kritesch Remarken ubréngen, hat ech souguer bal gefaart, e géing do en intellektuelle Spagat probéieren, deen ech selwer net géing wëlle probéieren, mä ech muss soen, dass viles vun deem, wat en duerno gesot huet an der Kommissioun, wéi mer net iwwert den Traité vun Nice mä iwwert d'Organisatioun vun dem Débat iwwert d'Zukunft vun Europa, dee mer jo sollen hei hunn, diskutéiert hunn, scho gesot gi war a jo och d'Substanz ass vun deem, iwwert dat mer d'Lëtzebuurger an déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, wëllen an enger grouss ugeluegter Campagne de sensibilisation froen.

Dofir sinn ech och frou, dass en opgehalen huet mat der Confirmatioun, dass d'sozialistescher Partei nach ëmmer zu dem Konsens steet, dee mer an den Europafroen tëschent de politesche Parteien, déi hei an der Chamber vertraute sinn, deene meeschte jiddensfalls, bis elo oprechterhale konnten an deen och wesentlech ass fir eis Stellung an Europa ofzesécheren.

Wa mer den Traité vun haut ratifizéiert hunn, an ech ginn emol dovun aus, dass mer dat maachen, da si mer mat Dänemark a Frankräich eent vun deenen éischte Länner, déi den Traité ratifizéiert hunn.

Wéi mer virun e puer Méint op dëser Plaz den Débat iwwert d'Affaires étrangères gefouert hunn, an nodeems d'Mme Ausseminister bei der Deklaratioun zu den Affaires étrangères de Projet de loi fir d'Ratiozierung vum Traité de Nice déposéiert hat, hunn ech festgestallt, dass d'Tatsaach, dass deen Traité no manner wéi engem Mount, nodeems en zu Nice ënnerschriwwen ginn ass, der Chamber scho virläit, natierlech en héich symboleschen Akt wär, well e bewiese géing, wéi wichteg d'Europäesch Unioun fir eist Land wär a mat wat fir enger Déterminatioun eis Regierung un deen Dossier erugeet.

Dofir wëll ech de Ministère des Affaires étrangères, deen de Projet esou schnell déposéiert huet, an deenen zwee Rapporteurs fir hiren Asaz félicitéieren. Ausserdeem wëll ech och de Membere vun der

Commission des Affaires étrangères et européennes merci soen, déi et erlaabt hunn, dass mer de Rapport zu deem Traité esou zügeg konnten unhuelen. Ech hätt awer net gären, dass d'Impressioun géing opkommen, mir hätten déi Affär bâcléiert, well mir hunn eis, esou wäit ech mech erënnere kann, kaum zu iergendenger Zäit esou intensiv an esou regelméisseg an ëmmer erëm mat de Froe vun Europa ofgi wéi grad just an deem leschten annerhalwe Joer.

Et ass dat erëm de Bewäis, dass eis Aussen- an Europapolitik sech am nationale Konsens gestalt. Et ass och de Bewäis, dass mir alleguer iwwerzeegt sinn, dass den Traité vun Nice e weidere Schrëtt ass a Richtung europäesch Integratioun.

Ech wëllt dann och e puer Feststellunge maachen zum Traité vun Nice, dee meng Virriedner och schonn ausféierlech behandelt hunn.

Den Traité vun Nice erlaabt duerch d'Reform vu sengen Institutionen den Elargissement vun der Unioun. En erlaabt et also, dass laangfristeg de Fridden an d'Stabilitéit op eisem Kontinent kënnen garantéiert ginn.

Den Traité vun Nice huet mat der Coopération renforcée e weidere Schrëtt a Richtung europäesch Integratioun gemaach. En erfëllt soumat déi Missioun, déi him gestallt ginn ass, an ech répétéieren dat nach eng Kéier, net méi an net manner. Den Traité vun Nice hat nämlech net als Objektiv, fir déi definitiv Struktur vun Europa, déi definitiv Visioun vun Europa, déi definitiv Ambitioun vun Europa, déi definitiv Plaz vun de Memberstaaten a vun der Unioun festzeleeën. Hien hat, géif ech bal gäre soen, eng éischter mechanesch Funktioun, fir et ze erlaben, dass dat Europa, wat amgaang ass sech ze erweideren, och weider ka funktionéieren. En huet dat Zil erfëllt, an dat ass och woufir mer deem Traité zoustëmmen.

Den Traité de Nice huet awer dunn an enger Deklaratioun iwwert den Avenir vun der Union européenne e puer Pisten opgezeechent, déi eis an deenen nächste Jore beschäftege wäerten. Dat alles hu mer schonn an deene viregten Interventiounen exposéiert kritt, mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll un dëser Stell e puer méi allgemeng Observatiounen maachen zu deem, wat den Traité de Nice u Froen an och u Reaktiounen opgeworf huet.

Mir hunn zu Nice festgestallt, dass déi 15 Memberlänner nach laang net ëmmer enger Meenung sinn, grad just wann et ëm institutionell Froe geet, grad just wann et ëm Froe geet, fir d'Gläichgewichter vun deenen enge mat deenen aneren ze definéieren, an dass se fir d'éischt ëmmer erëm tentéiert sinn, fir hiren eegene Nuebel ze kucken ier se dee vun hirem Noper oder dat Ganzt kucken. Dat ass net nei, mä et kann een d'Impressioun hunn, dass dat sech a leschter Zäit e bësse verstärkt huet, an dat ass eppes,

wourop mer sollen opmierksam sinn a géint dat mer sollen uesteieren. Mä firwat ass dat esou?

Déi verschidde Regierungen si ganz einfach un déi Perceptioun gebonnen, déi d'Leit bei hinnen doheem vun der Europäescher Unioun hunn. Déi Perceptioun guidéiert hir Europapolitik. Déi Perceptioun ass oft eng Perceptioun vun Zréckhalung vun de Leit. Et ass e bësse komesch, well d'EU an deene leschte Joren dach eigentlech enorm Progrès gemaach huet. Mir hunn de Marché unique fäerdeg gemaach. Mir hunn d'Union économique et monétaire réaliséiert. Mir sti just virun der physischer Introduktioun an eise Portemonnië vum Euro. D'Europäesch Unioun huet trotz alle Schwierigkeeten an Douten déi historesch Erausforderung, déi de Fall vun der Berliner Mauer an no hir där vum eiserne Rideau matbruecht huet, ugehall a si ass amgaang se ze meeschteren.

Ech mengen, eng vun den Ursaache vun deem Frust oder vun deem Manktum u Begeeschterung, deen d'Leit weisen, dat ass, dass mer vläicht alleguer wéi mer hei sinn, an der Politik zevill äifreg dru geschafft hunn, fir eis einfach un Divisiounen, déi eis Grënnerväter eis virun iwwer 50 Joer mat op de Wee ginn hunn, festzeklammeren, fir déi ze réaliséieren, well dat jo och déi eenzeg Méiglechkeet ass, de Fridden um Kontinent ze garantéieren, mä dass mer deen Dialog, déi Diskussiounen beschränkt hunn op eben déi politesch Acteuren, op d'Regierungen, zum Deel op d'Parlamenten, mä dass mer dobäi ee ganz wichtegen Acteur, deen Acteur, ëm deen et sech en fin de compte dréint, nämlech de Bierger, vergiess hunn.

D'Resultat vum Referendum an Irland ass ee Bewäis derfir. Ech mengen net, dass d'Leit, och net an Irland, géint d'Europäesch Unioun sinn, mä si hunn, menger Meenung no, de Bezuch derzou verluer.

Et ass eis klor ginn, dass elo, nodeems mer eng gemeinsam Währung hunn, awer mussen driwwer nodenken, wat eis nächst Schrëtt musse sinn. Grad just an deem Moment musse mer sécher iwwert d'Kompetenzenopdeelerung schwätzen tëschent der Unioun an hire Memberstaaten. Mir musse sécher iwwert d'Verantwortung vun den Traité schwätzen. Dat ass eng Nécessitéit. Mir musse sécher driwwer schwätzen, dass d'Charte des Droits fondamentaux zu enger reeller Referenz am internationale Recht gëtt. Mir musse sécher driwwer schwätzen, wéi mer derfir suergen, dass d'national Parlamenten méi agebonne ginn an d'Definitioun an an d'Gestioun vun der Europäescher Unioun. Mir musse sécher ufänken eis Gedanken ze maachen, ob dat alles net eng Kéier, wéi den Här Fayot et elo just gesot huet, an enger europäescher Konstitutioun soll néiergeschriwwen ginn. Mir sinn eis alleguer eens, dass dat wichteg Sujete sinn.

Ech fir mäin Deel begrëssen et jiddefalls, dass déi europäesch Statsmänner, och déi Lëtzebuergesch, an där Zäit, déi elo tëschent Nice an där Conférence

intergouvernementale vun 2004 läit, hir Iddien, wéi dat Europa vu muer kéint ausgesinn, virdroen. Ech gesinn net, wéi e groussen Débat iwwert d'Zukunft vun Europa kënnt stattfannen, wa mer net vun enger Rei Leit, och wann dat heiandsdo provokativ ass, Iddie lancéiert géinge kréien, iwwert déi mir eis dann an deem Débat ausschwätzen. Dat ass vläicht deen eenzege Punkt, mä ech hunn och vläicht den Här Fayot falsch verstanen, wou ech wierklech net mat him d'accord sinn.

Et kann net sinn, well mer elo zu Nice opgefuerdert gi sinn an eis zu Lëtzebuerg engagéiert hunn, fir e groussen öffentlechen Débat probéieren ze lancéieren - loosse mer hoffen, dass e réusséiert -, dass déi, deenen hiert deeglecht Brout et jo awer ass, deenen hir Missioun et ass, deenen hir Charge, deenen hiert Mandat et ass, fir dass dat Europa fonctionnéiert, déi och déi Schwierigkeete vläicht am beschte kennen, op eemol missten de Mond hale bis dee groussen Débat ofgeschwat wär, oder dass se keng Iddie méi däerfte lancéieren, déi net virdrun do, wou mer ebe gefaart hunn, dass dat Europa sech e bësse verluer huet, dat heescht an de Kommissiounen, an de Konferenzen, ofgekläert gi wären.

Ech menge schonn, dass jiddfereen, mä dat gëllt fir eis alleguer, wann een eppes zu Europa ze soen huet, egal a wat fir enger Positioun een ass, dat soll öffentlech soen, fir dass mer doduerch vläicht genuch Widdersproch, Zoustëmmung, Commentaire suscitéiert kréien, fir dass déi Debatt, vun där mer jo alleguer feststellen, dass se net genuch stattfënnt, endlech méi intensiv stattfënnt.

M. Ben Fayot (LSAP), co-rapporteur. - Här Helminger, ech wollt lech just soen, dass ech klor gesot hunn, dass ech näischt dergéint hunn, wa grouss Statsleit, Statsmänner a Statsfraen, Rieden an Europa halen, mä ech mengen, et ass eng Saach, Iddien ze lancéieren, an et ass eng aner Saach, fir déi Iddien als Positioun vun engem Land an europäesch Institutiounen an an de Rot verdeedegen ze goen.

M. Paul Helminger (DP). - Eppes muss eis nodenklech stëmmen an där ganzer Geschicht, an dat confirméiert eigentlech och dat, wat an Irland geschitt ass. Wa mer zwee grouss Länner huelen, Däitschland a Frankräich, wou jo an enger méi oder weineger noer Zukunft Walen um Programm stinn, da stellt ee fest, dass jiddefalls bis elo Europa an deene béide Länner kee Walkampftema ass.

Wann dat awer an deenen zwee gréisste Länner vun Europa keen Thema ass, da muss ee sech wuel doriwwer Froe stellen. Et gëtt sécherlech Leit déi behaupten, et géng elo eng Generatioun eruwuessen, déi éischtens am Prinzip iwwerhaupt net un der Politik interesséiert wär, an och zweetens net méi wéisst, wat dat lescht Jorhonnert eis op dësem Kontinent u Krich an u Leed bruecht huet.

Dat ass sécherlech net ganz falsch, mä ech géng awer d'Leit net wëllen ënnerschätzen. Mir hu jo alleguer dat Leed matkritt iwwert d'Zeitungen, d'Televisioun an och heiheem selwer duerch déi Flüchtlingen, déi et gëschter an och haut nach an Ex-Jugoslawien gouf a gëtt, an och nach manner wäit ewech. Ech mengen net, dass mer dat vergiessen, an dass dat un de Leit spurlos laanschtgaangen ass. Mir wäerten och net vergiessen, wéi machtlos d'Europäesch Unioun do huet mussen nokucken.

Dofir musse mer, wa mer elo an deenen nächste Wochen a Méint dee groussen Débat iwwert d'Zukunft vun Europa ufänken, menger Meenung no, zweegleiseg fueren. Mir mussen deen Débat op allen Niveaue vun eiser Gesellschaft féieren. D'Chamber huet jo och an deem Sënn am März eestëmmeg eng Resolutioun ugeholl. D'Commission des Affaires étrangères et européennes, an enker Kollaboratioun mam Ministère des Affaires étrangères, huet mat de Préparative fir deen Débat ugefaangen. Mir hoffe bei der Realisatioun vun deem eigentlech eemolege Projet, wou d'Politik bal e Schratt zrëckhëlt, a wou mer wierklech wëllen op eng professionell Aart a Weis eng Diskussioun am Land provozéieren - ech soe bewusst provozéieren - iwwert een Thema, wat anscheinend d'Leit net schrecklech interesséiert, op déi néideg Ënnerstëtzung op allen Niveaue an dësem Haus zielen ze kënnen.

Ze begrëssen ass och, dass de Benelux-Memorandum proposéiert no deem groussen Débat mat allen Acteuren aus der Gesellschaft e Forum anzeberuffen, deen eng Rei vu Propositione géng ausschaffen - zu méi ass ee méi staark wéi eleng -, déi enger Regierungskonferenz géinge virgeschloe ginn. Dat wär eng vun de Richtungen, déi een aschloe misst.

Eng aner ass et, dem Bierger Europa méi no ze bréngen an en eigentlech houfreg ze maachen, zu eiser Communautéit ze gehéieren. Hie muss sech identifizéiere kënne mat där Europäescher Unioun a mat deem, wat se bewierkt, an dofir musse mer, esou wéi de leschte Benelux-Memorandum et formuléiert, konkret Projeten an Objektiver, déi sech direkt op d'Liewe vun eise Matbierger auswierken, réaliséieren, an dat an Domänen wéi d'Sécurité alimentaire, d'Sécurité intérieure, d'Santé, d'Ëmwelt. Dozou gehéiert sécherlech och dat soziaalt Europa an den Objektif „plein emploi“.

Mir mussen awer och eis Politique européenne de sécurité et de défense commune nach weider ausbauen. Mir mussen international zu enger reeller Entitéit eruwuessen, déi an allen Domänen hir Responsabilitéiten hëlt an och huele kann.

Bei allen Interventiounen, déi mer iwwert d'Zukunft vun Europa héieren, évitéieren neierdénks Riedner dat Wuert Visioun, och wa se et vläicht gäre gebrauchte géingen, well eng Visioun, esou wéi dat de Fall war beim Robert Schuman a beim Jean Monnet, un där

sech eigentlech net vill fir haut dierft geännert hunn, kann nëmmen eng Visioun sinn, wa se vun de Leit erwaart gëtt a vun de Leit och gedroe gëtt. Et ass elo un eis, eis Matbierger ze motivéieren. Grouss Rieden halen an een deem aneren op d'Schëller klappen geet do net duer. Dat gehéiert zum politeschen an diplomateschen Alldag, an dat ass sécher inévitable. Mir dierfen awer net mengen, dass d'Leit dat net géinge mierken.

Wa mer also an deenen nächste Joren a Méint de Grondstee fir eng politisch Unioun, well dorëmmer geet et, leeën, da mussen mer eis bewusst sinn, dass et net ouni de Bierger geet. Et kann nëmme mat him goen. D'Regierung kënne an deenen Négociationen, déi elo ustinn, nëmmen esou wäit goen, wéi d'Perceptioun vun Europa bei de Bierger et erlaabt.

Dee groussen Débat iwwert d'Zukunft vun Europa, deen d'Commission des Affaires étrangères et européennes, an ech hoffen d'ganz Chamber zesumme mat der Regierung an eisem Land, lancéiere wëllt, soll derzou bäidroen, eis Lëtzebuerger Ambitiounen fir Europa méi klar ze definéieren an eiser Regierung an deenen Diskussiounen a Verhandlungen ëm déi nei Conférence intergouvernementale vun 2004 de Réck ze stäipen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jacques-Yves Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Iescht Debatt, déi mer haut féieren - et ass och déi Iescht vun dëser Sessioun -, déi werft eng Fro op, an zwar déi, ob se iwwerhaapt e Sënn huet, well wann een iwwert eng Ratifikatioun vum Traité de Nice diskutéiert an et weess een, dass an Irland e Referendum stattfonnt huet, wou dat Land sech géint den Traité de Nice ausgeschwat huet, da weess een am Prinzip och, dass wann d'Unanimité an de 15 Länner net erreecht ass, et deen Abléck net zu engem Traité de Nice kënnt. Verschiddener hoffen, dass bis 2002 d'Irlänner sech awer derzou hierginn, fir an engem zweete Referendum den Traité vun Nice ze ratifizéieren. Dat mag sinn, mä quid, wann et net ass? Da woren dës Debatten ëmsoss.

(Interruption)

Jo, si woren net ganz onnëtz. Et woren interessant Debatten sans autre conséquence.

Dat, wat an Irland geschitt ass, ass net e klengt Accident. Et ass net eng Péripétie, well et muss ee verschidde Léieren draus zéie fir d'gesamteuropäesch Politik, mä och fir d'europäesch Politik zu Lëtzebuerg.

Déi éischt Lektoun, déi een draus zéie muss, ass den Taux d'abstention, deen an Irland ganz héich wor: 35%. Dat beweist, dass eng total Démobilisation vun der irescher Bevëlkerung do wor, wat déi euro-

päesch Politik an notamment deen Traité de Nice ugeet.

Wéi ass et zu Lëtzebuerg? Ech hu schonn e puermol den Eurobarometer vum Fréijoer vun dësem Joer zitéiert. Den honorabelen Här Fayot huet dat virdrun och gemaach. Ech wäert elo e puer Zuelen - vläicht als Redite -, erëmginn.

Nach kann ee soen, dass 81,3 % vun de Lëtzebuerger der Meenung sinn, dass se an der europäescher Politik näischt ze soen hunn, dass se net mat abezu ginn.

27 % mengen, si wiere richteg informéiert iwwert dat, wat geschitt.

63,5 % vun de Lëtzebuerger sinn iwwerhaapt net drun interesséiert, fir un öffentlechen Diskussiounen deelzehuelen. Bal d'Halschent vun de Lëtzebuerger mengt - esou stellt den Eurobarometer fest -, dass se net drun interesséiert sinn, fir weder mat der Regierung nach mat der Chamber iwwert Europa ze diskutéieren.

Wat awer erstaunlech ass, dat ass, dass 73 % mengen, si wieren net genuch informéiert. Wa se net genuch informéiert sinn, ass et garantéiert net, well net ganz vill driwwer an den Zeitunge steet an an de Medië gesot gëtt. Et ass eng Feststellung, déi een awer eventuell derzou féiere muss, dass vläicht de Wëlle fir informéiert ze ginn net besteet.

Bei den Ängschten, déi d'Lëtzebuerger hunn, stellt ee fest, dass 58,7 % vun de Lëtzebuerger fäerten, dass d'Lëtzebuerger Sprooch ganz géing verschwannen.

A wat d'Osterweiterung ugeet, do kann een am Résumé soen, dass een Drëttel dat positiv gesäit. Eppes méi wéi een Drëttel ass dergéint, an een Drëttel vun de Lëtzebuerger huet keng Meenung. Wann esou ee Resultat wéi am Eurobarometer erauskomm wier am Kader vun engem Referendum, dann hätt Lëtzebuerg zum Traité de Nice Nee gesot. Däers muss ee sech emol bewusst sinn, well et sinn ongeféier déiselwech Donnéeën, déi mer mutatis mutandis hunn.

Elo soll versicht ginn, den Dialog mam Bierger ze féieren iwwert en Internet-Site, iwwert e Questionnaire an iwwert verschidden Hearingen. Mir hunn ons als ADR dermat d'accord erklärt, well et gutt ass, dass mer op jiddfer Fall eng Kéier mam Bierger iwwert Europapolitik diskutéieren, well et ass jo bis elo nach net geschitt. Et geschitt theoretesch bei den Europawalen, déi mir all fënnef Joer hunn, mä do weess jiddfereen, dass déi national Themen iwwerweisen an dass Europapolitik zweetrangeg ass.

De Fait, dass e reellen Débat bis elo nach net gefouert ginn ass, erklärt zum Deel d'Resultater vum Eurobarometer. Mir mengen als ADR, a mir hunn et hei schonn e puermol gesot, dass wann ee wëllt Europa zu Lëtzebuerg weiderbréngen mä och an Europa selwer, da geet et just nuren iwwert de Wee vum

Referendum, doduerch dass all Kéiers, wa wichteg Traitéen arrétéiert ginn, deeselwechten Dag an all europäeschem Land e Referendum iwwert deen Traité stattfënnt, wou klor d'Meenung vun de Leit gefrot gëtt. Dat zitt da mat sech, dass an där ganzer Campagne all d'Themen duerchdiskutéiert ginn an een esou dann och weess, dass een den Appui oder och net vun der Bevölkerung huet.

Zum Inhalt vum Traité vun Nice wëll ech fir d'éischt deenen zwee Rapportere merci soen, fir déi Aart a Weis mat där se hir schwiereg Aufgab gemeeschtert hunn, fir an hirem Rapport déi meescht Problemer opzeweieren.

Ech wëll op e puer Saachen net weider agoen. Mir behalen ons sechs Europadeputéiert. Mir behalen en europäesche Commissaire an ons national Représentanten an alle Gremien.

Mir hunn näischt manner, mir hunn och näischt méi, sauf datt mer elo bei de Pondératiounen däerfe véier Stëmmen hunn. Dat rässt keen hei zu Lëtzebuerg vum Hocker, well et am globale Prozentsaz vun de Stëmmen net vill ausmécht.

Beim Vote iwwert d'Majorité qualifié wäert ech herno nach e puer Wuert soen. Mir mussen natierlech awer och festhalen, datt mer frou sinn, datt d'Steierpolitik net ënnert d'Majorité qualifié gefall ass. Dat ass de Mérite vum Tony Blair an do hate mer vläicht als Lëtzebuerger Land e gudden Alliéierte fonnt. Mä wat och sécher ass, dat ass, datt deen Traité vun Nice näischt mécht fir Europa de Bierger méi no ze bréngen. Dat wor de Wonsch vun der CSV, et ass dee vun der DP an ech huelen och un, datt et deen ass vun der LSAP a vun alle Riedner hei, mä op jidde Fall den Traité als solche wäert net vill bréngen.

Den Traité vun Nice ass keng Äntwert op déi Fro, déi vill Bierger sech stellen, fir Europa besser ze verstoen. An ech wëll dat illustréieren un Hand vum Artikel 133 vun deem neien Traité. Et muss een dat nämlech e bëssen analyséieren, fir ze verstoe wourëm et geet.

Am Rapport vun der Commission des Affaires étrangères gëtt gesot, „le nouvel article 133 spécifie clairement à l'endroit de son paragraphe 6 que ces derniers domaines relèvent d'une compétence partagée entre l'Union européenne et les Etats membres, ce qui implique l'unanimité pour les décisions“.

Et geet bei dem Artikel 133 ëm d'Aart a Weis wéi Europa soll an Zukunft négociéiere wann et ëm international Marchéen a Servicer geet.

Dat wat hei ausgedréckt ass am Rapport vun der Commission des Affaires étrangères, dat wëll ech lech eng Kéier un Hand vum Artikel selwer virlesen, oder weéneegstens vun engem Extrait dovunner. Ech entschëllege mech, wann ech do e bësse méi laang sinn, mä et ass awer derwäert, datt een dat liest.

De Paragraph 4 vun deem Artikel 133 ass kloer: „Dans l'exercice des compétences qui lui sont attribuées par le présent article, le Conseil statue à la majorité qualifiée“.

An da kucke mer de Paragraph 5: „Les paragraphes 1 à 4 s'appliquent également à la négociation et à la conclusion d'accords dans les domaines du commerce des services et des aspects commerciaux de la propriété intellectuelle, dans la mesure où ces accords ne sont pas visés par lesdits paragraphes et sans préjudice du paragraphe 6.“

Par dérogation au paragraphe 4, le Conseil statue à l'unanimité pour la négociation et la conclusion d'un accord dans l'un des domaines visés au premier alinéa: lorsque cet accord comprend des dispositions pour lesquelles l'unanimité est requise pour l'adoption de règles internes, ou lorsqu'un tel accord porte sur un domaine dans lequel la Communauté n'a pas encore exercé, en adoptant des règles internes, ses compétences en vertu du présent traité“.

Dir kënnt gutt verstoen, datt wann Der esou Texter hutt an Dir schwätzt da vun Europa de Bierger méi no bréngen, dann hunn ech d'Impressioun, dass mer do awer e puer Schrëtt vunenaner ewech sinn.

An de Rescht vum Artikel ass nach villméi schlëmm. Par contre gesäit een, datt dat ganz Europaparlament an Zukunft wäert 732 Memberen hunn. Déi kommen awer dann zesumme fir iwwer ganz wichteg Direktiven ze diskutéieren, wéi zum Beispill eng Direktiv, déi elo kierzlech ugeholl ginn ass, déi festleet wéi breet d'Sëtzer vun den Traktere solle sinn.

Dat si Saachen, déi vläicht méi konkret virstellbar sinn, ...

M. Ben Fayot (LSAP), co-rapporteur.- Déi sinn awer fir verschidden Industrieller extrem wichteg!

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Ech ka mer dat virstellen, mä ech wëll hei net iwwert d'Wichtigkeet vun deenen Donnéeën diskutéieren, mä et kann ee sech awer virstellen, datt d'Parlamentar vläicht eppes anescht ze dinn hunn, wéi sech mat esou Saachen ze beschäftegen.

Fir op déi Politique commerciale commune ze kommen, muss ee soen, datt wann ee gesäit wat d'Commentairen zu deem Artikel bruecht hunn, datt een d'Impressioun huet, datt jiddereen deem Artikel eng aner Lecture gëtt.

Do gëtt zum Beispill festgehalten: „La notion de politique commerciale“ muss en fait stricto sensu gesi ginn. Dat heescht, si soll am Prinzip nëmmen d'Wuere beinhalten.

Den Traité vun Amsterdam hat a sengem Artikel 133, Paragraph 5, deen elo staark modifiéiert ginn ass, virgesinn, datt de Conseil kann unanime décidéiere fir Accoren iwwer Servicer an iwwer Propriété intellectu-

elle ze arrétéieren, mä vun deser Méiglechkeet ass awer an där ganzer Zäit kee Gebrauch gemaach ginn.

Mä et geet hei awer ëm ganz wichteg Saachen, well d'Europäesch Unioun um zweete Rang steet wat d'Investitiounen an der Welt ugeet an datt d'Halschent vun deenen Investitiounen notament iwwer Servicer ginn.

Et muss een och festhalen, datt déi Servicer vum Handel mat Drëttlänner ausmaachen an d'Halschent vum Commerce mat de Vereenegte Staten. Et muss ee gesinn, datt deen internationalen Handel sech ëmmer méi op verschidden Domänen ausweit an datt hei elo en Accord fonnt ginn ass, wou ee gesäit, datt ganz spezifesch gesot ginn ass wat am Prinzip drënner fällt, mä datt awer och festgehalen ginn ass wat net drënner fällt. Mä wann een dat muss an der Praxis exercéieren, dann hunn ech d'Impressioun, datt mer hei nach en etlech Surprisé wäerte kréien.

Et muss een awer begrëssen, datt d'Unanimitéit nach an der Kultur, an der Educatioun an an der Santé zréckbehale gëtt. Ech huelen un, datt et d'Santé humaine ass an datt d'Santé animale nees erëm ausgeschloss ass. Mä et ass awer och nach virgesinn, datt an den nationale Parlamenter muss ratifizéiert ginn. Dat steet nirgendwou. Ech hunn d'Impressioun, datt dat awer bal misst esou sinn an ech wier frou, wann d'Rapporteure mer kënnte soen, datt wann d'Unanimitéit besteet, ob dann net awer muss an den nationale Parlamenter ratifizéiert ginn. Ech huelen un, datt et esou ass, mä ech wier awer frou, wann ech kënnt eng Bestätegung kréien.

Dann ass festgehalen ginn, datt d'Déciounen, déi iwwer Majorité qualifizéiert kënne geholl ginn, méi zählräich virgesi ginn.

Et wore 55 Méiglechkeeten am Prinzip virgesinn. 27 sinn der zréckbehale ginn, dovunner aacht, déi kee vum Hocker räissen, well et ëm d'Nominatioun geet. Dat heescht, an der Quantitéit ass hei garantéiert geschaff ginn, mä an der Qualitéit vun der Majorité qualifizéiert, egal wéi een zum Prinzip selwer vun der Majorité qualifizéiert steet, ass net vill erreecht ginn.

Et muss een och soen, datt dee ganze Mechanismus, deen do festgehalen ginn ass, mat ganz vill Virsicht ze genëssen ass, well ech d'Impressioun hunn, datt en net ganz vill wäert zum Droe kommen, wann ee gesäit wat schonn an der Vergaangenheet gemaach ginn ass.

Dat zweet ass, dass festgehalen ginn ass, datt am Prinzip den Droit de veto net méi géing spille bei der Majorité qualifizéiert, mä wann ech awer de Rapport kucken, dee vum Senat an och vun der Assemblée nationale gemaach ginn ass am Frankräich, da lisen ech do, datt dat net esou wier: „On imagine mal d'ailleurs qu'une décision importante puisse être imposée à l'une des principales puissances de l'Union. L'expérience et la pratique de la construction euro-

péenne en témoignent. Ainsi le compromis de Luxembourg de 1966, jamais remis en cause depuis lors, a fait droit à la position française selon laquelle, lorsqu'un intérêt national très important d'un pays important est en cause, les discussions doivent se poursuivre jusqu'au moment où leur parvient un accord unanime“.

Ech hunn d'Impressioun, datt den Traité zwar e Fortschritt gemaach huet, mä datt et esou gaangen ass wéi an der lechternacher Sprangprozessioun, dräi Schritt no vir an zwee, wann net dräi no hannen.

Et muss een och soen, wat déi Majorité qualifizéiert ugeet, datt d'Spuenier sech duerchgesat hunn an datt, wat d'Cohésionsfongen ugeet, op jidde Fall all Déciounen an all Modifikatiounen an deem Sënn bis 2007 ausgesat sinn.

Da wëll ech e puer Wuert soen zu där berühmter Coopération renforcée. Dat ass en fait esou eng Aart Intergouvernementale. Ech froe mech, firwat een dat muss an en Traité setzen, wann ee souwiso kann ënner State sech eeneg maache fir eng gewësse Politik ze diskutéieren. Ech hunn zum Beispill gelies, datt d'Benelux-Länner wëllen eng gemeinsam Immi-gratiouns- an Asylpolitik festhalen.

M. Ben Fayot (LSAP), co-rapporteur. - Eng gemeinsam Positioun fir an Europa eng Politique commune ze erreechen.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Ech mengen, do ginn et verschidde Méiglechkeeten. Dat eenzegt, dat hei festgehalen gëtt, ass, datt déi Coopération renforcée vun e puer Länner awer kann a verschidde Richtunge goen.

D'europäesch Kommissioun muss da kucken, wann e puer Länner sech regroupéiert hunn an déi eng oder aner Richtung, fir déi Politiken, déi vun de Länner arrétéiert ginn, an eng gewësse Kohärenz ze bréngen. Dat steet hei schéin am Traité, mä ech froe mech awer, wéi d'europäesch Kommissioun et wäert faerdegbréngen, wann e puer Länner an hir Parlamenter eng Politik decidéiert hunn, fir de Contraire ze maache vun deem wat aner Länner och decidéiert hunn. Hei schéngt mer also munches onkloer ze sinn.

Eng wichteg Debatt, déi een net ka verhënneren an déi souguer muss gefouert ginn, betrëfft d'Iwwerleeungen iwwer d'Zukunft vun der Europäescher Unioun. Dat wat mer sollen an Zukunft diskutéieren ass dat wat een de Subsidiaritätsprinzip nennt, dat heescht, kucke wat um europäeschen an um nationalen Niveau muss gemaach ginn. Et ass och de Rôle vun den nationale Parlamenter an där Politik. Ech wëll just nëmmen op déi Problematik agoen.

Wann een elo kuckt wat op europäeschem Niveau gemaach gëtt, da gesäit een, dass dat ëmmer méi ass. 1999 sinn zu Bréssel 129 Texter verabschied ginn, déi e legislative Charakter haten. Am Joer 2000 waren et

der 242. Wann een d'Reglementer dobäi hält, da gesäit een, dass dat der ongeféier 2.000 pro Joer ausmaachen.

Et muss ee sech wierklech d'Fro stellen, ob dat et bréngt. Et ass och festgestallt gi vun der Kommissioun, datt Europa net richtig fonctionnéiert.

Anscheinend, esou seet d'europäesch Kommissioun, well Europa net genuch integréiert wär. Mir mengen éischter, et wier well zevill reglementéiert gëtt, zevill an d'Detailer eragaange gëtt an nach munch Kontradiktione bestinn.

Et muss ee sech d'Fro stellen, wéi et mat dem zukünftigen Europa soll weidergoen an ob déi Salami-Taktik, déi mer bis elo kannt hunn, dat heescht, dass stéckelchersweis Souveränitéitsrechter un europäesch Institutiounen vun eenzelne Länner ofgetratt ginn, nach laang soll weidergoen? Wa mer an Zukunft sollen debattéieren iwwert d'Fro, wat um europäeschen Niveau geschéie soll, a wat nach soll an de Kompetenze vun den nationale Parlamenten bleiwen, dann ass déi Fro eng fundamental Fro.

Mir sinn der Meenung, dass mer mat där Taktik, fir lues a lues ëmmer méi Pouvoiren op europäeschen Niveau ze bréngen, bal um Enn ukomm si vun deem, wat mir als Land an och als Partei solle matmaachen. Och mengen ech, dass och an anere Länner et a Fro gestallt gëtt, fir nach méi Pouvoiren ofzeginn.

Et wor virdrun eng kleng Debatt hei iwwert d'Steierpolitik, déi um Niveau européen gemaach soll ginn. Ech hat geduecht ze verstoen, dass den Här Statsminister hei vun enger perséinlecher Meenung geschwat hätt, an dass et nure sollt eng Debatt ginn. Ech muss soen, dass nodeem ech seng Interventioun vum 15. Mee 2001, déi en zu Bréssel gehalen huet, um Site internet vun der Regierung gelies hunn, ech awer d'Impressioun hunn, dass en do au contraire formell Engagementer agaangen ass a formell Suggestiounen gemaach huet.

Ech zitieren: „Que le Parlement européen doit obtenir des compétences en matière fiscale me paraît, même si c'est unimaginable pour certains, évident. Lorsqu'on ne veut pas seulement être démocrate à l'intérieur de ses frontières mais aussi au niveau de l'Europe, mettons-nous d'accord sur la fiscalité européenne.“

Ech mengen, dat sinn awer relativ klor Aussoen, wou ech unhuelen, dass wa se als Discours du Premier Ministre à la Maison du Grand-Duché de Luxembourg gemaach gi sinn, et sech net ëm perséinlech Deklaratiounen kann handele mä ëm Deklaratiounen vun der Regierung. Do wär ech frou gewiescht, ier esou Deklaratiounen gemaach gi wären, wa fir d'éischt hei an der Chamber doriwwer geschwat gi wär.

Mir mengen, dass mer elo musse ganz ferm oppassen, wéi wäit mer nach iwwerhaapt Pouvoir

weiderginn un Europa, u Bréssel, well wann ee wëllt d'Europapolitik de Bierger méi no bréngen, dann heescht et awer garantéiert net, dass een d'Europapolitik dem Bierger méi no bréngt, wann d'Décisionen ëmmer méi zu Bréssel geholl gi statt zu Lëtzebuerg. Dat ass eng Logik mat där mir jiddefalls net kënnen d'accord sinn.

Wat wichteg ass, dat ass, dass d'Kompetenze festgehale ginn iwwert dat, wat um europäeschen Niveau ka geschéien an dat wat zu Lëtzebuerg soll geschéien, an dann därer net méi doru geréckelt ginn. Dat ass dat, wat mer richtig fannen. Ob mer dat elo an engem Traité festhalen, an enger europäescher Konstitutioun oder wéi mer dat legislativt Gebilde och nennen, dat ass elo secondaire. Wichteg ass, dass d'Kompetenzen ee fir allemol festgehale ginn an dass dorun net méi gerüttelt gëtt.

Ech gleewen net, dass d'Bierger an Europa, d'Bierger zu Lëtzebuerg gewëllt sinn, hir Natioun, hiert Land total ofzeschaffen an all Kompetenzen op den europäeschen Niveau ofzeginn. Dat wier op jiddfer Fall e Wee, dee mir als ADR net kéinte matgoen an deem mer ons och géingen opposéieren. Mir musse genügend Souveränitéitsrechter behalen, fir dass mer als Land fir ons Bierger nach iergendeppes representéieren, fir dass dës Chamber, déi Regierung, déi dës Land soll féieren, nach Pouvoiren huet, an dass net fir alles, wat hei soll diskutéiert ginn, wat hei soll gemaach ginn, muss op europäeschem Niveau intervenéiert ginn, well jiddfer ee weess, dass et ganz schwéier ass, fir iwwerhaapt erauszefannen, wou d'Décisionen geholl ginn.

Prinzipiell wëlle mer och nach soen, dass mir mam Elargissement d'accord sinn. Mir hunn dat elei schonn e puermol festgehalten, mä ënnert verschiddene Konditiounen. Et muss progressiv sinn. Mir froe ganz klor, dass d'Acquis communautaires respektéiert gi mussen. Och wëlle mer wëssen, wat de Käschtepunkt ass vu jiddfer neiem Land, wat bäikënnt, wat et Europa kascht a wéi dat soll finanzéiert ginn.

Wat d'sozial Politik ugeet, esou muss ee festhalen, dass den Traité vun Nice näischt bréngt. De sozialen Defizit an Europa bleift bestoen. Keng sozial Konvergenzkritäre ginn ugefouert, ginn diskutéiert dank enger Politik, déi mer engem Sozialist an England ze verdanken hunn, mä och verschiddenen anere Länner. Mir bedauere ganz staark, dass op deem Wee näischt bougéiert.

Froen, déi ee sech och muss stellen, dat ass, ob d'Agrarpolitik, esou wéi mer se elo kennen, net muss iwwerduecht ginn, an dass notament net soll gekuckt ginn, ob et net besser wier nees d'Agrarpolitik zu groussen Deeler an déi national Kompetenzen zrëckzeverweisen.

Wéi gesot, si mer och géint eng Europasteier a mir wiere frou, wann hei vun der Regierung, awer dës

Kéier wa méiglech am Numm vun der ganzer Regierung, net am Numm vum Ausseministère, net am Numm vum Statsminister, mä vun der ganzer Regierung géing gesot ginn, ob mir fir eng Europasteier sinn oder net. Do hätten ech gären eng ganz klar Ausso vun der Lëtzebuurger Regierung.

Am Résumé kann ee festhalen, dass den Traité vun Nice fir Lëtzebuerg verschidden Acquië consolidéiert. All Land, och Lëtzebuerg, behält ganz vill national Rechter, wéinegstens wat seng Representatioun ugeet. D'Coopération renforcée bleift am Intergouvernemental. D'Majorité qualifiée och. Lëtzebuerg ka matmaachen, zum Gléck muss et net maachen, well mir sinn der Meenung, dass a verschiddenen Décisiounen Lëtzebuerg net onbedingt muss am Spëtzepeleton matmaachen. A wann et je sollt eng Kéier zu neien Iwwerleeunge kommen an der Steuerpolitik, da kënnt Der sécher sinn, dass mir net bereet sinn, fir do matzemaachen.

Wat och erstaunlech ass, dat ass d'Arroganz vu verschiddene Regierungen an notament vun der franséischer Regierung, déi, wéi den Traité de Nice knapps gestëmmt wor, higaangen ass a gesot huet, et wier bedauerlech, dass an der Steuerpolitik net iwwert d'Majorité qualifiée kënnt diskutéiert ginn, well si géinge fannen, dass déi aner Länner zevill niddreg Steieren hätten, an dass, en attendant dass d'Majorité qualifiée och um steuerleche Plang agefouert wär, déi aner Länner sollten higoen an hir Steuerlaascht net reduzéiere mä souguer eventuell augmentéieren.

Ech muss soen, d'Arroganz vun engem franséische Premier, fir esou eppes ze verlaangen, ass, a mengen Aen, inacceptable a condemnabel, well wann eng Regierung a Frankräich et net fäerdeg bréngt, fir hir Steieren ze reduzéieren, dann ass et net, fir déi aner Länner opzefuerderen, fir hir Steieren ze héijen.

Mir mengen, dass den Traité vun Nice net derzou féiert, dass de Bierger méi klar gesäit, wat an Europa passéiert a wéi et an Europa weidergeet, wéi vidrun.

Den Traité vun Nice beäntwert vill Froen net, mä et muss een awer soen, dass den Traité vun Nice och kengem schuet. Onsem Land net, Europa net, an dofir kënne mir ons mat deem Traité d'accord erklären. Et ass e Jo, mä zu enger Europapolitik, wou mer net wëssen, wou se genau higeet. Et ass e Jo, mä ouni Begeeschterung a mat ganz vill Skepsis.

Mir als ADR fuerderen, dass déi Debatten, déi elo kommen an déi fundamental fir Europa sinn, zesumme mam Public gefouert ginn, an zum Schluss e Referendum hei am Land ofgehele gëtt, e Referendum, den a ganz Europa deeselwechten Dag iwwert datselwecht Thema stattfënnt. Dat ass d'Konditioun ënnert där mir bereet sinn, des Europapolitik weider matzedroen, well et geet drëm, dass de Bierger mat abezu gëtt, an esou laang wéi dat net

garantéiert ass, wäerte mir ganz skeptesch deem géinteniwwerstoen, wat elo passéiert.

M. le Président.- Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt gläich zum Ufank vu menger Ried soen - et ass scho vun enger Partie vu Virriedner gesot ginn -, dass mir als Deputéierten eis musse bewusst sinn, dass mer iwwert ee Sujet schwätzen, den an eisen Ae komplett laanscht de Gros vun de Biergerinnen an de Bierger dobausse geet.

Dës Debatt fënnt an engem Vase clos statt. Ronn 80 % vun de Lëtzeburger hunn an der leschter Eurobarometerëmfro vum Mäerz dättelech ze verstoe ginn, dass se keen Interesse drun hunn, fir an eng Debatt iwwert d'Erweiterung agebonnen ze ginn. 70 % fille sech iwwerfuert, fir iwwerhaupt un enger Diskussioun iwwert d'Zukunft vun der EU deelzehuelen. 75 % wëssen net emol iwwer wat fir eng Beräicher ee si méi informéiere soll.

Den Här Fayot huet virdu gesot, den Traité vun Nice géing am Fong geholl keen dobausse vum Stull rappen. Ech géif dat aneschtens ausdrécken. D'Situatioun ass vill méi grav. Ech géing soen, dass kaum 10 % vun der Bevölkerung iwwerhaupt wëssen, dass mer haut diskutéieren, wat mer diskutéieren an zu wat fir enge Konklusione mer iwwert den Traité vun Nice kommen. Dat ass an eisen Aen d'Realitéit an ech wëll, fir et virsichteg auszedrécken, soen, dass dat awer méi wéi eng problematesch Situatioun ass, eng Situatioun, déi eis alleguer misst ze denke ginn.

Net nëmmen, dass d'Leit dobaussen net méi wëssen an och net méi verstinn, wat op der europäescher Bühn diskutéiert an decidéiert gëtt, neen, si hunn och einfach keng Loscht méi, wahrscheinlech aus deene Grënn, well se näischt verstinn, fir iwwerhaupt an eng Diskussioun iwwert d'Zukunft vun der EU anzeklammern. Si refuséieren doriwwer eraus majoritär op dat Zil hinzeschaffen, op dat d'Europäesch Unioun elo hir Kräfte soll konzentréieren, nämlech d'Erweiterung no Osten, d'Integratioun vun den ost- a mëttel-europäesche Länner an d'Europäesch Unioun.

Et ass, wann een de Bilan zitt, quasi e Refus total. Wann d'Lëtzeburger an d'Lëtzeburgerinnen haut kéinten iwwert d'Europäesch Unioun ofstëmmen, se entweder approuvéieren oder ofwielen, da sinn ech emol net sécher, wat iwwert déi bestehend Europäesch Unioun als Resultat géif erauskommen.

Ech géif souguer behaupten, dass mer, onofhängeg vun deem ireschen, relativ diffuse Veto, den do ageluegt ginn ass, an esou enger Krisesituatioun stinn. An esou enger Krisesituatioun ass d'Tendenz natierlech ëmmer erëm grouss, fir dee berühmte Lëtzeburger Konsens ze flegen an europapolitesch virun deene wichtegen Erausforderungen nach méi enk zesummenzeréckelen. Mir Gréng fannen awer, dass

dat just de falsche Wee an dëser Situatioun wier, fir de Leit Europa méi verständlech ze maachen. Grad well offen Diskussiounen a Kontroverse feelen, verschwénnt zu Lëtzebuerg Europapolitik oft an enger Grozon, an engem Flou, a ginn Alternativen an Handlungsméiglechkeeten net dättelech ausgeschwat.

Ech wëllt dofir klor hei soen, dass et niewent enger Rei vu consensuellen Orientéierungen awer och klor Differenzen an der Europapolitik tëschent deene Gréngen an de Majoritéitspartei gëtt, an et gëtt sécherlech och ganz grouss Differenzen an der Europapolitik tëschent deene Gréngen an anere Parteien, zum Beispill dem ADR, déi hei an der Chamber vertruede sinn.

Mir artikuléieren déi Differenzen am Europarlament op där enger Säit mä och am nationale Parlament, well mir mengen, dass een Europa net wéi eng op éiweg festgefuehren Ideologie soll betrueden, och net esou wéi en Débat an engem Cercle des intellectuels, mä wéi ee Prozess, an deem et och aus nationaler Siicht e Choix gëtt, an deem et verschidden Optiounen an oppen Diskussiounen gëtt a muss ginn. Et bestinn, an eisen Aen, eng ganz Rei vun Differenzen tëschent der Regierung an deene Gréngen an dëse Froen. Ech wäert versiche se am Laf vu menger Ried méi dättelech ze maachen.

Am éischten Deel wäert ech kuerz op den Traité als solchen agoen an dobäi och de Bilan vun der Regierung ënnert d'Lupp huelen. Well awer nom Fiasko vun Nice a wéinst der Negativstëmmung ënnert de Leit trotzdeem Perspektiven och wichteg sinn, wëllt ech am Haaptdeel vu menger Ried op déi ënnerschiddlech Reformusätz agoen, fir elo aus dëser Kris erauszekommen. Fänke mer mat de Schwächen an de weënege Stärken vum Traité un.

Erlaabt mer Punkt fir Punkt op déi aus eiser Siicht wichtegst Resultater vun Nice anzegoen. Ech loosse mech dobäi vun dräi Hauptkritären oder Hauptfroe leeden, déi den Traité aus eiser Siicht hätt sollen erfüllen.

1. Huet deen Traité d'demokratesch Legitimitéit vun der Europäescher Unioun verstärkt?
2. Huet en d'Unioun méi no un d'Zil vun engem friddlechen, sozialen an ekologesch nohaltegen Europa bruecht?
3. Huet en d'Institutiounen an déi eenzel Politikberäicher prett gemaach fir d'EU-Erweiterung?

Fir d'éischt, Dir Dammen an Dir Hären, zum Rôle vun der europäescher Kommissioun. Mir begrëssen, datt de Pouvoir vum President wiisst an datt dee vun den eenzelne Commissaire relativ dozou erofgesat gëtt. Dat vereinfacht de Fonctionnement vun dëser Institution.

Mir sinn och der Meenung, datt et gutt ass, datt de Prinzip vun engem Commissaire pro Land op

d'mannst méttelfristeg bestoe bleift, net well dat dem Prinzip géif entsprechen, datt all Land säin nationalen Interesseverrieder zu Bréssel misst hunn, mä well et d'Kommissioun als Ganzt trotzdeem méi no bei d'Memberstaten a bei seng Biergerinnen a Bierger réckelt.

Zweetens zum Fonctionnement vum Conseil. Um Niveau vum Conseil weist sech an eisen Aen, datt Nice effektiv kee gudden Traité ass. Dat gëtt un zwee Hauptpunkten dättelech.

1. De Conseil ka weiderhin nëmmen a weënege Beräicher mat der qualifizierter Majoritéit ofstëmmen. Wann eent vun den Ziler vum Traité sollt sinn d'europäesch Institutiounen prett fir d'Erweiterung ze maachen, esou ass dëst Zil an dësem Punkt kaum erreecht.

Déi Beräicher zum Beispill, déi bei der Erweiterung an d'Gewicht falen, wéi d'Struktur-, d'Asyl- oder d'Immigratiounspolitik, sinn nëmmen an Deelberäicher an d'Majoritéit qualifizéiert iwwergaangen.

Och am Beräich vun der Sozialpolitik gëllt weider d'Unanimitéit, och wann eenzel Brécke geschlo goufen, fir an d'Majoritéit qualifizéiert iwwerzegoen.

2. Esou eng Majoritéit qualifizéiert kënnt am Conseil nëmme schwéier zustanen. D'Idi vum der duebler Majoritéit, esou wéi se vun der Lëtzebuerger Regierung luewenswäerterweis proposéiert gi war, ass leider net zréckbehale ginn. Den neien Ofstëmmungssystem ass doriwwer eraus fierchterlech komplizéiert an, wat nach méi negativ ass, e risquéiert Blocagen, déi eigentlich sollten ofgebaut ginn, an Zukunft nach méi ze verstärken.

De Fonctionnement vum Conseil ass domat wuel dat beschte Beispill fir den Echec vun Nice. Op dësem Niveau gëtt am beschten demonstréiert, datt bei dësem Traité national Egoïsme méi gespillt hu wéi d'europäesch Solidaritéit. Domat gëtt a ville Beräicher eng fortschrëttlech Verdéiwung vun Europa behënnert an doriwwer eraus d'Erweiterung erschwéiert.

Zum Rôle vum europäesche Parlament.

Et ass sécherlech eng Lëtzebuerger Réussite zu Nice gewiescht d'Ziel vun den Europadeputéierte fir Lëtzebuerg bei sechs halen ze kënnen an och d'Lëtzebuerger Verrieder am Conseil économique et social an am Comité des Régions bei dëser Ziel ze loosse. Mir fannen dëst am Intérêt vum Pluralismus eng gutt Saach a mir halen et fir e wichtigen Acquis, vu dass d'Dominanz vun de groussen Parteien aus deene méi groussen Memberstaten am Europaparlament ëmmer méi grouss gëtt.

Et licht eis awer op där anerer Säit net an, firwat bei der Sätzverdeelung all Memberstate méi Poids krute wéi déi nei. Dat lescht Wuert ass an dëser Fro no den Aussoe vun de Rapporteurs nach net geschwat, vu datt nach net definitiv arréiert ass wivill Sëtzer déi

eenzel Länner no 2004 behalen. Et ass de Conseil, dee virun all Legislaturperiod muss festleeë wivill Sätz all Land kritt. Vu datt keng Ofstëmmungsprozedur festgeluegt ass, wäert dëst wahrscheinlech op Basis vun der Majorité simple geschéien, wéi d'Rapporturen dat an hirem Rapport feststellen.

Dat bedeit, datt dës Sätzfro fir Lëtzebuerg och nach net definitiv gekläert ass an datt een dofir muss opmierksam bleiwen.

Déi Gréng, Dir Dammen an Dir Hären, waren ëmmer Unhänger vun enger staarker Kommissioun an engem staarken europäesche Parlament. Och wann d'europäescht Parlament no Nice ëmmer méi an de Rôle erarutscht, d'Muechtverloschter vu Länner am Conseil müssen ze kompenséieren an domadder ëmmer méi nationalorientéiert gëtt, esou bleift dës Institutioun an eisen Aen awer e gewësse Garant vu Progressivitéit a vun Noheet beim Bierger.

Mir bedauern dowéinst och, datt net all Décisiounen, déi mat der qualifizierter Majoritéit am Conseil geholl, och an d'Co-décisiounen am Europaparlament müssen ofgeseent ginn. Dat ass aus demokratescher Siicht e Réckschrëtt. Besonnesch däitlech gëtt dat am Beräich vun der Struktur- a vun der Kohesiounspolitik.

Et bleift doniewent natierlech och ervirzesträichen, datt d'Europaparlament an esou wichtege Beräicher wéi der Agrarpolitik weider esou gutt wéi näischt ze soen huet. Dat ass onverstandlech, dat ass skandaléis no enger Agrarkris an enger Verbraucherschutzkris, déi eiser Meenung no och doduerch zustane komm sinn, well national Parlamenter oder d'europäescht Parlament praktesch net däerfe bei der Agrarpolitik matschwätzen.

Dir Dammen an Dir Hären. Déi institutionell Aspekter sinn déi eng Säit vun dësem Traité, seng Marschrichtung an Inhalter op deene verschiddene Politikfelder eng aner. Mä och do ass de Bilan vun Nice net grad iwwerwältigend.

Mir sinn als Gréng der Meenung, datt Europa sech mat der Ratifizierung vun dësem Traité weider vill zevill a vill zevill eesäiteg a Richtung vun enger liberaler, reng profitorientierter Fräihandelszon entwéckelt an d'Prioritéit zevill just um fräie Maart an um onbegrenzte Wettbewerb läit.

Loosst mech just a Stéchwierder soen: D'Charta vun de Grondrechter, déi méttlerweil schonn erëm e weéneeg a Vergiessenheet geroden ass, ass inhaltlech ze schwach a rechtlech net contraignant.

Eng europäesch Sozialpolitik ass net emol usazweis ze erkennen.

De Secteur public geréit vun Dag zu Dag méi ënner en ultraliberale Privatiséierungsdruck.

Den Ëmweltschutz ass och no den Deklaratiounen vum Sommet vu Göteborg nach ëmmer net an der Realitéit zu engem seriösen Zil vun dëser Unioun ginn. Ech wëll

dat kuerz un zwee Beispiller illustréieren. Dat eent ass deen neien Aktiounsprogramm Ëmwelt vun der Kommissioun, deen an eisen Ae vill zevill schwach ass, wou vill zevill Vertrauen drop geluegt gëtt, datt d'Industrie fräiwëlleg Mesure soll huelen, déi net contraignant sinn, wou keng kloer Etappenziler festgesat gi fir Saachen ze realiséieren. Dat ass ee Beispill.

En zweet Beispill ass dat Wäissbuch zur Chemikaliepolitik vun der Europäescher Unioun, wou op enger ganzer Rei vu Gebidder immens Schwachstellen dra sinn a wou virun allem och wat de Schutz vun de Leit op der Aarbechtsplaz, dat heescht, aus enger aarbechtsmedezinescher Siicht, an och wat de Schutz vum Consommateur ubelaangt, grouss Lacunë bestinn a wou den Inhalt dovunner absolut ongenügend ass.

Zéie mer eng Konklusioun. Op institutionellem Plang war den Traité vun Nice en deelweise Réckfall an national Egoismen. Op politischem Plang sinn d'Akzenter vun dësem Traité méi wéi mor.

Den Traité vun Nice ass domadder sécherlech kee gudden Text. En ass den absolute Minimum, deen noutwendeg war fir d'Unioun reng formal op d'Erweiterung virzubereeden. Mä et ass keen Traité, deen d'Unioun stabil genuch mécht, fir dës Erweiterung och gutt ze iwwerstoën.

Trotz allem - an ech wëll et ouni Mëssverständniss vun eiser Säit aus soen -, dës Erweiterung, déi an de Käpp vun de Lëtzebuerger an de Lëtzebuergerinnen diffus Ängshten a Skepsis ausléisst, bleift fir eis en absolut prioritären Défi fir Europa. Et ass vum Här Juncker a vun anere Leit gesot ginn, an et bleift och an eisen Ae wouer, et gëtt kee bessere Moya fir Friden a Sécherheet an Europa ze assuréieren wéi eng seriö Erweiterung ze packen.

Mä op där anerer Säit ass et och wouer, datt d'Regierungskonferenze vu Maastricht, vun Amsterdam a vun Nice der Europäescher Unioun awer net déi noutwendeg Reforme bruecht hunn, fir gläichzäiteg eng seriö Erweiterung ze packen a fir gläichzäiteg eng seriö Verdéiung vun Europa weiderzedreien.

Dir Dammen an Dir Hären, ëmsou méi wichteg ass et, fir grad am Kader vun dëser Debatt aus de Feeler vum leschten Traité Léieren ze zéien, fir et déi nächste Kéier besser ze maachen. Domat kommen ech zum Haaptdeel vu menger Interventioun.

Do geet et fir d'alleréisch emol drëm, fir eng méi demokratesch an effikass Prozedur fir deen nächsten Traité auszeschaffen. Dës Diskussioun muss op parlamentareschem Niveau elo an haut ufänken. Ëmmerhinn wäerten d'Regierungschefen am Dezember zu Laeken an der Belsch jo och d'Marschrouten dofir festleeën.

Ech wëll drun erënneren, datt d'europäesch Regierungschefen och nom Debakel vun Nice selwer schéngen erkannt ze hunn, datt esou wichteg Trai-

téen net méi kënne a leschter Minutt an am grouse Stress an och ënner relativ onwürdege Konditiounen nach moies um halwer sechs ausgehandelt ginn. Si hunn dofir och an enger Deklaratioun festgeluegt, datt niewent engem grondleeënden Débat iwwert d'Zukunft vun der Unioun och soll iwwer nei Weeër nogeduecht ginn, wéi déi nächst Reform vum europäeschen Traité, dee fir d'Joer 2004 ugepeilt gëtt, op Basis vun deenen neie Methode soll kënne geschéien.

Ech wëll hei d'Iddi opgräifen, déi vum europäesche Parlament dozou an enger Resolutioun festgehalen ginn ass. Déi nei Regierungskonferenz kann nëmmen dann effikass, realistesch an demokratesch legitiméiert Reforme bréngen, wa se an engem ganz neie Prozess zustane kënnt. Dese Prozess muss dat europäescht Parlament, mussen déi national Parlamenter, mussen d'Kommissioun an d'national Regierung vun Ufank un a systematesch abannen.

Dir wësst, datt et mat dem Konvent, dee fir d'Ausschaffe vun der Charte européenne ënnert der Présidence vum Roman Herzog gegrënnt gouf, en Instrument gouf, dat op esou enger Basis fonctionnéiert huet. Mir als Gréng hunn dëst Instrument net an alle Punkte begréisst, mä mir fannen, datt et ënner gewësse Konditiounen trotzdeem e gudde Moya wier, fir d'Schwaachstelle vun der traditioneller Regierungskonferenz ze évitéieren. Dese Konvent soll wa méiglech seng Aarbecht uganks vum nächste Joer ophuelen an zum Schluss vum Joer 2003 ofschléissen.

Wat de Fonctionnement vun esou engem Gremium ugeet - an dat ass den Inhalt vun där Motioun, déi ech bei der Question préalable hei virgedroen hunn -, sinn eis e puer Punkte wichteg.

1. Mir fannen, datt den absolute Konsensprinzip, dee bei der Charte gegollt huet, wéi déi ausgeschafft ginn ass, keng Fortschrëtt bréngt. Et misst doriwwer nogeduecht ginn, ob d'Konklusioun vum dësem Gremium a sengem Ofschlussbericht net missten op Basis vun enger nach ze definéierender Majoritéit geholl ginn. Ob dat 2/3 oder 3/4 ass, dat kënnt ee jo diskutéieren.

2. Mir sinn der Meenung, datt d'national Parlamenter net schonn doduerch genuch vertraute sinn, datt ee Member vun der Oppositioun am Konvent sëtzt. Et ass wichteg, och fir e kontroversen nationalen Débat ronderëm de Konvent ze kréien, datt all Kräfte vun der Oppositioun bei de Sëtzunge vum Konvent kënne dobäi sinn.

3. De Rôle vun den ONGe bei der Virbereedung vun enger neier Regierungskonferenz ass immens wichteg, mä de Konvent muss en demokratesch legitiméiert Instrument sinn, net zulescht och fir gewësse Regierungen net d'Chance ze gi seng Décisiounen net eescht ze huelen. Dofir, d'ONGe kënne an eisen Aen net selwer mat um Verhandlungsdësch sëtzen, mä si

soll regelméisseg informéiert a konsultéiert ginn. Dat ass fir si eng weider Prioritéit.

Et muss, an dat fuerdere mer och an eiser Motioun, mat den ONGen eng Struktur fir d'Konsultatiounen a fir d'Diskussiounen fonnt ginn, eventuell nom Virbild dat mer bei der Charte vun den Droits fondamentaux haten.

4. Ee Wuert zu de Virschléi, déi dese Konvent soll maachen. Et ass an eisen Aen immens wichteg, datt de Konvent net einfach eng Hellewull vun Optiounen ausschafft an dann der Regierungskonferenz vun 2004 erëm all Fräiheete gëtt, fir sech eng dorënner erauszesichen. An eisen Ae muss de Konvent kloer Recommandatiounen entwéckelen an d'CIG soll dëst net kënne fundamental ignoréieren oder ofleenen. Mir sinn an dësem Punkt och dofir net ganz mam Memorandum Benelux averstanen, dee just d'Méiglechkeet zu Optiounen opléisst.

Dir Dammen an Dir Hären, all dës Kritäre sinn an där Motioun duergeluegt, wou mer gären hätten, datt se virum Vote iwwert den Traité hei soll zur Ofstëmmung kommen a wou ech gesot hunn, datt mer eise Vote zum Traité och dovunner géifen ofhängeg maachen.

Et gëtt vu verschiddene Säite gefuerdert dësem Konvent och d'Aufgab ze ginn eng europäesch Verfassung ze lancéieren. Mir hunn als Gréng ëmmer mat vill Nodrock gefuerdert, datt d'Europäesch Unioun sech soll esou eng Verfassung ginn. Mir sinn awer och der Meenung, datt esou eng Verfassung net därerf mëssbraucht gi fir Rechter erofzeschrauwen, fir d'politesch Unioun op engem déiwen Niveau anzeféieren.

Ech fannen et och dofir e wéineg irritéierend, datt de Memorandum Benelux sech just dofir asetzt, do wou et drëm geet am Kontext vun der Verdeelung vun de Pouvoiren tëschent dem europäeschen an dem nationalen Niveau, datt Acquisé wéi de Marché intérieur, d'Monnaie unique an d'Politique des concurrences net dierften ugetaacht ginn. Mir hunn näischt dogéint, mä de Problem ass fir eis awer och, datt dat net déi eenzeg Beräicher därerf sinn, déi musse garantéiert sinn, wa mer iwwer esou eng Verfassung schwätzen.

Mir sinn der Meenung, datt do och ganz aner Beräicher, ob dat d'Ëmwelt ass, d'Santé, de Verbraucherschutz, Soziales asw., musse kënne garantéiert bleiwen.

Wat dee Verfassungstext ubelaangt, ass et fir eis am Moment relativ zweetrangeeg, ob dës Verfassung e Genre Zousaz zu den nationale Verfassungen gëtt, oder ob et en europäeschen Iwwerbau gëtt. Mir sinn éischter der Meenung, dass ee muss mat alle Kräften drop hischaffe fir d'Diskussioun iwwert d'Charte vun de Grondrechte ze relancéieren an op méi en héijen Niveau ze bréngen, fir datt se kann en Element vun dëser Konstitutioun ginn.

Aus demokratescher Vue ass et och wichteg, datt een driwwer schwätzt wéi d'Konklusioun vum Konvent, ob en elo scho bis 2004 op eng europäesch Verfassung erausleeft oder net, vun de Biergerinnen a Bierger sollen ofgeseent ginn.

Et sinn am Moment am grénge Lager an Europa dozou verschidden Iddien an der Diskussioun.

1. D'Europawalen als Legitimation,
2. eng Consultation en cours de route vun der Konvention,
3. e regelrechte Referendum zum Schluss.

Mir sinn als Lëtzebuerger Gréng der Meenung, datt Lëtzebuerg sech misst op europäischem Plang dofir asetzen, datt europawäit Referenden organiséiert ginn, an zwar ier déi national Parlamenter deen nächsten Traité géife ratifizéieren. Dat ass fir eis ganz wichteg, virdrun, net duerno.

Dës Referende kënnent zum Beispill organiséiert gi wann d'Konklusioun vum Konvent um Dësch leien. Et kënnt awer och si bei de Walen zum Europaparlament. Op jidde Fall dierft et an eisen Aen, fir emol eng Kéier de Statsminister ze paraphraséieren, „kee Spill sinn“, andeem zum Beispill eréischt nodeem d'Parlament hei schonn ofgestëmmt huet, dann nach e Referendum géif organiséiert ginn. Dat wier fir eis gespillt mat de Leit. D'Leit solle virdrun d'Méiglechkeet hunn, ier d'Chamber hei doriwwer debattéiert an ofstëmmt, hire Wëllen zum Ausdrock ze bréngen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech weess, datt esou Propositionen vu Referenden den Europagéigner liicht an d'Hänn kënne spillen a bei Frënn vun enger staarker politescher Unioun wéinst der ablécklecher Negativstëmmung an der Skepsis an der Bevëlkerung net gärsi ginn.

Mir hunn iwwer all dës Bedenken och bei eis diskutéiert. Trotzdeem, e Referendum wier fir eis en Instrument, dat zu dësem Moment an ënnert dës Konditiounen vu Refus a Ras le bol an der Bevëlkerung deen eenzeg richtege Moyaen wier, fir aus der Kris erausze kommen. Dee méigleche Schock, dee géif entstoe wann een einfach esou virufiert wéi dat bis elo geschitt ass, kënnt an eisen Ae méi dramatesch sinn.

Dofir wier et besser, och wann et schwéier ass, och wann do Europagéigner sinn, fir awer an d'Prozedur ze goen, fir d'Leit herno driwwer ze befroen, wa se seriö informéiert sinn.

Dës Referendum géif den demokrateschen an de politeschen Enjeu vun der Europäescher Unioun daitlech maachen an domat versichen, deen déiwe Grueftëschent den europäeschen Institutiounen an de Biergerinnen a Bierger ze verklengeren.

Esou e Referendum gëtt de Biergerinnen a Bierger par rapport zu den Institutiounen, déi ëmmerhin alldeelech an hiert Liewen agräifen, ouni dass se dat kënne kontrolléieren, erëm eng Kéier Rechter zrëck. Si hätten esou dann och emol e Recht driwwer ze decidéieren.

Och kënnt dës Referendum endlech en nationalen Débat iwwert d'Zukunft vun der Unioun lancéieren, dee Sënn mécht, dee seriö geholl gëtt, well en de Leit d'Méiglechkeet gëtt, fir hir Meenung bei engem richtigen demokratesche Vote auszudrécken. Dat ass fir eis eng ganz wichteg Konklusioun, déi esou e Konvent misst hunn. An deem Sënn hu mer eng Motioun verfaasst, déi ech hei déposéieren.

Motion 2

La Chambre des Députés

- considérant que la CIG 2004 constitue une étape importante de la construction européenne, surtout face à l'élargissement et aux décisions fondamentales concernant la configuration des institutions européennes;

- considérant que l'Union européenne est devenue une entité politique et juridique qui touche les intérêts des citoyennes et citoyens au plus près;

- considérant qu'un débat autour des buts de la construction européenne ne pourrait revendiquer un certain impact qu'à condition que les citoyennes et citoyens européens puissent, à la fin de ces débats, exprimer leur opinion dans le cadre d'une consultation publique;

- considérant que la population de l'Union européenne, d'après les résultats des sondages récents, se sent mal informée et tenue à l'écart des décisions dans le domaine de la politique européenne, et que le désintérêt pour les questions européennes a atteint un niveau dramatique dans des pays comme le Grand-Duché;

- considérant que ce désintérêt pourrait conduire à une profonde crise de légitimité de l'Union européenne, et ceci à un moment où les défis de l'élargissement et de l'enracinement politique de l'Union nécessiteraient un support et une adhésion extraordinaire des citoyennes et citoyens;

invite le Gouvernement

- à œuvrer au niveau européen pour l'organisation d'un référendum dans tous les Etats membres de la Communauté européenne;

- à envisager que cette consultation se déroule après la publication des conclusions du forum ou de la convention préparant la CIG 2004, et avant la ratification du prochain traité par les parlements nationaux;

- à tenir compte des conclusions de ce référendum lors de l'élaboration de sa position dans le cadre de la CIG 2004.

(s.) Jean Huss, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Renée Wagener.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Chamber wëllt an dësen Deeg op de Wee goen, fir en nationalen Débat ze lancéieren an deem d'Bierger an d'Zivilgesellschaft sollen agebonne ginn. Mir begrëssen de Prinzip dervun, kritiséieren awer d'Form aus folgende Grënn:

Ka wierklech eng weider Campagne vun enger Agence de publicité e Mëttel sinn, d'Vertraue vun den EU-Biergerinnen an EU-Bierger erëmzegewannen?

Ass e Questionnaire mat Froestellung iwwert déi relativ ofgehuewen Institutionen-Debat dee richtege Moyaen, fir méi Leit fir Europa ze begeeschteren?

Mir zweifelen drun, ob esou Kommunikatiounsstrategien eis vill wäerte weiderbréngen. Ech weess, si sinn nëmmen een Element an enger grousser Informatiounscampagne. Mir mengen trotzdeem, dass se schonn am Ufank vun engem Diskussiounsprozess d'Leit iwwerfuere, an dass se vläicht souguer riskéieren, d'Europamiddegkeet oder Feindlechkeet nach ze verstärken.

Wie gefrot gëtt, seng Meenung ze soen, muss fir d'éischt emol iwwert déi wichtegst Décisionen, déi geholl gi mussen, an iwwer seng eegen Handlungs-méiglechkeeten opgekläert sinn.

Mir hunn eis als Gréng dofir vun Ufank u skeptesch vis-à-vis vun der gemeinsamer Iddi vun der Regierung an der aussepolitichescher Kommissioun vun der Chamber verhalten, fir esou e Questionnaire ze maachen. Mir droen d'Iddi u sech prinzipiell mat, well duerch dës Moyaen versicht soll ginn, d'Leit mat anzubannen, mä mir fäerten awer, dass dës Questionnaire duerch seng ofgehuewe Froestellung, duerch den Zäitpunkt vu sengem Lancement an duerch déi Grozon, wat da mat den Äntwerten herno soll geschéien, d'Europamiddegkeet vun de Leit nach verstärke kéint.

D'Vertrauen an Europa kritt een net eleng duerch PR-Aktiounen erëm, déi d'Kritik un Europa verwëscht an am Fong Regierung an Opposition an der Europapolitik insgesamt an een Dëppe geheet.

Mir hunn elo vill driwwer geschwat, wéi een Europa méi no u seng Biergerinnen a Bierger kann zrëckhuelen. Do sinn och déi demokratesch Defiziter vun den europäeschen Institutionen ugeschwat. Ech wëll kuerz op déi Propositionen, déi d'Lëtzebuurger Regierung gemaach huet, agoen.

Zur Désignatioun vun der Kommissioun: Mir fannen et interessant, dass de Premier de Prinzip lancéiert huet, fir d'Commissairen um nationalen Niveau wielen ze loossen. Wier et awer net eng besser Iddi, der

Chamber dës Charge ze ginn, wat dann och d'Méiglechkeet zu engem Débat contradictoire iwwert d'Kompetenz vu méigleche Kandidate géif ginn.

Mir stinn dem Virstouss am Benelux-Memorandum, de Kommissiounspräsident wielen ze loossen, éischter skeptesch géinteniwwer. Wéi soll de Wieler d'Kandidate kënne jugéieren oder och nëmme kennen, ausser et géif ee Filmschauspieler oder bekannt Footballspiller un d'Spëtzt vun esou Wallëschte setzen?

Wier et net eng besser Iddi, dem Europaparlament d'Charge ze ginn, de President vun der EU-Kommissioun ze wielen, an domat de Collège des Commissaires national an europäesch duerch d'Parlamentarier legitiméiert ze kréien. An dësem Punkt gëtt et iwwerengens keng Iwwereneestëmmung tëschent den Aussoe vum Här Juncker an dem Memorandum.

Zum wichtigste Punkt: Mir bedauere fundamental, dass de Conseil dee Gremium, deem am meeschte Pouvoir op der europäescher Bühn huet, nach ëmmer net méi staark demokratesch kontrolléiert gëtt a quasi nach ëmmer hannert zouenen Dieren debattéiert.

Ech wëll och dofir der Mme Ausseministes, déi den 3. August vun dësem Joer an engem „Journal“-Interview gemengt huet, de Conseil wier schonn doduerch demokratesch legitiméiert, dass seng Vertrieeder vum Vollek gewielt wäre, äntwerten.

An enger parlamentarescher Demokratie gëtt et eng klor Trennung tëschent den Exekutivaufgabe vun der Regierung an de Kontrollaufgabe vum Parlament. Am Fall vum Conseil, deem dozou nach legislativ an exekutiv Aufgabe vermëscht, froe mir eis, wou dës parlamentaresch Kontroll soll sinn.

Mir begrëssen ausdrécklech, dass Lëtzebuerg sech dofir asetzt, dass de Pouvoir vum Europaparlament weider ausgebaut soll ginn, mä mir fuerderen awer och, dass endlech déi national Parlamentarier hire Rôle als Kontrollorgan vun der Regierung kënne par rapport zum Conseil ausüben.

D'Minister, déi do tagen, sinn zwar klor duerch d'Wale legitiméiert, Mme Polfer, mä wien informéiert d'Parlamentarier a wien informéiert d'Biergerinnen an d'Bierger dobaussen, wéi eis Minister an dem Conseil zu Bréissel ofstëmmen? Wie leet do hire Verhandlungsspillraum fest? Ech ginn lech Beispiller.

En éischt Beispill, wat elo 1 Joer zrëckläit: Bei de Verhandlungen fir den Agenda 2000 fir déi europäesch Agrarpolitik festzeleeën, sinn do d'Lëtzebuurger Deputéierte virdru gefrot ginn? Ech ka mech net dorun erënneren, dass se gefrot sollte gi sinn. Mir haten de Mueren d'Debatt iwwert d'EU-Agrarpolitik, wou wichteg Orientéierungen deemools festgeluegt goufen. Och do si mir net gefrot ginn.

(Interruptions diverses)

Ech ginn dem Här Strotz dann en zweet Beispill, wou hie sech als Agrarpolitiker net esou concernéiert fillt,

dat ass d'Beispill vun der Tubaaksdirektiv. Bei der Verabschiedung vun enger Tubaaksdirektiv, déi fort-schrëttlech war, well se d'Gesondheitspreventioun sollt verbesseren, do huet de Lëtzebuerger Minister sech am Conseil enthalen, ouni dass d'Chamber doriwwer virdru gefrot gi wär. Wann d'Chamber virdrun an der Santéskommissioun oder hei doriwwer gefrot gi wier, da wier et sécherlech aneschters gaangen, dann hätt Lëtzebuerg sech sécherlech net bei deem Vote enthalen. Do hunn ech awer esou vill Vertrauen a meng Kolleegen, déi hei setzen, dass Lëtzebuerg déi Direktiv ënnerstëtzt hätt.

Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.- Hat Dir de Minister gefrot, fir an d'Kommissioun ze kommen?

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- D'Deputéierten an enger Kommissioun mussen emol fir d'éischt informéiert ginn, wat de Programm ass vun engem Conseil des Ministres. Dat wësse mer jo net.

Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.- De Conseil des Ministres, d'Agendaen, de ganzen Ordre du jour, alles ass öffentlech. Ech ginn all Projet de directive, wann en erakënnt, mat enger Fiche an d'Chamber. D'Chamber kritt vum éischte Moment un, wou och nëmmen ee Projet virläit, all d'Ennerlagen, an déi ginn an déi verschidde Kommissiounen. A wann eng Kommissioun e Minister wëllt ëm eng Stellungnahm froen, da mengen ech, kënn ech am Numm vu menge Kolleegen soen, dass se sech bis elo nach ni gezunn hunn, fir virun d'Chamber ze kommen an do hire Point de vue virzeleeën. Hei ass d'Chamber an alleréischter Linn gefuerdert. Do si mir eens. Ech ginn all Mount e grouse Koup eran.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Wou sinn déi dann? Mir kréie se net.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Mme Polfer, wat Äert eegent Verhalen an der aussepolitesser Kommissioun ubelängt, ass et wierklech esou, dass ech lech do ka kee Reproche maachen. Dir kommt ëmmer an d'Kommissioun, quitta dass d'Kommissioun net kann de Cours vun deem influencéieren, wat Dir herno maacht. Mir kënnen dat nëmme probéieren. Dir kommt a versicht eis ze informéieren. Ech maachen lech do perséinlech kee Reproche, mä de Punkt ass, wat déi aner Kommissiounen ubelaangt.

Dat Beispill vun der Tubaaksdirektiv ass souguer e Beispill, wou ee sech als verantwortleche Politiker iwwerhaupt net emol kënn virstellen, dass e Lëtzebuerger Minister sech kënn bei esou enger Direktiv enthalen. Do ass ee Malaise, an et ass och dat, wat mer an enger Motioun uschwätzen, wou mer herno nach kuerz kënnen drop agoen. Ech kommen elo awer zu de Konklusiounen.

Wa mer vun institutionelle Reformen an Europa schwätzen, da solle mer do fir d'alleréischte vun institu-

tionelle Reformen hei am Land schwätzen. Eng permanent parlamentaresch Kontroll ass och en direkten an effikasse Moyaen, fir d'Öffentlechkeet anzebannen, fir Europa ze interesséieren. Wa méi Parlamentarier vun deene verschiddene Fraktiounen iwwert esou europäesch Propositions de directive, wou scho Saachen am Virfeld falsch lafen, géifen diskutéieren an d'Press géifen doriwwer informéieren, da géif et scho méi en europäeschen Débat doriwwer ginn.

Et geet drëm, fir net nëmmen d'Parlamentarier, mä och d'Press an d'Zivilgesellschaft méi ze informéieren. D'Press an d'Zivilgesellschaft kënn sech nëmme ganz schwéier e Bild driwwer maachen, wat dann iwwerhaapt an deene Conseile geschitt. Si kënnen nëmme matkréien, wat den Dag no de Conseilen an der Press steet. Do läit fir eis e fundamental demokratesche Problem.

Dat ass wichteg, och fir eis an dëser Chamber, well mer jo wëssen, dass ronn 70 % vun de Gesetzter, déi hei an d'Chamber kommen, iwwert Direktiven zu Bréissel esou wäit virdéidéiert sinn, dass een hei praktesch keng Aflossméiglechkeet méi drop huet. 70 %, dat ass een immens héije Prozentsaz. Iwwer wat bestëmmen mir dann nach? Et bleiwen nach 30 % iwwert déi mir hei bestëmmen kënnen. Ech fannen, et wär wichteg, fir och iwwert déi aner 70 % kënnen ze diskutéieren, dass een am Virfeld en Afloss drop hätt, ob dat elo d'politesch Mehrheit ass oder d'Oppositioun.

Mir mengen, dass et Schluss muss sinn, dass Bréissel an deene meeschten Domänen eng „black box“ ass, wou kee Mënsch méi weess, wat do déidéiert gëtt. Et gëtt een eréischt owes am Fernseh gewuer oder den Dag duerno, wat finalement vun de Ministeren diskutéiert ginn ass.

Dat wat ech elo soen, dat hu mir scho virun engem Joer hei gesot an hunn op déi Mësstänn opmierksam gemaach. Mir mengen, dass dës Chamber sech misst endlech personell, materiell an organisatoresch Moyene ginn, esou wéi et an anere Länner de Fall ass, fir d'Propositions de directives an d'Direktive scho vun Ufank u kënnen ze suivéieren. Dat géif och de Ratifizierungsnoutstand reduzéieren, an et géif dem Parlament eng aktiv Kontrollfunktoun zrëckginn.

Als Beispill kënn ee sech eventuell orientéieren un deem, wat an eisem Nopeschland der Belsch de Fall ass. Déi hunn e sougenannte Comité d'avis, deen aus Europaparlamentarier an aus nationalen Deputéierten zesummegesat ass, deen an d'nationaalt parlamentarescht Geschéie kann agraifen, dee systematesch Projets de directives préift, an dofir och déi personell an organisatoresch Capacitéiten a Moyenen huet.

Et ass noutwendeg, fir d'EU-Kommissioun op méi demokratesch Féiss ze stellen, mä et dierf een domat net einfach iwwert d'Hausaufgaben doheem ewech-

goen. Eng demokratesch Reform vun den EU-Institutionen muss fir d'alleréischte hei Heem ufänken. Mir bedauern, dass dës Prioritéit, déi mer haut erëm eng Kéier virbréngen, am Benelux-Memorandum net opgegraff ginn ass, dass do konkret Virschléi dozou feelen. Ech mengen, dass awer e Lien misst sinn. Dat ass eng Aart a Weis fir d'Demokratie, fir d'Parlament anzebannen, wéi och d'Öffentlechkeet, d'Zivilgesellschaft an d'Press.

Mir schloen dofir als Gréng vir, dass d'Chamber sech an enger Resolutioun verflucht, an enger Orientierungsdebatte ze diskutéieren, wat fir eng personell, wat fir eng materiell a wat fir eng organisatoresch Moyenen noutwendeg fir dës Chamber sinn, fir d'Aarbecht am Conseil des Ministres besser kënnen ze suivéieren.

Résolution

La Chambre des Députés

- *considérant que la Chambre des Députés doit exercer un pouvoir de contrôle sur le Gouvernement;*
- *considérant que les projets de loi et projets de règlements dont la Chambre des Députés est saisie concernent de plus en plus la transposition de directives européennes;*
- *considérant que le Gouvernement attache une grande importance à une information exhaustive et une consultation réelle de la Chambre des Députés dans le cadre de la politique européenne;*
- *considérant que les gouvernements Benelux ont aussi plaidé dans le dernier Mémoire Benelux pour une meilleure association des parlements nationaux;*
- *considérant que le traité de Nice n'a pas donné lieu à une amélioration notable de l'influence des parlements nationaux;*
- *considérant que la Chambre des Députés doit réfléchir sur une meilleure coopération entre les parlements européens luxembourgeois et les parlements nationaux;*

invite la Chambre des Députés

- *à organiser dans les prochains mois un débat d'orientation sur les possibilités d'une meilleure information et consultation de la Chambre des Députés dans les affaires européennes;*

- *à charger la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la défense de préparer ce débat.*

(s.) Jean Huss, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Renée Wagener.

Och wëll ech mäin Discours mat de Wiederer vun der Ausseministeschen an engem „Journal“-Interview schléissen: „Europapolitik ass ëmmer och national Politik“.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Aloyse Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech schwätze weder esou schnell nach esou laang wéi den Här Huss.

Wann och an anere Länner ee Referendum gemaach gi wär wéi an Irland, kann een unhuelen, dass och a verschiddenen anere Länner, wann net an alleguer, den Traité vun Nice ofgelehnt gi wär. D'Bierger hunn nämlech d'Gefill, wéi wann alles iwwer hir Käpp géing decidéiert ginn, well weder d'Europaparlament nach déi national Parlamenter nach si selwer kréien eppes matzebestëmmen. Dofir geet et och net, fir d'Oflehnung vun Irland einfach ze minimiséieren, ze ignoréieren oder ze verlaangen, dass do misst esou oft ofgestëmmt ginn, bis dass endlech e positivt Resultat eraus géing kommen, esou wéi dat deemools bei Dänemark de Fall war.

Et ass och komesch ze behaapten, nëmmen 30 % vun de Wieler hätten ofgestëmmt, wéi dat hei op der Tribün gemaach ginn ass, fir domat ofzeleeden, dass dach eng Minoritéit vun de Wieler an Irland den Traité vun Nice net acceptéiert hätten.

Mat wéivill Prozent ginn déi amerikanesch Presidente gewielt, wou och knapp 30 % vun de Bierger wéi ginn, a wou d'Resultat sech och nach gläichméisseg op déi zwee Kandidaten verdeelt?

Wat Nice ubelaangt, hunn d'Leit d'Gefill, wéi wann dat haaptsächlech ee Feilsche gewiescht wär iwwert d'Zuel vun den Deputéierten an deem zukünftege Parlament, iwwert d'Stëmmegewichtung bei der Ofstëmmung fir déi qualifizéiert Majoritéit, an och fir déi Felder ze bestëmmen, déi duerch eng qualifizéiert Majoritéit sollten entscheet ginn oder eestëmmeg ugeholl ginn.

Wat och besonnesch zu Nice negativ war, dat ass, dass déi Sozialcharta, déi no laanger Virbereedung ausgeschafft gi war, leschten Enns, wann och net an der Totalitéit, esou dach awer eng ganz Rei vu Fortschrétt bruecht hätt, einfach net en institutionelle Charakter kritt huet.

De Wee vun der Ausschaffung vun der Sozialcharta muss begréisst ginn, well et ass ee Wee, deen och an Zukunft öfters misst kënnen beschratt ginn. Et hu Verrieder vun den nationale Parlamenter a vum Europaparlament drun deelgeholl an och Leit aus der Zivilgesellschaft. An dat, wat derbäi erauskomm ass, wann et och net an alle Punkte satisfaisant war, esou ass et awer a ville Beräicher e Fortschrétt gewiescht. Elo einfach nëmmen dat als eng Erklärung hinzuhuelen, wat hätt kënnen de Grondsteen vun enger europäescher Konstitution sinn, ass och en negativen Aspekt vun dem Traité vun Nice, oder méi allgemeng vun der Regierungszusammenkunft.

Dofir ass et net verwonnerlech, wa sech ëmmer méi Stëmmen erhiewen, dass d'Method vun der Regierungskonferenz iwwerholl ass an dass, fir d'Europäesch Unioun weiderzebréngen, eng aner Method noutwendeg ass, dat heescht, eng Method ähnlech wéi de Konvent, deen déi fundamental Rechter ausgeschafft huet. An esou engem Konvent sollen d'Vertreieder vun den nationale Parlamenten a vum Europaparlament gläichberechtigt si mat de Vertreieder vun de Regierungen, fir Virschléi iwwert déi zukünfteg Gestaltung vun Europa gemeinsam ze entwéckelen.

Dat ass d'Meenung vun der Fraktioun vun der Gauche unitaire am Europaparlament an ass och den Inhalt vun der Motioun, déi déi Gréng abruecht hunn, déi ech dofir ënnerstëtzen.

Zu Nice ass fir d'éischt den demographesche Faktor agefouert ginn, an zwar an zwoufacher Hisiicht. Fir d'éischt fir d'Zuel vun den Deputéierte festzeleeën, an eng zweete Kéier bei den Entscheedungen vum Regierungsrat, wou d'Populationsmehrheet 62 % vun der Bevëlkerung muss bedroen. Bei der Festleeung vun der Populatioun zielt net nëmmen d'Zuel vun den europäesche Bierger an engem Land, mä d'Gesamtzuel vun den Awunner. Net d'EU-Bierger eleng mä awer och déi, déi keng politesch Rechter hunn, déi ginn och geholl, fir déi Zuele festzeleeën. Zum Beispill ziele fir d'Bundesrepublik déi 3 Milliounen Tierken, déi do wunnen, fir d'Zuel vun den Deputéierte fir Däitschland festzeleeën. Dat ass ee Beispill, wéi Demokratie an der EU praktizéiert gëtt.

Nach eppes zu der EU-Erweiterung. D'Begeeschterung an d'Akzeptanz fir Europa hält souwuel bei de Beitrittslänner wéi och bei de bestehende Mitglieds-länner of. Déi eng fäerten, engem Loun- a Sozialdumping géng Virschub gelescht ginn, an de Käschtepunkt vun dëser Erweiterung - dee bis elo nach net prezis beziffert ginn ass - misste se droen. Déi aner fäerten déi wirtschaftlech Konkurrenz vun de Wueren aus de bestehenden EU-Länner, d'Eroberung vun hirem innere Maart an d'Vernichtung vu ganze Wirtschaftszweiger. Dat kënnt doduerch, well dat sozial Europa op der Plaz trëppelt a well keng sozial Mindeststandarde bis elo agefouert gi sinn.

D'EU-Parlament, obschonn et op 732 Mitglieder uwiisst, kritt keng gréisser Ausweitung vu senge Kompetenzen. Et gëtt gefaart, dass d'Politik vun der Kommissioun net gebëllegt gëtt, wéi dat kierzlech jo och bei der Ofstëmmung iwwert déi Direktiv vun de Fusiounen an den Iwwernahmen de Fall war. Déi Net-Unhuelung vun där Direktiv begrëssen ech hei ganz besonnesch a bedauern awer gläichzäiteg, dass nëmmen ee Lëtzebuerger Vertreieder am Europaparlament, dat heescht den Här Claude Turmes, géint déi Direktiv gestëmmt huet. Et ass awer duergaangen, fir se ofzelehnen.

Global gesinn, Här President, gëtt Nice am allgemengen éischter als een Net-Succès ugesinn. Formal gesinn, sinn nëmmen d'Bestëmmungen fir déi organisatoresch Erweiterung vun Europa gemaach ginn, awer déi Charta, déi d'Basis hätt kënne si vun enger europäescher Konstitutioun, déi ass lénks leie gelooss ginn. Fir mech ass dat Resultat vun Nice dofir ongenügend an dofir kann ech och dësem Traité meng Zoustëmmung net ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Ausseminister Lydie Polfer.

Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'alleréischten deenen zwee Rapportere merci ze soen fir déi wierklech ausgezeechent Aarbecht, déi si och dës Kéier, gemaach hunn. Et ass jo net fir d'éischte Kéier, wou se iwwert dëse Sujet geschafft hunn.

Dat wat ech de Mëtteg mat grousser Freed ka feststellen, dat ass, dass den Traité vun Nice wäert eng ganz grouss Majoritéit kënne verbuchen. Et deet mer zwar leed, dass den Här Bisdorff elo just gesot huet, hie kënnt dem Traité seng Zoustëmmung net ginn, mä dat gehéiert zu enger Demokratie, awer soss muss ech feststellen, dass eng ganz grouss Majoritéit dësem Traité wäert zoustëmmen.

Firwat ass dat esou?

Déi éischt Ursaach ass, dass d'Verhandlungen fir dësen Traité an dëser Chamber mat der Regierung ganz gutt virbereet gi waren. Ech gleewen net, dass an iergendengem anere Parlament sech esou intensiv während dem ganze Joer zesummen ënnerhalen a consultéiert ginn ass, wéi ebe just hei am Lëtzebuerger Parlament mat der Lëtzebuerger Regierung.

Mir haten zwou Debatten am Parlament. Mir haten d'Debatt iwwert d'Affaires étrangères an ech sinn dertëscht nach zwielefmol an d'Commission des Affaires étrangères komm, fir ëmmer nees d'Membere vun der Kommissioun ze ënnerriichten, wou mer dann elo an de Verhandlungen an an de Resultater vun deene Verhandlungen dru waren.

Dat, wat mer haut also hei diskutéieren, ass wierklech d'Resultat vun engem groussen Deel vun deenen Diskussiounen, déi mir zesummen haten. An ouni elo wëllen engem eppes virzemaachen oder eng Kritik unzebréngen, mengen ech awer kënne feststellen, datt wann an Irland esou intensiv am Virfeld iwwert deen Traité geschwat gi war an iwwert dat, wat um Spill gestanen huet, da wier wahrscheinlech dee Referendum, vun deem de Mëtteg esou vill hei geschwat ginn ass, och aneschtens ugaange ginn, mä mir wäerten op d'Manier, wéi ee mat deene Froen ëmgeet, nach eng Kéier zrëckkommen.

Eng éischt Ursaach, firwat mer déi grouss Zoustëmmung hunn, ass, well et gutt virbereet ginn ass.

Déi zweet Ursaach ass natierlech, weess Gott, net manner wichteg, dat ass, wéi den Här Fayot et gesot huet, well mer mat engem gudde Verhandlungseresultat heem komm sinn. Dat wat nämlech als Resultat, an ech schwätzen elo fir Lëtzebuerg, erauskomm ass, ass jo dat, wat mir hei a ville Réuniounen an Diskussiounen zesumme festgehalen haten, wat fir ons wichteg wär.

Dank deem detailléierte Rapport vun de Rapporteurs an deene verschiddene Stellungnahmen, brauch ech net méi am Detail op déi Punkten anzegoen. Ech maachen et wierklech nëmme mat Stéchwierder: De Commissaire, wou mer eise Vertrieeder an der Kommissioun behalen hunn, grad wéi an all deenen aneren Institutiounen, an eis Plaz am Conseil.

Et geet net nëmmen ëm d'Stëmmen, an dat wëllt ech dem Här Henckes soen. Et geet net drëm, ob mer der haut zwou hunn a muer véier, mä et geet virun allem drëm, dass am Resultat vun der Ofstëmmung ëmmer muss eng Majoritéit vu State mat enger Décisioun d'accord sinn, wa mer iwwert d'Majorité qualifié ofstëmmen, an dat heescht en fait, dass Lëtzebuerg an deem do Kritär esou vill Stëmmen huet wéi e Land wéi Däitschland oder wéi Frankräich. Do kann ee scho soen, dass d'Positioun vu Lëtzebuerg gefestegt ginn ass.

Eng drëtt Ursaach: Am Europarlament, wou mer eis heibanne jo eens waren, dass eng minimal Verriedung wierklech sechs Membere wieren. Mir haten déi, mir hunn déi behalen. Also summa summarum, déi haaptlëtzebuerger Revendikatioune gekoppelt mat deene Punkten, wou mer heibanne festgehalen haten, dass déi fir ons äusserst sensibel wieren a wou mer net wëllte vun der Unanimitéit an d'Majorité qualifié eriwergoen. Och op deene Punkte konnte mer eis Positioun behapten. E gutt Verhandlungseresultat also fir Lëtzebuerg. Dofir verwonnert et mech och net, dass déi grouss Majoritéit sech fir den Traité ausgedréckt. Dat soll ons awer net drun hënneren, e Bléck op dat allgemengt Resultat vun Nice ze werfen. Ass et dann elo dee grouss Succès oder ass et e Kompromëss? Ass et eng Visioun fir en neit Europa vu muer?

Oft, a besonnesch direkt no dem Ofschloss vun de Verhandlungen, ass éischter negativ driwwer geschwat ginn. Erlaabt mer awer vläicht, déi méi negativ Haltung e bëssen ze nuancéieren.

Wann ee seet, Nice huet net déi grouss Neierunge bruecht, da muss een Nice u sengem Optrag moossen. Säin Optrag war, wéi d'Rapporteurs et scho gesot hunn, ganz einfach dat definitiv ze behandelen, wat zu Amsterdam, wou jo nach déi ganz grouss Europäer, wéi se heiansdo duergestallt ginn, mat um Dësch soutzen, et net fäerdeg bruecht haten. Nice huet et awer fäerdeg bruecht an huet domat den institutionelle Kader gesat, fir eng Erweiterung méiglech ze maachen. Or, d'Erweiterung, dat ass eng Visioun. Dat ass eng grouss Visioun fir Europa. Dat ass

eng Visioun un déi mer virun 10 Joer nach net geglueft hunn.

Nice gëtt ons effektiv den institutionelle Kader, fir d'Erweiterung ze erméiglechen. Et ass dofir och net vun ongeféier, dass an de Pays candidats eng echt Satisfactioun iwwert d'Resultater vun Nice ganz klor a ganz däitlech zum Ausdrock komm ass. Si hunn hir Plaz gesinn an deene verschiddenen Institutiounen a Gremien. De Bulgaresche President huet net fir näischt gesot, dass mat deenen Décisiounen endlech Jalta opgehewe wier an deem en Enn gesat géng ginn, well eben um institutionelle Plang d'Erweiterung méiglech gemaach gëtt an deene Länner eng assuréiert Plaz zougestane gëtt.

Mä net nëmmen huet Nice d'Left-overs vun Amsterdam traitéiert, mä et huet den Agenda souguer nach erwidert op d'Coopération renforcée, déi de Mëtteg och hei ugeschwat ginn ass, op den Artikel 7, wou mer eis ee Mechanismus ginn hunn, wa Länner net méi deene fundamentale Valeuren, zu deene mir eis verpflichtet hunn, géinge gerecht ginn, wéi mer do dermat kënnten ëmgoen.

Dann nach déi Reformen, déi fir de Geriichtshaff virgesi sinn, déi gewëss extrem technescher Natur sinn, mä déi awer extrem wichteg sinn, fir déi Unioun vun haut, an natierlech virun allem vu muer, och nach funktiounsfäeg ze halen. Eng ganz Rei nei Schrëtt si gemaach ginn an et ass ee Kader geschafe ginn, fir eng Erweiterung méiglech ze maachen.

Ass Nice e Kompromëss? Jo ganz gewëss, an ech géng bal gäre soe Gott sei Dank, well d'Unioun ass an all deene Joren, wou se besteet, nëmme weiderkomm, well mer eben op Kompromësser konnten opbauen, dat heescht, dass net duerch eng Décisioun et der gi sinn déi gewonnen haten an där déi verluer haten, well dat war nach ni eng gutt Grondlag, fir eppes Durables opzebauen, mä dat, wat eis ëmmer nach weiderbruecht huet, dat war, wann tëschent deene verschiddenen Intérëten, tëschent deene verschiddene Länner, tëschent deene verschiddene politeschen Orientatiounen, Décisioune konnten erausgeschafft ginn, déi souwuel deem enge wéi deem anere gerecht gi sinn. Op wat et ëmmer ukënnt, dat ass, dass dee Kompromëss équilibréiert an awer och effikass ass, dat heescht, dass e kann an der Praxis ëmgesat ginn.

A wann ech do dann déi puer Punkten huelen, déi besonnesch ugeprangert gi sinn, wou gesot ginn ass, Nice wier net wäit genuch gaangen, oder Nice hätt net dat Resultat bruecht, wat erwaart gi war, da muss ech soen, dass ech dat vill méi nuancéiert wëllt gesinn.

Ech huelen zum Beispill d'Ofstëmmung am Conseil des Ministres. Gewëss dat Resultat, wat erauskomm ass, gesäit am Fong elo dräi Kritäre vir, fir eng Majorité qualifié ze hunn.

Et ass éischtens d'Majorité qualifiée vun de Stëmmen, et ass zweetens awer och d'Majoritéit vun de Staten an et ass drëttens déi Clause, wou ee muss kucken, ob 62 % vun der Populatioun hannert enger Décisioun steet.

Dat sinn dräi Kritären, wou mer bis elo een haten, well de Moment an der Stëmmegewiichtung, esou wéi se virgesinn ass, am Fong geholl deene Kritären elo scho Rechnung gedroe gëtt. Mä d'Resultat vun deem Ganze mécht ënnert dem Stréch awer, datt deene verschiddenen Ängschte vun deenen engen a vun deenen anere Rechnung gedroe ginn ass.

Mir wësse ganz gutt, datt déi grouss State gefaart hunn oder mat Préoccupatioun op déi grouss Zuel vu kleng Länner gekuckt hunn, déi der Communautéit elo géinge bäitrieden a gefaart ginn ass, déi Länner mat där gréisster Bevëlkerungszuel kënnten iwwerstëmmt ginn, wann nëmmen eleng d'Zuel vun de Länner ausschlaggebend wier.

De Javier Solana hat ee Moment gesot, et kann dach net sinn, datt déi 16 klengste Staten an Europa, déi nëmmen 12 % vun der Populatioun duerstellen, kënnten déi aner drun hënnere weiderzegoen.

Déi kleng Staten hunn natierlech och ganz kloer gespiert, datt géing versicht ginn Décisiounsstrukturen ze schafen, déi engersäits en Directoire kënnte schafen a wou hir Intérëten net méi géingen zum Ausdrock kommen.

Deene verschiddene Positiounen an deene verschiddenen Ängschten ass versicht gi Rechnung ze droen, an d'Resultat dovun ass u sech e Kompromëss, mat deem et sech wäert lieue loosse. Mä wou et drop ukënnt - an dat wëll ech ganz kloer ënnersträichen -, Nice ass gewëss e Kompromëss, ass e Kompromëss wou jidderee sech kann dran erëmfannen, mä et ass virun allem en Instrument, dat et ons erlaabt, wa mer de politesche Wëllen dozou hunn, aus der Erweiderung wierklech e Succès ze maachen. An dat ass dat allerwichtigst.

Mir hunn hei d'Méiglechkeet wierklech elo ze schaffen, an ech géing mer wënschen, datt eben an deene kommende Méint a Joren mer ons net nëmmen an theoreteschen Diskussiounen géingen erëmklappen, mä datt mer wierklech ganz konkret um Terrain géife schaffen, fir datt mer déi vill Erausforderungen, déi d'Erweiderung ons effektiv stellt, an aller Offenheet an an aller Transparenz zesummen uginne a versichen doraus e Succès ze maachen. Well et ass en Défi, mä et ass awer ganz sécher och eng Chance fir Europa.

Ee Wuert och nach zu dem Après-Nice. Ech mengen déi, déi Nice ausgehandelt hunn, ware sech jo ganz bewosst, datt dat hei en Instrument wier, mä datt domat natierlech den Integratiounsprozess vun Europa net op en Enn komm ass. Natierlech geet dee weider. La meilleure preuve ass jo, datt zu Nice selwer festge-

hale ginn ass, dat am Joer 2004 eng nei Conférence intergouvernementale soll ageruff ginn, där viraus e breeden Débat iwwert d'Europäesch Unioun an iwwert d'Zukunft vun der Europäescher Unioun soll goen.

Et sinn och schonn déi véier Punkten zrëckbehale ginn, mat deene sech virun allem soll beschäftegt ginn. Dat ass de Kompetenzkatalog, dat ass d'Charte des Droits fondamentaux, dat ass d'Vereinfachung vun den Traitéen, wat, weess Gott, net einfach ass. Ech komme vläicht nach op den Artikel 133 zrëck. Dat ass véiertens d'Plaz vun den nationale Parlamenten an der Europäescher Unioun.

Mir sinn eis, wann ech lech de Mëtteg héieren hunn, alleguer eens - an ech soen dat zënter ganz laangem, net nëmmen zënter dass ech an der Regierung sinn, an ech hunn an deem Kontext konkret Propositionen gemaach -, datt effektiv d'nationale Parlamenten müssen eng ganz kloer Plaz an deem ganze Prozess vun Décisiounen anhuelen. Ech hunn an deenen zwee Joer, wou ech am Ausseministère déi Responsabilitéiten hunn, op alle Fall versicht mäi Bescht ze maachen, fir esou wäit an esou komplett wéi nëmme méiglech d'Chamber permanent an dee Prozess mat anzubannen. Ech maachen et an der Commission des Affaires étrangères, an et ass natierlech och all aner Kommissioun virbehalen datselwecht mat hiren zoustännge Minister ze maachen.

Ech hat et eng Kéier gesot op eng Äntwert vum Här Krecké. Et gëtt gewëss nëmmen en Ausseminister, mä Europapolitik ass a ganz villen Domänen ganz kloer Nationalpolitik, wou eben déi nationale Ministeren an deene verschiddenen Domänen, ob dat Agrikulturpolitik ass oder Transportpolitik, Finanz- oder Sozialpolitik, gefuerdert sinn a wou si jo och d'Lëtzebuerger Intérëten zu Bréissel verrieden.

Alle Kommissiounen an der Chamber ass et also fräigestallt den Dialog mat deene respektive Regierungsmemberen opzehuelen, an dat wat ech maachen um Niveau vun eise Ministeren ass, datt esoubal eng nei Proposition de directive virläit, datt hei an d'Chamber eng Fiche kënnt, wou den Objet vun där Direktiv dropsteet, wou souguer och dropsteet wéi eng Implikatioun se en gros kënnt hunn. Dee Moment kënnt se an de Greffe vun der Chamber. Wéi gesot, Avis aux amateurs, datt déi verschidde Kommissiounen eben den Dialog op méi eng intensiv Aart a Weis wäerten ophuelen.

Wann d'Chamber d'Lëtzebuerger Positioun an d'Lëtzebuerger Méiglechkeeten am Europa vun haut wëllt méi grouss maachen, da stëmmt ons méi Méiglechkeete fir ons Intérëten zu Bréissel wierklech duerzeleeën, well mat där Zuel vu Gruppen, Comitéen a Kommissiounen, déi et do gëtt, sinn déi Moyene vu Ressources humaines méi wéi gefuerdert. Wa mer do wierklech sollen en Zeeche setzen, da wier ech lech dankbar, wann Der eis géift déi néideg Méiglechkeete

ginn, fir zesummen déi Positiounen virzebréngen, déi mer an enger demokratescher Diskussioun erausgeschielt hunn.

M. le Président.- Mme Minister, den Här Huss wëllt lech eng Fro stellen.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Mme Minister, dass Dir selwer elo sot, datt Der souséquipéiert wiert u Leit, fir kënne zu Bréssel eis Intérëten op allen Niveaue gutt ze verrieden ...

Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.- Dat wollt ech elo net negativ formuléieren. Ech wollt nëmme soen, datt een et kënnt besser maachen.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Wann Dir souguer vun de Ministären aus et kënnt besser maachen, da musst Der lech emol virstelle wéi et den Deputéierten an deenen eenzelne Kommissiounen ass, souguer wann Dir Programmer eragitt, wat fir eng Décisiounen an deene verschiddene Conseilen op iergendengem Sonndeg zu Bréssel geholl ginn? Wéi geet et eis dann? Mir sinn total souséquipéiert. Mir hu keen, deen eis doranner hëllef. Dofir hunn ech jo vun Ufank u gesot, mir sollen implizéiert ginn an dofir hunn ech och eng Resolutioun abruecht. Dat heescht, mir mussen eis och équipéieren.

Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.- Ech kommen nach op d'Resolutioun zrëck, mä de Fait, datt mir schonn am Mäerz de Projet de loi fir d' Ratifikatioun virgeluegt hunn, dat heescht, knapp e Mount nodeem en zu Nice ratifizéiert gi wor, ass nëmme drop zréckze féieren, datt mer extrem engagéiert a kompetent Leit a Mataarbechter hunn an ech wëllt deenen och hei ganz ausdrécklech merci soe fir deen Effort, dee si gemaach hunn.

Mä zesumme kënne mer nach Saache besser maachen, an ech bidden der Chamber do all offen Zesummenaarbecht un.

Ech kommen awer zrëck op den Débat, dee mer féieren. Och do, mengen ech, gi mer dach beispillhaft vir. Ech hu mat all menge Kollege geschwat an a kengem Land gëtt déi Diskussioun iwwert den Avenir de l'Europe op esou eng konsequent, kohärent a kollegial Aart a Weis ugaange wéi ebe just hei zu Lëtzebuerg tëscht der Commission des Affaires étrangères an de Responsablen aus dem Aussemistère.

Mir hunn dat ugefaange mat all deene Froen, déi mer eis jo zesummen an der Kommissioun stellen, an et gëtt nun eemol näischt, wou net och Geforen domat verbonne wieren a wou een net direkt all d'Äntwerten kloer an däitlech hätt, wéi et géng weidergoen. Mä wa mer wëllen deen Débat susciéieren, mengen ech, wäere mer eis jo eens, fir op

d'mannst dat hei unzegoen an dann och zesummen déi verschidde Schrëtt ze maachen.

Et soll net iwwert d'Public relations goen. Dat ass ganz kloer net eist Zil, well soss kënnte mer eis jo awer emol bei lech ëmfroen, well Dir hutt jo do eng relativ gutt Experienz - ech mengen do allgemeng déi Gréng -, wou iwwer mediatiséiert Aktiounen oft Sujeten an d'öffentlech Diskussioun kommen. Also, wa mer wëllten op dee Punkt kommen, da kënne mer eis doriwwer nach méi intensiv ënnerhalen.

(Interruption)

Et kann een ëmmer versichen déi gutt Iddien ze iwwerhuelen. Vun deene Schlechte soll ee sech net esou leede loosse.

Ech wëll nëmme hei ënnersträichen, datt et fir ons e wichtegt Signal ass, datt Lëtzebuerg haut, ebe just och no deem Referendum an Irland, seng Zoustëmmung zu deem Traité gëtt. Et ass e wichtegt Signal fir Lëtzebuerg, fir dat Vertrauen, dat mer an dat Instrument, dat Nice gëtt, hunn. Et ass nëmme en Instrument an et ass elo un ons, un der Regierung an um Parlament, dat Instrument mat Liewen a mat politeschem Wëllen ze erfëllen. Et ass awer och en Zeeche vu Vertrauen an déi nei Länner, déi muer ons Partner solle ginn, an et ass virun allem en Zeeche vun onser Iwwerzeegung, datt Europa nëmme eng Zukunft kann hunn, wann et op Zesummenaarbecht, op Dialog an op Solidaritéit opgebaut ass.

Ech muss soen, ech sinn do net esou pessimistesche wéi muncher heibannen. Ech si wierklech éierlech iwwerzeegt, datt wa mer de Lëtzeburger géinge froen, wéi en zu Europa steet, datt ee wees, datt e spiert, datt Europa fir Lëtzebuerg vun enger extremer Wichtigkeet ass an datt de Lëtzeburger ganz gutt weess, datt wa mir haut als dat klengt Land an der Mëtt vun Europa an deem Wuulstand kënne liewen, dann ass et nëmme well mer déi lescht Joerzëngte konnten opbauen an enger Regioun, déi vu Fridden, vu Stabilitéit a vun Offenheet gekennzeechent war. An déi Stabilitéit, déi Offenheet an dee Fridden huet ons Europa ginn an dofir sinn ech wierklech houfreg drop, datt d'Lëtzeburger net esou egoistesche sinn, wéi se oft duergestallt ginn, an ech si wierklech ganz frou - ech zitieren dann och aus deem Eurobarometer a versichen déi méi positiv Saachen erauszehuelen -, datt 63 % vun dësem Land fannen, datt d'Erweiderung wichteg ass, well et eben onse Kontinent unifiéiert a pazifiéiert. Ech mengen, dat ass e wichtige Message an op dee solle mer opbauen. Dat hei ass e Symbol vun deem Wëllen.

Ech soen all deene merci, déi sech an dëser Debatt ageschriwwen haten.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen doriwwer of.

Den Här Bausch freet nach d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, mir haten en Artikel vum Reglement invoquéiert, fir eng Question préalable ze stellen. Dat heescht, mir verlaangen eventuell d'Prioritéit fir eis Motioun 1. Dat ass fir eis wichtig, well en fonction dovunner wëlle mer och herno eise Vote maachen iwwert den Traité.

Motions

Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.- Entschëllegt, ech hat vergiess zum Ofschloss nach prezis dorop anzegoen. Ech war virdru schonn e bëssen drop agaangen an der Diskussioun mam Här Huss.

Ech mengen, bei där Motioun hei kënnt ee bal soen, si wier „sans objet“, well de gréissten Deel vun deene Propositionne sinn effektiv am Memorandum Benelux enthalen, mä si ass awer dofir net manner richtig an et kann ee se och unhuelen, sauf datt ech wëllt ënnersträichen, datt eng Konventioun oder e Forum, wéi och ëmmer mer et nennen, ëmmer nëmme kann eng Preparatioun zu enger Conférence intergouvernementale sinn, an datt definitiv Décisiounen ëmmer nëmme kënnen herno geholl ginn an enger klassischer Conférence intergouvernementale. Dat heescht, déi Leit, déi ebe gewielt sinn oder déi en exekutive Pouvoir vun enger Regierung duerstellen, déi sech awer stäipt op eng parlamentaresch Legitimitéit, sinn déi eenzeg Leit, déi definitiv herno kënnen iwwer eng Conférence intergouvernementale bestëmmen, mä d'Preparatioun soll esou breet wéi méiglech gemaach ginn.

Déi Propositionen, déi Der hei gemaach hutt, kann ech en gros unhuelen, sauf datt ech lech géing proposéieren, wann Der schreift „de mettre en place analoguement à la Convention“, géing ech lech proposéieren „à soutenir la mise en place d'un organe composé de représentants du Parlement européen“, well mir sollen eis net driwwer zerstreide wéi mer se elo nennen, an dann am zweeten Turet steet „et des pays adhérents“. Ech mengen, dat ass en Term, dee mer net esou geleeft huelen. Ech géing do soen „et en association avec les pays candidats“.

An deem drëtten Turet géif ech schreiwen „veiller à ce que la Convention assure une information ...“.

Am leschten Turet, Här Huss, schreift Der, d'Chamber soll vun esou engem fräie Stadium wéi méiglech un informéiert ginn an an der Diskussioun iwwert dat wat um Dësch läit mat dra sinn.

Et kann awer net sinn, datt dat nëmme wouer as fir d'Conseils ministériels européens futurs, well d'Preparatioun vun deenen Direktive gëtt jo net nëmme an de Conseils ministériels gemaach. De gréissten Deel gëtt a Kommissiounen an am Coreper virbereet an duerno kënnt et eréischt op den Niveau vun de Conseils ministériels.

Ech géing also soen „à continuer à impliquer la Chambre des Députés dans la préparation ... par un vrai débat contradictoire préalable“ an dat Negatiivt, dat hannendrun ass, ewechzeloossen. Dir musst verstoen, dass mer grad esou gär hätte wann dat net dobei wier. Da kënnte mer déi Motioun unhuelen.

M. le Président.- Ass den Här Huss d'accord mat der Mme Minister hire Propositionen?

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här President, mir hu kee Problem domat. Mir si bereet déi doten textuell Ännerungen integral ze acceptéieren a mir géifen déi Motioun da gär zum Vote stellen.

M. le Président.- Mir stëmme dann iwwert d'Motion 1 modifiée of.

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés

- *considérant que les Etats membres ont souligné dans la déclaration 23 annexée au traité de Nice la nécessité d'améliorer et d'assurer en permanence la légitimité démocratique et la transparence de l'Union et de ses institutions, afin de les rapprocher des citoyens des Etats membres;*

- *considérant la résolution du Parlement européen sur le traité de Nice qui invite les parlements nationaux, lorsqu'ils se prononceront sur le traité de Nice, d'exprimer leur ferme engagement en faveur de la convocation d'une Convention;*

- *considérant que la mise en uvre du Traité de Nice ne sera possible que si la Déclaration de Laeken ouvre des perspectives pour une révision des mécanismes de décision de l'UE qui la rendent à la fois plus efficace et plus démocratique;*

- *considérant que le dernier Memorandum Benelux propose que la responsabilité de préparer le travail d'une CIG doit reposer sur un forum composé de représentants des parlements nationaux, du Parlement européen, de la Commission européenne et des gouvernements nationaux;*

- *considérant que la Chambre des Députés doit exercer un pouvoir de contrôle sur le Gouvernement;*

- *considérant que le Gouvernement attache dans ses discours officiels une grande importance à une information exhaustive et une consultation réelle de la Chambre des Députés;*

invite le Gouvernement

- *à soutenir la mise en place d'un organe composé de représentants du Parlement européen, de la Commission européenne et des parlements et gouvernements nationaux;*

- *à s'engager pour un caractère représentatif du mode de fonctionnement interne de cette Convention afin de permettre une représentation équitable de*

toutes les forces politiques des pays membres et en association avec les pays candidats;

- à veiller à ce que la Convention assure une information et une consultation régulières des organisations non gouvernementales (ONG) par le biais d'une structure à définir en concertation étroite avec les ONG;

- à continuer à impliquer la Chambre des Députés dans la préparation et l'évaluation des positions du Gouvernement lors des conseils ministériels européens futurs et à assurer que cette implication se caractérise par un vrai débat contradictoire préalable.

Vote

Wien ass fir d'Motioun?

Wien ass dergéint?

D'Motioun ass also eestëmmeg ugeholl.

Mir kommen elo zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4783.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwert de Projet de loi of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 57 Stëmme géint 1 an 2 Abstentionen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par Mme Lydie Err), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Marc Zanussi), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

A voté non: M. Aloyse Bisdorff.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero et Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann zur Motioun 2, déi och vum Här Huss déposéiert ginn ass. Den Här Huss freet d'Wuert.

Motions (Suite) et Résolution

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här President, et geet bei där Motioun drëm, datt mir der Meenung sinn, datt wann dee Konvent déi ganz Diskussioun ofgeschloss huet, dann e Referendum, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä an allen europäesche Länner soll duerchgefëiert ginn. Mir fuerdere just, datt eis Regierung sech soll an deem Sënn asetzen, fir dat méiglech ze maachen, an zwar ier an deenen eenzelnen nationale Parlamenter d'Randifikatioun stattfënnt, net duerno.

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger freet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, mir kënnen mat där Motioun net d'accord sinn, well mer der Meenung sinn, datt et e Referendum gëtt, deen all fënnf Joer stattfënnt, nämlech d'Electiounen législatives, an dofir musse mer dës Motioun ofleenen.

M. le Président.- Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wollt soen, datt dat hei awer e bëssen eppes aneshtes ass wéi sech einfach op e Referendum ze stäipen, dee soi-disant all fënnf Joer duerch Wale stattfënnt. Bei där Randifikatioun, déi no 2004 kënnt, geet et ëm ganz substantiell Froen. Do geet et ëm Froen, déi wahrscheinlech och eis Verfassung betreffen.

Ech wëll den Här Rippinger drun erënneren, datt d'Demokratesch Partei ganz staark Bedenken hat wéi mer den Traité vu Maastricht diskutéiert hunn, wou och esou Froen dra waren, ob een net hätt missen am Virfeld souguer d'Parlament opléisen an dann eréischt duerno den Traité ratifizéieren. Dat heescht, eigentlech Bedenken hat, déi an eng ähnlech Richtung gi bei esou engem wichtege Schrëtt fir d'Zukunft fir Europa a fir Lëtzebuerg.

Ech mengen, dat hei ass wierklech eppes wesentlech aneshtes. Mir sinn als Gréng net der Meenung, datt ee bei all Randifikatioun oder bei all Klengcheet soll iwwer e Referendum fueren, mä bei esou Saache wéi déi hei, wou et ëm d'Erweiderung geet, wou et ëm wierklech substantiell Froen geet, kënnt ee sech dat duerchaus virstellen. En plus steet jo och net an der Motioun Lëtzebuerg soll dat am Alleingang maachen, mä mir verlaangen, datt d'Lëtzebuerger Regierung sech soll engagéieren, fir ze versichen op europäe-

schem Niveau en europäesche Referendum zustanen ze bréngen. Et ass natierlech keng einfach Saach, fir dat ze realiséieren. Et muss ee préiwen, ob dat méiglech ass, och en fonction vun deenen eenzelnen nationale Gesetzgebungen, mä ech mengen awer, datt et duerchaus kee falsche Wee wär, wann eis Regierung sech géing engagéieren an esou eng Richtung ze goe wéi déi do.

M. le Président.- Den Här Ben Fayot huet d'Wuert gefrot.

M. Ben Fayot (LSAP), co-rapporteur.- Här President, esou sympathesch et och ass, fir esou vill wéi méiglech Leit ze konsultéieren, muss ech dach soen, datt déi Motioun hei eng Partie Froen opwerft.

1. Et steet do, datt mer sollen um europäesche Plang fir e Referendum oeuvréieren. Iwwer wat mer genee wëllen dee Referendum féieren ass net hei gesot.

2. Wat ech nach méi problematesch fannen ass, dass déi Konsultatioun soll no de Konklusione vum Forum oder vum Konvent stattfannen a virun der Ratifikatioun vun deem nächsten Traité duerch d'national Parlamenter. Da froen ech mech awer wat dann déi Ratifikatioun duerch d'national Parlamenter fir e Sënn huet, wa mer virun e Referendum ofhalen, souguer wann deen nëmme konsultativ ass.

Aus deenen Ursaache si mir mat dëser Motioun net d'accord.

M. le Président.- Den Här Henckes huet d'Wuert gefrot.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Mir sinn als ADR permanent fir de Referendum agetratt. Mir hunn eng Proposition de loi an deem Sënn abuecht. Mir hunn um Niveau vun der Institutiounskommissioun vun dëser Chamber de Prinzip vum Referendum zréckbehalen a mir mengen, datt et wichteg ass, datt een e Referendum mécht an alle Länner vun Europa. Dat stong an onsem Walprogramm.

Et steet an der Motioun, datt „au niveau européen“ soll versicht gi fir datt deeselwechten Dag an all Land kann e Referendum erfollegen. Et ass evident, datt weder onst Parlament nach d'Regierung dat kënnen duerchsetzen, mä si sollen op jidde Fall dofir anrieden. A selbstverständlech beinhalt et och an onsen Aen, datt hei zu Lëtzebuerg op deem Punkt e Referendum soll stattfannen. Esou versti mir et.

An deem Sënn kënnen mer och mat där Motioun hei d'accord sinn. Ob de Referendum elo soll virdru kommen oder hannendrun, ech mengen, dat ass deelweis nach secondaire. Dat Wichtigst ass, dass d'Vollek befrot gëtt an datt et seng Meenung zu deem zukünftigen Europa soll ginn, d'autant plus well mer wëssen, datt 2004 ganz wichteg Décisiounen virun der Dier stinn.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Claude Wiseler.

M. Claude Wiseler (CSV).- Här President, ech wollt just soen, datt mer Schwieeregekeiten hu mat dëser Motioun aus enger ganzer Rei Grënn, wou ech der awer nëmmen zwee wëll nennen.

1. Effektiv ass de Libellé relativ flou, well een net weess wéini wat wou mat esou engem Referendum gemengt ass, wat den Inhalt soll am groussen Ganze sinn.

2. Haaptsächlech och, well mer der Meenung sinn, datt et net un eiser Regierung ass fir deenen anere Länner ze soen a virzeschreiwe wéi si an der Konsultatioun an am Dialog mat hire Bevëlkerungen sollen ëmgoen. Et sinn awer hei schonn d'national Prozedur konzernéiert an dat misst een och an deem Sënn respektéieren.

Wa mir eng Motioun stëmmen, da solle mer dat maache wat eis als Land direkt eppes ugeet, mä wéi déi aner hir Dialogen organiséieren, dat, mengen ech, fällt awer ënner hire Ressort.

M. le Président.- Här Bausch, Dir hutt jo scho geschwat!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Ech hunn nach Riedezäit, Här President.

M. le Président.- D'Saach ass jo awer kloer, mä als Fraktiounsspriecher kritt Dir nach eng Kéier d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Ech wëll just soen, dass mer nach e bësse Riedezäit hunn. Ech sinn och kuerz, Dir braucht lech keng Suergen ze maachen.

Ech wollt just zu där Fro soen, firwat mir hei dra stoen hunn, dass een dee Referendum soll maache virun der Ratifikatioun, aus engem ganz einfachen Grond, Här Fayot. Well mer der Iwwerzeugung sinn, datt duerch déi Referenden, déi ëmmer stattfannen nodeem den Traité ënnerschriwwen ginn ass, wéi zum Beispill an Irland, d'ganz Communautéit an eng drolech Situatioun bréngt. Et weess jo all Mënsch, datt duerch de Fait, datt an Irland dee Referendum negativ ausgefall ass, och de Kommissiounspresident an eng schwéier Argumentatiounsbredouille bruecht huet, wéi et soll weidergoen.

Aus deene Grënn géinge mir et sënnooll fannen, datt bei där hei Geschicht dee Referendum soll am Virfeld stattfannen. Wat soll genau herno ofgestëmmt ginn, dat ass jo Matière à discuter, wann dee Forum an déi ganz Konsultatiounen fäerdeg sinn.

Ech wëll dem Här Wiseler just soen, datt an der Motioun net steet, datt mir deenen anere Länner eppes wëlle virschreiwen. Um Niveau vum Conseil des Ministres gi vill Saachen proposéiert vun eenzelne Länner.

Dat hei ass eng Meenung, déi mir kënnent virdroen, an net eng Virschreift an et kënnent sech jo duerchwegs erausschelen, datt een am Kader vun der Diskussioun

iwwer esou eng Prozedur eng eenheetlech Meenung kënnt fannen op europäeschem Niveau.

Selbstverständlech ass dat hei nëmmen ëmsetzbar, wann all 15 Länner d'accord si fir et ze maachen. An där Hinsicht mengen ech schonn, datt déi Motioun hei zwar gewëssen Zeeche setzt, mä awer relativ vill Spillraum opléisst fir d'Regierung, wéi se kënnt œuvreieren.

M. le Président.- Mir stëmmen elo iwwert d'Motioun of.

Vote

Déi fir d'Motioun 2 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

D'Motioun ass mat 43 Stëmme géint 13 an 2 Abstentione verworfen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Paul Helminger), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké et Georges Wohlfart.

Se sont abstenus: Mme Lydia Mutsch et M. Marc Zanussi.

Mir kommen dann zu enger Resolutioun, déi och abruecht ginn ass vum Här Huss.

Den Här Huss freet d'Wuert.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här President, ech hunn a groussen Zich déi Resolutioun virdu schonn erkläert. Ech wëll just nach eng Kéier soen, datt et hei ëm een zentrale Punkt geet, nämlech dorëm, datt mer en Débat d'orientation solle maachen, wéi dës Chamber an hir Kommissioun besser kënnen an der Virbereedung vun deenen europäeschen Aarbechte mat implizéiert ginn, fir demokratesch kënnen matzebestëmmen.

M. le Président.- Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, déi Resolutioun hei geet an déiselwecht Richtung wéi eng Motioun, déi mir schonn eng Kéier proposéiert haten, wou mer d'Regierung opgefuerdert hunn, datt all Ministere bereet sollte sinn an d'Kommissioun ze kommen an do mat ons iwwert dee Conseil des Ministres ze diskutéieren.

Ech mengen, datt déi hei Debatt héchstwahrscheinlech wäert an déiselwecht Richtung goen. Doriwwer eraus, wann ee wëllt am europäeschen Dossier matschaffen, da muss ons Chamber dat néidegt Personal kréien. Dofir wier et richtig, wa mer déi Debatt hei géife féieren.

Mir wäerten déi Resolutioun ënnerstëtzen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Paul Helminger.

M. Paul Helminger (DP).- Här President, zwou Saachen.

1. Mir hunn, ier mer de Vote zum Traité geholl hunn, à l'unanimité eng Motioun ugeholl, wou mer an engem leschten Dispositif eis dofir ausschwätzen, datt d'Chambre des Députés an der Evaluatioun vun de Positions du Gouvernement, an zwar ass preziséiert ginn, datt et net nëmmen ëm d'Conseile geet, mä och ëm d'Aarbechten an de Kommissiounen, soll méi intensiv matageschalt ginn.

2. Mir sinn amgaang an der Commission des Affaires étrangères, zesumme mat der Regierung, eng breet ugeluegten Diskussioun an der Opinion publique ze preparéieren, déi ëm eng Rei Froen geet an eng vun deene Froen ass précisément déi, wéi d'national Parla-menter könnte méi implizéiert ginn an d'Definitioun an an d'Diskussioun vun där europäescher Zukunft.

Ech géing also mengen, datt engersäits de leschte Paragraph vun där Motioun, déi mer gestëmmt hunn, dans l'immédiat wierklech misst duergoen. Déi Diskussioun, déi mer féieren, soll jo précisément zu engem Débat hei an der Plénière féieren, nach virum Enn vun dësem Joer iwwer alleguer déi Froen, déi an deem breeden Débat sollen diskutéiert ginn, y compris déi hei, datt also déi parallell Diskussioun vun engem Débat d'orientation, mat all deem Opwand, deem dat kascht - a bréinge mer dat iwwerhaupt fäerdeg an enger räsonnabler Zäit -, am Fong sans objet ass.

Et géing mer leed di fir dergéint ze stëmmen, well mir hunn deem Débat hei, mä wann en esou gefrot gëtt wéi dat hei, kënnen mer net domat d'accord sinn, well et mécht wierklech double emploi mat all deenen Efforen, déi mer amgaang sinn ze maachen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Ben Fayot.

M. Ben Fayot (LSAP), co-rapporteur.- Här President, déi Resolutioun ass ons selbstverständlech sympathesch. Mir gesinn natierlech och, dass eng gewëssen

Iwwerschneidung ass mat der Resolutioun, déi mer schonn eng Kéier geholl hunn, mä et ass scho wichteg, dass d'Chamber wierklech eng Kéier fir sech selwer sech Gedanke mécht iwwer hir Interna, dat heescht iwwert d'Manéier wéi se sech ausstatt, wat am Fong geholl net esou eppes mat där Resolutioun ze dinn huet, déi mer den 21. Mäerz hei geholl hunn, déi méi déi politesch Implikatioun concernéiert.

Ech menge schonn, dass d'Chamber eng Debatt ënnert sech muss féieren, ob dat elo am Plenum muss sinn, dat sief dohi gestallt, mä jiddefalls an hiren Organes dirigeants, fir ze kucken, wat fir Mëttelen dass se zur Verfügung stellt, fir déi Aarbecht, déi se wëllt ophuelen, nämlech déi Dossiere vun deene verschiddene Ministerréit seriö ze kucken, kënnen ze bewältegen.

Dat ass de springende Punkt bei der Saach an deem Débat, dee musse mer ënnert de Fraktiounen féieren, ënnert de Fraktiounsprésidenten, an der Conférence des Présidents, am Büro, an et wär och net schlecht, dass wa mer no baussen en Zeeche wëlle ginn, fir dat dann eng Kéier hei an der Plénière kuerz ze maachen. Dat ass de Punkt an deem kënne mer natierlech mat ënnerstëtzen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean Huss.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). Här President, et geet wierklech an deem Débat drëm, wéi d'Chamber dat soll maachen, wat fir eng Moyene se sech gëtt.

Ech fannen, dass dat en Débat d'orientation an der Chamber wäert wier. Ech verstinn awer d'Argumentatioun vum Här Helminger net ganz, well en huet am Fong jo dat confirméiert, wat mir gären hätten. Et ass guer keen double emploi, mir verlaange just en Débat d'orientation. Wa souwéissou ee soll gemaach ginn, da kënnt Der jo derfir stëmmen.

M. le Président.- Här Huss, kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Négation)

Mir maachen also e Vote électronique.

Vote

Déi fir d'Resolutioun sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

D'Resolutioun ass mat 34 Stëmme géint 24 bei enger Enthaltung verworfen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Marc Zanussi), MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

S'est abstenue: Mme Lydie Err.

2. Discours de M. Jean Spautz, Président de la Chambre des Députés

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn elo um Enn vun eise parlamentareschen Aarbechte virun der grousser Vakanz ukomm. Och wann et zum Schluss e bësse méi hektesch zougangen ass, wéi dat muncherengem léif war - mä et ass scho bal zur Traditioun ginn -, huet sech eis Chamber mat grousser Asaz beméit, fir d'Mandat, dat si vum Vollek kritt huet, beschtméiglechst auszuféieren. 71 Plenarsitzungen, zesumme mat de Virbereedungsarbeitsan Honnerte vu Kommissiounssitzungen, sinn eng stolz Bilanz.

Natierlech ass esou e Pensum nëmmen dann ze bewältegen, wann d'Chamber mat der Regierung, dem Conseil d'Etat an deenen aneren Organes consultatifs Hand an Hand schafft. Hir an dem Personal aus deene Gremien, de Fraktiounen a vun der Verwaltung gëllt dofir haut eise spezielle Merci, grad esou wéi de Medien, déi iwwert eis Aarbechte berichten an déi Leit, déi dofir suergen, datt Uerdnung am Haus ass.

Dëst Joer war déi éischt Sessioun, déi ënnert dem Wierke vun eise Grand-Duc verlaf ass. Déi iwweraus grouss Popularitéit, déi Hien an d'Grande-Duchesse genéisst - vum offiziellen Optritt hi bis zur Visite an der klengster Uertschaft - bréngt zum Ausdruck, dat d'Awunner aus deem Land sech dach méi déif mat hiren Institutionen verbonne fillen, wéi dat oft de Schain huet.

Dës Verbonnenheet ass en Zeeche vu Vertrauen, dat et heescht oprecht ze erhalen. E fait a geruet zesummeschaffen tëschent Majoritéit an Oppositioun, kloer Richtlinie bei gesellschaftleche Problemer an e konstruktive Bäitrag an de parlamentaresche Gremien op internationalem Plang sinn am groussen Ganzen